# INFO BLAT

°01 23

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 25. JANUAR 2023

Actualités | Annuaire | Contactez-nous | Développement urbain | DIFFMAG | Emploi | Events | Formulaires | Revue de presse | FR / EN / DE

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

ATTENTION Les formulaires d'inscription pour l'éducation précoce et pour la classe en forêt sont en ligne. Fermer ×

# Conseil communal du 24 janvier 2024

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CHARLÉ Zenia (LSAP) | MULLER Erny (LSAP) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | OLTEN Claude (CSV) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | TEMPELS Guy (CSV) |

**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

**INFO BLAT 01 23**

**COMPTE-RENDU DU 25 JANVIER 2023**

4-52

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 01-2023**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 18 MAI 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Pierre Hobscheit (LSAP), Fred Bertinelli (LSAP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Désignation du lieu de réunion des séances du conseil communal.**
2. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Projets communaux — devis et décomptes :**
   a. Travaux d'aménagement d'un parc avec pont pour piétons derrière la station Gulf — plan et devis, article budgétaire 4/625/221313/23004 ;
   b. Bassins d'eau — réparation et remplacement d'équipements techniques — devis pour le bassin Rattem, article budgétaire 4/630/222100/99004 ;
   c. Aménagement d'un terrain multisport au lotissement cité O et rénovation du terrain multisport au plateau Funiculaire — décompte, article budgétaire 4/810/221313/18004.
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :**
   a. PDAT2023 — Programme directeur d'aménagement du territoire — avis ;
   b. Demande de morcèlement de terrains situés route de Pétange à Niederkorn.
5. **Finances communales :**
   a. Emprunt auprès des établissements de crédit visant à équilibrer le budget de 2023 — décision de principe ;
   b. Mesures liées à la vie associative dans le cadre de la crise sanitaire liée à la COVID-19 pour l'exercice des clubs de 2021 (exercice budgétaire 2022).
6. **Personnel communal :**
   a. Organigramme du personnel communal — actualisation (création de postes carrière B1 aux services scolaire et informatique) ;
   b. Ajustement des indemnités versées aux collaborateurs de l'équipe de médiation.
7. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié concernant l'acquisition de deux garages situés rue du Chemin-de-Fer à Differdange ;
   b. Contrat de coopération avec l'État du grand-duché de Luxembourg portant sur l'archivage communal ;
   c. Convention tripartite relative à l'organisation et le financement des activités de l'Office social de Differdange pour l'exercice 2023 ;
   d. Conventions tripartites relatives à l'organisation et le financement des services pour jeunes pour l'exercice 2023 ;
   e. Deuxième avenant à la convention 2022 du service d'éducation et d'accueil ;
   f. Premier avenant à la convention pour les systèmes de collectes sélectives d'emballages signée avec l'ASBL Valorlux ;
   g. Contrat de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub ;
   h. Contrat de bail pour une maison unifamiliale située dans la rue de la Métallurgie à Oberkorn ;
   i. Convention de mise à disposition d'un logement communal dans la Grand-rue à Differdange.
8. **Règlements communaux :**
   a. Règlement des taxes, tarifs et prix : modifications aux chapitres E-3 Déchets et C-4 Blues Schoul ;
   b. Règlements temporaires de circulation de circulation.
9. **Changements au sein de commissions consultatives.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance du premier conseil municipal de l'année 2023 en souhaitant à tous une bonne année et une bonne santé. Elle aborde ensuite le premier point de l'ordre du jour, concernant la poursuite des réunions du conseil communal au hall O jusqu'au 31 mars 2023.*
*(Vote)*
*En ce qui concerne le Minett Park, une nouvelle directrice a été nommée par intérim après la démission de Frédéric Humbel. La personne en question est madame Robyn Wehles, retenue par le comité de recrutement après un processus de sélection, où trois candidatures ont été examinées.*
*La bourgmestre mentionne également une nouvelle loi sur les agents communaux entrée en vigueur le 1er janvier 2023. Bien que son application soit facultative pour la commune, ils ont décidé de la mettre en œuvre. Cela implique des formations spéciales pour les agents, qui passent de la carrière B2 à la D1. La bourgmestre explique que les agents municipaux peuvent désormais dresser des procès-verbaux en cas d'infractions administratives, avec des amendes allant de 25 € à 250 €. Si l'amende n'est pas payée, l'affaire sera transmise au ministère de l'Intérieur. Elle détaille également les compétences élargies des agents dans le domaine pénal, notamment en matière de pêche, de gestion des déchets et de la législation sur les chiens.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, an eisem éischte Gemengerot am Joer 2023. Wënschen Iech alleguerte vill Gléck am neie Joer an eng gutt Gesondheet all deene Leit, déi ech nach net gesinn hunn.

Ech géif direkt op de Punkt 1 vum Ordre du jour kommen. Do geet et drëm, wou mer weiderhin tage wäerten als Gemengerot. Mir proposéieren, de Gemengerot, wéi d'Gesetz et erméiglecht, weiderhin hei am Hall O ofzehalen, op d'mannst bis den 31. Mäerz 2023. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner le lieu de réunion des séances du conseil communal.*

Unanime. Entschëllegt, ech hunn nach vergiess ze soen, den Här Fred Bertinelli vun der LSAP an den Här Pierre Hobscheit sinn entschëllegt fir dëse Gemengerot.

Da si mer beim Punkt 2, de Kommunikatiounen. Ech hunn der e puer. De Minett Park huet eng nei Directrice, no der Demissioun vum Frédéric Humbel. Si ass am Moment faisant fonction an der Persoun vun der Madamm Robyn Wehles. Si huet scho geschafft am Minett Park. Mir haten e Rekrutement, aus deene sech dräi Kandidaturen erausgeschielt hunn. Eng huet sech fräiwëlleg zréckgezunn, soudass nach zwou Persounen iwwreg bloufen. An do ass d'Madamm Robyn Wehles vum ganze Comité de recrutement festgehale ginn.

D'Gesetz iwwer eis Agenten ass zënter dem 1. Januar 2023 a Kraaft. Déi ganz Ëmsetzung vun deem neie Gesetz ass u sech fakultativ. Dat heescht, mir sinn als Gemeng net obligéiert et ëmzesetzen. Well mir dat awer als Schäfferot wëllen transposéieren, setze mer et parallel ëm, dass eist Policereglement och iwwerschafft an an deem Sënn adaptéiert gëtt. An eis Agente sech dann och schonn ageschriwwen hunn a Formatiounen, déi se musse maachen, fir hir Funktioun kënnen auszeüben.

D'Policereglementer mussen dann och – dat wësst Der – dem Gemengerot virgestallt a presentéiert ginn an och hei gestëmmt ginn. Soudass Der um Lafende wäert bleiwen, wou mer an där Demarche dru sinn.

Wat ass elo déi Kompetenzerweiderung vun eisen Agents municipaux? Ech hunn et gesot, d'Gesetz ass a Kraaft ab dem 1. Januar 2023. All d'Agente mussen eng speziell professionell Formatioun maachen. D'Agente switche vun der Karriär B2 an d'D1.

Am administrative Beräich si 17 Punkten. Ënner dem Artikel dräi vum Gesetz kënnen d'Agent-municipallen opschreiwen. Dat dierf all Agent plus all Garde champêtre maachen ab dem Service provisoire. E muss just vereedegt si vum Buergermeeschter respektiv der Buergermeeschtesch.

All Vergoe vun deene 17 Punkten, déi mir opgeholl hunn, kascht 25 Euro. Wann d'Leit déi 25 Euro bezuelen, dann ass d'Strof erleedegt an et komme keng Suitten. Bezilt de Verursaacher net, da geet et op de Ministère de l'Intérieur. Do ass en Agent sanctionnateur, dee sech ëm den Dossier wäert këmmeren. An deen decidéiert dann, ob d'Vergoe falegelooss oder d'Strof erhéicht gëtt.

Dobäi kommen 20 Euro Frais administratifs an eng Geldstrof tëschent 25 an 250 Euro. Wëll de Verursaacher dat och net bezuelen, da geet et op d'Geriicht.

Am administrative Beräich ënnerstinn d'Agenten dem Buergermeeschter.

Dann hu mer an deem Gesetz och e penale Beräich. Do geet et ëm d'Fëscherei, ëm d'Honds- an d'Dechetsgesetz. Déi kommen dobäi fir all Agent municipal, deen de Promotiounsexamen huet an dee vum Geriicht vereedegt ginn ass. Fëscherei an d'Dechetsgesetz ginn iwwer en Avertissement taxé oder e Procès verbal ausgestallt. D'Hondsgesetz ass ëmmer iwwer e Procès verbal.

Am penale Beräich ënnerstinn d'Agenten dem Procureur d'état. Den Agent muss déi Lëtzebuerger Nationalitéit

hunn, fir am penale Beräich dierfen ze schaffen.

Wat sinn hir Aufgaben? D'Ariichte vun engem Service communal de proximité ass enger Gemeng fräigestallt. Dësen huet awer fënnef Missiounen. Éischtens: d'Sensibiliséierung vun de Bierger fir d'Sécherheet, fir d'Preventioun a fir déi geltend Gesetzer a Reglementer. Zweetens: d'Meldung vu Sécherheets-, Ëmwelt- a Stroosseproblemer un déi zoustänneg Servicer. Drëttens: Leit iwwert d'Strooss begleeden, dat heescht déi berüümte Schülerlotsen. Véiertens: d'Iwwerwaachung vu Persounen. Persoune bezitt sech an dësem Fall drop, Entréesbilljeeën ze kontrolléieren. Dat dierfen se dann och, bei Veranstaltungen, déi d'Gemeng organiséiert huet. A fënneftens: d'Ënnerstëtzung vun de Leit, déi Affer duerch en Accident, eng Noutlag oder soss e Problem gi sinn.

Ech komme kuerz op de momentanen Effectif vun eisen Agenten zréck. 14 Agente schaffen am Moment op der Gemeng. 12 Agente sinn Agent municipal plus Garde champêtre. Et ass awer nëmmen een Agent Garde champêtre an een Agent eleng Agent municipal.

Déi Nei hunn d'Formatioun, déi vum Gesetz verlaangt gëtt, schonn an hirer Ausbildung. Dat heescht, wann déi ufänken, hunn déi déi zousätzlech Formatioun schonn. Déi Leit, déi scho méi laang am Déngscht sinn, déi huelen déi nodréiglech no, wou se och schonn ageschriwwe sinn.

Ab dem 1. Januar 2023 gëtt et keng Garde-champêtrë méi. Déijéineg, déi d'Funktioun hunn, déi behale se. Dat heescht, eise Garde champêtre bleift Garde champêtre, mee et gi keng nei méi ausgebilt.

Dat ass d'Kommunikatioun par rapport zu eisen Agenten.

De Pot de nouvel an, dee jo nei ass, ass geduecht, fir alleguerten d'Leit, déi zesumme mat der Gemeng schaffen, anzelueden. An d'Personalfeier fir d'Gemengepersonal. Ech kann et erklären: Et sinn esou vill Invitatiounen erausgaangen, mir kréien dat am Ganzen net méi geréiert. Dofir hu mer fonnt, dass et och flott ass, wann d'Personal ënner sech ass a mir kënnen zwou Manifestatioune maachen.

Ech gratuléiere fir d'Tombola. An der Collecte vum Télévie sinn deen Owend 2.189 Euro erakomm. 1.468 Euro Cash a 721 iwwer Payconiq. Mir hunn do gutt geschafft.

D'Maison relais huet och gutt geschafft a gesammelt fir den Télévie. D'Fotoen, d'Resultat wäert Der am nächsten Diffmag gesinn, wat se do u Montanten, déi net negligeabel sinn, zesummegesammelt hunn.

Wann Der mer erlaabt, switchen ech elo direkt an d'Maison relais iwwer fir Kommunikatiounen. Am Gemengerot vum 30. November 2022 hate mer, ënner anerem, d'Aschreiwungen an eiser Crèche a virun allem am Kornascht gekuckt. Déi gefouert Lëscht vum Kornascht, d'Liste d'attente, war fir déi vergaange Rentrée 2022/2023 esou héich wéi nach ni virdrun. Et huet sech ëm 70 Kanner gehandelt. Am Verglach: 2021 stounge 24 Kanner op der Liste d'attente.

Wat heescht dat? Dat heescht, dass Mathendahl lues a lues ufänkt, Wierkung ze weisen. Dat heescht, et si vill Leit dohinner geplënnert. An déi froen natierlech eng Plaz am Kornascht.

Wéi mer schonn eng Kéier hei am Gemengerot ugeschwat hunn a fir heirobber ze reagéieren, goufen an enger gemeinsamer Versammlung vum Service SEA, a Kollaboratioun mat de Responsabele vun der Crèche, follgend Adaptatioune proposéiert.

Vu dass d'Waardelëscht esou laang ass an ee kee soll onnëtz waarde loossen, hu mer decidéiert, d'Plaze prioritär u Familljen ze ginn, déi hei an der Gemeng wunnen. Virdrun hate mer och Familljen aus anere Gemenge geholl, mee dat ass am Moment net méi méiglech.

De Contrat d'accueil gëtt elo op dräi Joer begrenzt, net wéi virdrun op véier Joer. Dat ass fir d'Kanner ze motivéieren, fir an de Precoce ze goen, dee ganz wichteg ass.

Wa Leit aus der Gemeng plënneren, hu se een Trimestre de faveur zegutt. No

*En conclusion, elle précise que seuls les agents de nationalité luxembourgeoise sont autorisés à travailler dans le domaine pénal.*
*Ensuite, elle énonce les missions des agents municipaux. Ils sont chargés de sensibiliser les citoyens à la sécurité, de prévenir les infractions aux lois et règlements, de signaler les problèmes de sécurité, d'environnement et de voirie aux services compétents, d'accompagner les personnes dans la rue (tels que les écoliers), de surveiller les individus, et de contrôler les billets d'entrée lors d'évènements organisés par la commune. Ces agents peuvent également apporter leur soutien aux personnes touchées par un accident, une urgence ou un problème.*
*Actuellement, la commune compte 14 agents municipaux, dont un garde champêtre. La formation exigée par la nouvelle loi est déjà en cours pour les nouveaux agents, tandis que ceux qui sont en service depuis longtemps suivront la formation nécessaire. À partir du 1er janvier 2023, il n'y aura plus de nouveaux gardes champêtres, bien que ceux en poste continuent leurs fonctions sans formation supplémentaire.*
*En ce qui concerne la communication, elle annonce la création du pot de Nouvel An, destiné à inviter le personnel communal à une fête interne.*
*Ensuite, Christiane Brassel-Rausch se réjouit des résultats de la tombola et annonce la collecte réussie de 2 189 € pour Télévie. Elle mentionne également les efforts réussis de la maison relais pour collecter des fonds en faveur de Télévie.*
*Concernant les crèches, la bourgmestre explique que des ajustements ont été proposés en réponse à une liste d'attente élevée pour la rentrée 2022-2023 pour donner la priorité aux familles résidant dans la commune. Le contrat d'accueil est désormais limité à trois ans au lieu de quatre, dans le but de motiver les enfants à entrer dans le précoce. Les familles non résidentes ne peuvent actuellement pas être acceptées.*

*Ensuite, elle annonce des informations sur les inscriptions pour les vacances de Pâques et souligne le passage progressif vers des inscriptions en ligne pour les services de la commune, tout en préservant une option papier pour ceux qui en ont besoin.*
*La bourgmestre conclut en annonçant que le PPF sera envoyé au ministère de l'Intérieur avant le 15 février 2023 pour approbation.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie la bourgmestre et partage deux informations dans le cadre du Télévie. Il annonce une Science Night le 24 février au Science Center, avec des plats luxembourgeois préparés par les cantines.*
*Il fait un appel aux personnes connaissant des personnalités pour les inciter à participer Promi Dinner le 25 mars et suggère que chaque fraction propose un de ses conseillers pour servir lors de cet évènement.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *informe sur la semaine d'actions organisée par Aquasud pour le neuvième anniversaire du complexe sportif. Il mentionne la diversité des activités proposées, y compris des ateliers, des cours et des workshops, soulignant l'importance du sport pour la santé. Il note également la visite du ministre des Sports, Georges Engel, sur le site, soulignant l'importance de soutenir de tels évènements pour promouvoir le sport et la santé.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *adresse ses vœux de bonne année et de bonne santé aux membres du collège échevinal et du conseil communal.*

deenen dräi Méint verléiere si d'Plaz an der Crèche.

Dës Ännerunge ginn deementspriechend am Règlement d'ordre interne vum Kornascht adaptéiert an Iech hei am Gemengerot virgestallt.

Nach eng Informatioun zu den Aschreiwungen am Foyer vacance sfir Ouschteren a Päischten. Eng Réckmeldung vun de Vakanzenaschreiwungen, déi an der Woch vum 9. Januar bis den 13. Januar stattfonnt huet, nees online a weiderhin op Pabeier als Alternativ. Mir krute 568 Online-Aschreiwungen an 90 op Pabeier eran. D'Hallschent vun de Pabeier-Aschreiwunge sinn op ukrainesch Flüchtlingen zréckzeféieren. Also si vill Leit, déi mat op de Wee gi vun der digitaler Aschreiwung.

De Schoulservice wäert och lues a lues op dee Wee goen, am Sënn vu Pabeier aspueren, am Sënn vu Ressourcen aspueren. Och am Precoce wäerten déi éischt Online-Aschreiwunge stattfannen, natierlech ëmmer mat der Méiglechkeet, sech op Pabeier anzeschreiwen, wann d'Leit d'Méiglechkeet oder d'Moyenen net hunn.

Wann de PPF finaliséiert an un de Ministère de l'Intérieur geschéckt ginn ass, wou e muss approuvéiert ginn, kritt Dir en en bonne et du forme à titre d'information virum 15. Februar 2023 zougeschéckt, sou wéi et am Gesetz virgesinn ass.

Dat sinn d'Kommunikatioune vu menger Säit. Ech géif d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt Iech zwou Save the dates matdeelen am Kader vum Télévie.

Freides, de 24. Februar wäerte mer eng Science Night am Science Center organiséieren, wou et Lëtzebuerger Kascht wäert ginn, an Zesummenaarbecht mat eise Kantinnen, déi sech bereeterkläert hunn, fir de Menü ze maachen. Hinnen elo scho Merci vun hei aus.

Samschdes, de 25. Mäerz ass dat sougenannte Promi-Dinner. Do wollt ech en Opruff maache fir Leit, déi Promie kennen, dass déi eis hëllefen, vläicht déi ze rekrutéieren, fir dass si sollen dohinner goen. Op där anerer Säit wollt ech froen, dass all Fraktioun, wa se bereet sinn, eis ee vun hire Conseilleren oder Conseillèren zur Verfügung ze stellen, fir ze zerwéieren op deem Promi-Dinner. Da misst Der mir dat matdeelen, wann Der wëllt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Zënter der Ouverture huet d'Ekipp vum Aquasud all Joer am Kader vun hirem järleche Bestoen eng Aktiounswoch organiséiert betreffend een hinnen noleiend Theema.

Dëst ass och erëm dës Woch fir den néngten Anniversaire vum Komplex de Fall, wou sech alles ëm d'Sportsanté dréit. An dësem Kader ginn etlech Atelieren, Workshops, Coursen a villes méi proposéiert. All Informatioune kann een um Site selbstverständlech consultéieren.

Net méi spéit wéi gëschter huet den Här Georges Engel, Sportminister, eis mat senger Visitt um Site gehéiert. Hie wollt sech dës Opportunitéit net entgoe loossen, fir sech e bessert Bild vun de flotten ëmgesaten Evenementer ze maachen.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, wéi wichteg de Sport an d'Gesondheet ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Aguiar. Den Här De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, och vu menger Säit all Guddes am neie Joer,

eng gutt Gesondheet fir Iech an Är Famill.

Ech hunn zwou kleng Kommunikatiounen. Wéi Dir matkritt hutt – an Dir sidd jo och vum Ministère invitéiert ginn –, gëtt d'Vëlospist PC 8 nächste Méindeg um Véierel vir eelef ageweit. Wann ech mech net ieren, gouf dee Projet 2013 vum Här Liesch lancéiert. Leider huet et zéng Joer gedauert, bis mer dann elo endlech bei der Aweiung sinn.

An der Mail stoung, et kéint ee sech bis e Freideg per Mail beim Ministère umellen. Mech géif et freeën, Iech do ze gesinn.

Déi aner Kommunikatioun, do hutt Der och schonn eng Invitatioun kritt: Mir hu wëlles, eng Konventioun mat Editus ze ënnerschreiwen. Am Kader vun eiser City-Management-Strategie hate mer en Echange mat der Societéit Editus. Déi een Tool entwéckelt huet, déi enger Gemeng soll opweisen, wou d'Fluxe vu Passanten am Stadkär stattfannen, wéi vill Leit ëm wéi eng Auerzäit wou shoppen, iessen, wou se sech ophalen, wéi eng Altersklass, Nationalitéiten a sou weider. Dat ass ganz wichteg.

Et handelt sech ganz kloer ëm ee Cluster vu Leit, ni ëm Eenzelpersounen. Deen Tool erlaabt eis, d'Fluxen an der Stad, wéi och an der Mobilitéit, e bëssen ze kucken, wat fir ee Verkéier mir eigentlech duerch d'Stad hunn, ob dat Transitverkéier ass, Frontalieren, déi entweeder op Déifferdeng kommen oder nëmmen duerch Déifferdeng fueren.

Déi Donnéeën – déi sensibel sinn – wollte mir Iech presentéieren. Dir sidd häerzlech invitéiert, Iech dat ulauschteren ze kommen an och Froen ze stellen. Dat wier d'nächst Woch e Freideg um hallwer néng. Am Kader vun enger Schäfferotssëtzung kënnt d'Direktioun vun Editus mat hirem DPO op d'Gemeng, fir eis doriwwer opzeklären. Ech wier frou, wann Der zuelräich kéimt. Do kënnt Der Froen zu deem Theema stellen. Dat ass technesch, déi wëssen doriwwer Bescheed.

Dat wier alles vu menge Kommunikatiounen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här De Sousa. Ech wollt froen, ob nach Froen unzemelle wären. Här Weirich. Wéi üblech huele mer déi um Schluss vun der Séance publique.

Da géife mer weiderfueren, da si mer schonn beim Punkt 3, do geet et ëm Gemengeprojeten, Devisen an Dekonten. Dat eent ass e Park an eng Foussgängerbréck am Agang vun eiser Stad um Rond-point vun der Rocade. An dofir géif ech d'Wuert dem Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et ass e flotte Projet. Duerch eng Konventioun mat ArcelorMittal kënne mer dat ganzt Areal benotzen. Dat war am Fong e Wildwuchs, dat huet e bëssen ausgesi wéi eng Dschungel. Mir wäerten dat elo amenagéieren, soudass mer do eng Verbindung hierstellen tëschent der Cité Henri Grey an der Piste cyclable, déi laanscht d'Rocade geet. Esou huet ee vun där Säit aus eng besser Verbindung op d'Piste cyclable. Dat soll d'Méiglechkeet schafen, dass d'Leit net um Rond-point vun der Piste cyclable eriwwer fueren, mee d'Cité Henri Grey eriwwer fueren. Wat fir d'Sécherheet vun de Leit eng gutt Saach ass.

D'Passerell huet eng Längt vu ronn 40 Meter, gëtt zu 100 % aus Douglasienholz gebaut, dat waasserfest ass. Déi 40 Meter kann een als eng Aart kleng Passerell vu jee fënnef Meter ugesinn, déi op Bëtonsfundamenter verankert gëtt. D'Bëtonsfundamenter musse mer maache wéinst der Fiichtegkeet. Déi mussen aus Béton armé bestoen. Et handelt sech ëm néng Fundamenter mat enger Breet vun 2,3 Meter, awer enger variabeler Héicht a Funktioun vum Terrain. D'Fundamenter sinn zum gudden Deel ënner dem Buedem, soudass ee finalement nëmme 50 Zentimeter bis maximal 1,5 Meter Bëton gesäit.

Eng quasi identesch Passerell hu mer schonns beim Parking Woiwer gebaut, fir op de Site Servior ze kommen. D'Passerell selwer huet eng Breet vun 2,3 Meter. Soudass, wann een d'Gelänner ofzitt, ëmmerhin nach zwee Meter

*Il partage deux communications. Tout d'abord, il annonce l'extension de la piste cyclable PC8 à partir de lundi prochain. Ce projet, lancé en 2013 par Georges Liesch, est finalement achevé. Il encourage les membres à se manifester par retour de courrier électronique s'ils souhaitent participer à l'inauguration.*
*Ensuite, De Sousa partage une invitation à signer une convention avec la société Editus dans le cadre de la stratégie du City Management. Un outil a été développé pour analyser les flux de passants dans la ville, y compris des informations sur les habitudes d'achat, de restauration, les heures fréquentées, les groupes d'âge, les nationalités, etc. Cet outil permettra d'observer les mouvements dans la ville et d'analyser le trafic, en identifiant les types de déplacements. Ce projet sera présenté lors d'une séance la semaine prochaine, à laquelle tous les membres sont invités. La direction d'Editus, accompagnée de son délégué à la protection des données, se rendra également à une réunion du collège échevinal pour expliquer davantage ce projet. Paulo De Sousa encourage la participation et les questions sur ce sujet.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde ensuite le point 3 de l'ordre du jour, qui concerne les projets communaux, les devis et les comptes. Elle donne la parole à l'échevin Tom Ulveling pour discuter du projet de construction d'un parc et d'une passerelle pour piétons à l'entrée de la ville, sur le rondpoint de la rocade.*

**TOM ULVELING (CSV)** *décrit le projet comme étant une passerelle en bois de Douglas d'une longueur d'environ quarante mètres, érigée grâce à une convention avec ArcelorMittal. Cette passerelle vise à relier la cité Henri-Grey à la piste cyclable le long de la rocade, offrant ainsi une meilleure liaison. La passerelle, en bois de Douglas imperméabilisé est ancrée sur neuf fondations en béton, partiellement enterrées.*
*Le projet prévoit également deux chemins qui ne suivront pas exactement les plans initiaux en raison*

*des contraintes liées aux racines d'arbres qui sont à préserver. Le schéma final offrira des zones de loisirs aux résidents du quartier. Le projet comprend l'éclairage avec quatre lampadaires, ainsi qu'une zone de détente. La construction sera effectuée par CIGL, avec les fondations réalisées par une entreprise externe. Vingt-cinq arbres malades seront remplacés.*
*L'échevin souligne l'amélioration de la sécurité grâce à la création de cette connexion entre la cité Henri-Grey et la piste cyclable, offrant une alternative plus sure pour les piétons et les cyclistes que le rond-point. Il précise que le projet coûtera 50 000 €. Les travaux devraient commencer en février avec la plantation de 25 nouveaux arbres pour compenser ceux qui doivent être retirés, et devraient être achevés en avril. Il remercie le CIGL et espère obtenir le soutien du conseil.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *soutient le projet, le trouvant excellent pour promouvoir la mobilité douce en reliant les quartiers et en créant un espace de loisirs pour les résidents. Elle suggère également la création d'un raccordement vers la piste cyclable nationale derrière la Kronospan, pour intégrer davantage le vélo dans la vie quotidienne. Elle souligne le soutien du parti déi gréng au projet, le considérant comme une excellente initiative pour promouvoir la mobilité douce dans la commune.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *prend la parole au nom de son parti concernant le projet de la passerelle piétonne entre la cité Henri-Grey et la piste cyclable le long de la pénétrante du Fousbann.*

fräie Passage fir Foussgänger a Vëlosfuerer bleiwen.

Komplettéiert gëtt déi Passerell duerch zwee Weeër. Ee schléisst un d'Cité Henri Grey un, deen aneren un d'Piste cyclable. Dee Wee wäert awer net esou riicht sinn, wéi um Plang gezeechent, well mer mussen no de Wuerzelen an de Beem kucken. Do sinn der, déi si geschützt, déi kënne mer net einfach ëmleeën, fir dass de Wee riicht gëtt. Dat heescht, dat gëtt dann e bësse Geschlängels. Riets vun dësem Wee, déi parkaarteg Anlag, déi do ass, déi gëtt gebotzt, do gëtt och e Wee derduerch gemaach. Esou hu mer e klengt Noerhuelungsgebitt do geschafen, wat deem Quartier ganz gutt doe wäert.

De Projet gëtt duerch véier Stroosseluuchte beliicht: eng an der Mëtt vun der Passerell a jeeweils eng op den Extremitéiten. Finalement, déi véiert um Wee op Säit vun der Cité Henri Grey. An der Moyenne wäert op all 20 Meter eng Stroosseluucht sinn.

Finalement kann ech nach bemierken, dass d'Konstruktioun vun dëser Passerell vum CIGL wäert duerchgefouert ginn. D'Fundamenter vum Wee gi vun enger externer Baufirma gemaach.

Ech wollt Iech och nach informéieren, dass musse 25 Beem gehae ginn. Net fir der Passerell Plaz ze maachen, mee well et sech ëm krank Beem handelt, déi riskéieren ëmzefalen. Dat ass mam Fierschter ofgeschwat. Déi wäerte Mëtt Februar gefält ginn. Ab Mäerz kënnen dann d'Fundamenter gemaach ginn. D'Bréck an d'Weeër wäerte viraussiichtlech am Abrëll fäerdeggestallt ginn.

Dat Ganzt huet e Präis vu 50.000 Euro, fir eeben dës Bréck ze bauen. Wéi gesot mam CIGL an dofir wëll ech deenen och scho vun hei aus Merci soen.

Ech soen Iech Merci. An ech hoffen, dass Der de Projet stëmmt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng fannen dat en immens flotte Projet. Mir halen net mat eiser Motivatioun hanner dem Liicht, fir all Form vu Mobilité douce ze fërderen. Et ass en immens flotte Projet, well een de Vëloswee mam Park AS Terrain an der Cité Henri Grey verbënnt. Esou gëtt e Raccordement tëschent Zolwer an Déifferdeng geschafe fir d'Vëloen an d'Foussgänger. Wou deelweis vill Verkéier ass, fir deen erofzekréien.

Wat spéiderhin immens flott wär, dass ee géif vun deem Punkt e Raccordement op den nationale Vëloswee schafen, deen hanner der Kronospan verleeft, dem PC 6. Nëmme wa mer sécher Weeër schafen, bréngen mer et fäerdeg, dass de Vëlo méi an den Alldag integréiert gëtt, wou een net ze vill an de Stroosseverkéier geréit. Mir wëssen alleguer, dass d'Vëlofueren tëscht den Autoen net sécher ass.

Flott fanne mer, dass déi Arbres remarquables geschützt ginn, dass et en Noerhuelungsgebitt gëtt, wou d'Awunner aus dem Quartier ronderëm all Dag dovunner profitéiere kënnen.

Dofir stëmme mir dee Projet mat. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Leit alleguer, am Numm vun der LSAP huelen ech zu dësem Punkt Stellung. Et handelt sech beim Projet, wéi schonns vum zoustännege Schäffen erkläert, ëm de Verbindungswee mat der Pièce maitrise, enger hëlzener Bréck tëschent der Cité Henri Grey an dem Vëloswee laanscht d'Penetrante vum Fousbann, dee Richtung Park AS Terrain verleeft.

Mir gesinn, dass an enger éischter Phas de Wee Richtung Gulf-Statioun praktesch ophält. Sollt dat net de Fall sinn,

kënnt Der mer et vläicht erklären. An dës Verbindung et elo erméiglecht, Richtung Cité Henri Grey, de Wee ze verloossen, wou spéiderhin dann eppes anescht do geschitt.

Anerersäits erlaabt et de Leit aus dësem Quartier, en Direktuschloss un den zukünftege Park ze hunn. A wéi gesot, och eng kleng Plaz, eng Virplaz, Gréngplaz mat Beem, wou ech jo och unhuelen, dass eventuell do nach Bänken hikommen, ier een eeben dann op déi eigentlech Bréck kënnt.

De Virdeel vun der Bréck ass awer och nach eiser Meenung no, fir den natierlechen Terrain ënner der Bréck weiderhin als Retentiounsfläch ze behalen. Well et ass jo en onreegelméissegen Terrain. An esou ass dat en natierleche Retentiounsbaseng am Fall vun iwwerméissege Reefäll.

Käschtepunkt 50.000 Euro. Mir begréissen, dass dat vum CIGL ausgefouert gëtt.

Als LSAP hätte mir Follgendes zum Vëloswee selwer ze soen. D'Madamm Pregno ass schonn drop agaangen. Et ass elo un der Gemeng, fir dëse Wee – vläicht zesumme mat Ponts et chaussées – laanscht déi bestoend Halen a Gulf-Statioun a Richtung Lotissement Kalekerbaach bis Uschloss un de Vëloswee vun Zolwer a Richtung Suessem respektiv Monnerech, also dem nationale Vëloswee PC 6, ze plangen. An doduerch e geschlossene Circuit ze erreechen.

Wat den Deel vun der Kalekerbaach ubelaangt, wollt ech un de Park Kalekerbaach erënneren. Mir haten de Leit vum Quartier versprach, wéi déi sougenannte Cité Kalekerbaach gebaut ginn ass, dass laanscht d'Kalekerbaach géif e klenge Park amenagéiert ginn. Änlech, wéi dat elo hei geschitt an der Cité Henri Grey. Do wëll ech de Schäfferot drun erënneren, dass mer deenen nach eppes schëlleg sinn.

Des Weidere wollt ech d'Madamm Pregno an déi gréng Fraktioun drun erënneren – oder opfuerderen, vehement beim zoustännege Minister, dem Här Bausch, ze intervenéieren – un déi Schallschutzwand laanscht d'Strooss vum Rond-point Woiwer Richtung Kronospan. Also d'Penetrante, déi eropgeet Richtung Kronospan.d

D'Schallschutzwand ass an enger Revendicatioun vun enger Biergerinitiativ, déi geleeëntlech der Virstellung vun der neier Penetrante a Presenz vum Här Bausch komm ass. Dat war nach an der fréierer Hall de la Chiers, dat ass schonn e puer Joer hier. A wou de Minister awer och gesot huet, se géifen dat kucken. An dobäi ass et nëmme bliwwen. Et ass just gekuckt ginn, mee et ass nach näischt geschitt.

Ech hoffen, dass meng Erënnerungen op oppen Ouere stoussen.

D'LSAP stëmmt d'Amenagement mat Bréck fir Foussgänger a Vëlo hanner der Gulf-Statioun. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner hu praktesch schonn alles gesot. Déi Bréck hei schéngt wierklech Sënn ze maachen, fir dee ganze Quartier mat deem Deel vun der Vëlospist ze verbannen. Hei ass et elo fir ze kucken, wéi een dee beschte Wee fënnt, fir déi Vëlospist un déi aner scho bestoend Vëlostracen op Suessemer Säit ze verbannen, fir méiglechst séier déi zwee Tronçone mateneen ze verbannen.

Ansonsten ass dat hei e ganz flotte Projet. Merci. Mir stëmmen dat natierlech mat Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Erlaabt mer, Iech ze äntweren, Här Muller. Dir wäert laachen. Ech weess net, ob scho Covid war, ech mengen net, do hate mer eng riseg Versammlung am Ministère de Transport mat ganz ville Leit an Institutiounen, déi deelgeholl hunn. Wou dem Här Bausch déi dote Fro gestallt ginn ass. Virun zwee Joer schonn. Leider hu mer Iech se dann hei net am Gemengerot matgedeelt. Mee et ass

*Il exprime son soutien au projet, soulignant l'avantage de créer une connexion directe vers le futur parc avec une place verte. Erny Muller mentionne également l'idée d'ajouter des bancs sur la passerelle elle-même, offrant ainsi un espace convivial aux résidents.*
*De plus, il met en avant l'avantage écologique de conserver le terrain naturel sous la passerelle en tant que zone de rétention en cas de fortes pluies.*
*Erny Muller aborde ensuite le sujet du développement du réseau cyclable, appelant la commune à collaborer avec l'administration des ponts et chaussées pour planifier une voie cyclable le long de la station Gulf en direction du lotissement Kalekerbaach jusqu'à la jonction avec la piste cyclable nationale PC6, reliant ainsi un circuit fermé*
*Il rappelle également les promesses faites lors de la construction de la cité Kalekerbaach concernant l'aménagement d'un petit parc le long de la Kalekerbaach, similaire à celui créé dans la cité Henri-Grey. Erny Muller soulève la question de la nécessité d'une barrière acoustique le long de la route du rond-point Woiwer en direction de Kronospan, appelant à une intervention du ministre compétent, François Bausch.*
*Il conclut en annonçant que le LSAP soutient l'aménagement de la passerelle.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *souligne le sens de la construction du pont pour relier le quartier à la piste cyclable existante. Il propose d'explorer la meilleure façon de connecter cette piste aux autres tronçons existants du côté de Sanem pour une intégration rapide. Il exprime son soutien au projet.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie Guy Tempels et répond à Erny Muller concernant la question de la construction d'une barrière acoustique, expliquant qu'avant la construction des maisons, la route était déjà en place, et les acheteurs étaient au courant de cela.*

*Elle précise qu'aucun mur antibruit ne sera construit.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son accord avec la passerelle, mais souligne que l'arrivée de la pénétrante a considérablement augmenté le trafic sur la route. Il appelle à l'intervention du ministre Bausch pour la construction d'un mur antibruit le long de la route menant à Kronospan.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie Erny Muller et mentionne que le prochain conseil municipal pourrait examiner ces questions plus en détail.*

**TOM ULVELING (CSV)** *aborde la continuité de la piste cyclable, soulignant qu'une partie du terrain nécessaire est située sur le territoire de Sanem.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que Sanem a déjà donné son accord pour la création d'une piste cyclable le long de la pénétrante jusqu'au rondpoint près de Kronospan.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch introduit le point 3 (b) concernant la rénovation d'un bassin d'eau du Rattem.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique l'importance de la rénovation du bassin d'eau du Rattem, soulignant qu'il a été en service depuis 1969 et qu'il est maintenant temps de le rénover. Il précise que la cuve nécessite une rénovation en raison de la détérioration de la couche interne, ce qui pourrait affecter la qualité de l'eau. La rénovation implique le sablage complet des cuves, le traitement du fer, le rebouchage des trous, et enfin l'application d'une couche époxy conforme aux normes d'eau potable.*

esou, dass ier déi Haiser gebaut gi sinn, war déi Strooss schonn do. Dat heescht, d'Leit hunn en connaissance de cause kaf. An dofir wäert do keng Schallmauer gebaut ginn.

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo. Mee dat ännert awer näischt um Kaméidi, deen d'Leit hunn.

Zweetens muss ech soen, doduerch, dass déi Penetrante komm ass op déi Strooss, vill méi Verkéier komm ass. Well wann Der dohi kucke gitt, do kënnt dee ganze Verdeeler Richtung Woiwer-Quartier Richtung Déifferdeng. An alles geet do eriwwer. An dat ass enorm. Dat kann een alles feststellen, wann ee sech do um fënnef, sechs Auer ophält. Also dat Argument loosse mer net gëllen. Den Här Bausch ka sech dat jo vläicht emol ukucke goen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech géif Iech just soen: Da ka jo den nächste Schäfferot kucken, fir dat an d'Rei ze kréien. Mir hunn eis Aufgab gemaach. Mir hunn eng Äntwert kritt. Verkéier ass nu mol iwwerall, och am Zentrum vun der Stad, a wann dat esou ass, da bieden ech den nächste Schäfferot, no de Wale sech drun ze ginn an ze kucken, fir dat gereegelt ze kréien. Villmools merci.

Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zu der Kontinuitéit vun der Piste cyclable wëll ech just dem Här Muller soen, dass een Deel vun deem Terrain, deen dofir gebraucht gëtt, op Suessemer Bann läit. Dat heescht, dat kann een nëmme maachen, wa Suessem mat op de Wee geet, fir déi Verbindung hierzestelle bis op de Rond-point virun der Kronospan. An ech mengen, do si mer drun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, dat kann ech bestätegen. Ech war an deene Versammlungen derbäi. Suessem huet definitiv schonn de Go ginn, fir laanscht déi ganz Penetrante bis bei eise Rond-point mat op de Wee ze goen, fir do eng Vëlospist ze bauen. Dat ass schonn aktéiert och. Merci.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan et le devis pour les travaux d'aménagement d'un parc avec un pont pour piétons derrière la station Gulf.*

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. Da géife mer zum Punkt 3) kommen. Do geet et ëm e Waasserbecken, ëm den Devis vum Bassin Rattem. An ech géif dofir d'Wuert direkt weider un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, de Waasserbaseng Rattem ass immens wichteg fir d'Waasserqualitéit an d'Drénkwaasser um Fousbann, Uewerkuer. Deen ass sengerzäit 1969 geplangt an 1971 a Betrib geholl ginn. Dat sinn 52 Joer hier. Do si mol hei an do kleng Fléckaarbechte gemaach ginn, mee grouss nei Saache goufen net gemaach. Elo ass et definitiv un der Zäit, fir dat ze renovéieren.

Et geet ëm eng Renovatioun vun zwou Cuven. D'Beschichtung zersetzt sech am Moment. Soudass mer riskéieren, dass dat sech op d'Waasserqualitéit géif auswierken. Eng Cuve no där anerer gëtt frësch gemaach. Alles gëtt komplett sandgestraalt. Esou ginn déi defekt Beschichtungsplaze bis op d'Eise fräi geluecht. Duerno gëtt d'Eisen traitéiert an d'Lächer zougespachtelt. Dat ass natierlech drénkwaasserkonform. Um Enn gëtt eng Epoxy-Schicht iwwert déi ganz Cuve gezunn.

Des Weidere mussen d'Leitungen all ersat ginn, well se um Liewensenn

ukomm sinn. Dat heescht, et ass e relativ opwännegt Unterfangen, wat mer do wëlles hunn.

Um Enn muss dann och nach en techneschen Update um Bassin gemaach ginn, laut Waasserplang. Do handelt et sech ëm eng Ofschottung tëschent der Waasser- an der Schibekammer. De Risk, dass eppes an d'Waasser kéint geroden ass domat gebannt. Et gi Fënsteren agebaut mat enger Lüftungsanlag, soudass keen Ënnerdrock méi kann entstoen.

Zum Zäitpunkt an Oflaf vun dësen Aarbechten: Dës ginn nom Wanter an der Summerperiod gemaach. Wann déi éischt Cuve fäerdeg ass, gëtt déi komplett getest an desinfizéiert, ier déi zweet ugefaange gëtt. Wann e Problem wär mat der Waasserzouliwwerung, si mer ugeschloss, engersäits mat Nidderkuer an anerersäits mat Suessem, wou een am Noutfall Waasser kéint hierkréien.

Dat ass de Plang. Et ass néideg, dass mer dat maachen. Dofir hoffen ech, dass Der mer dat stëmmt. Dat huet natierlech e säftege Käschtepunkt, dee sech op bal 800.000 Euro, nämlech 786.000 Euro wäert belafen. Ech hoffen, wéi gesot, dass mer dat kënnen hei stëmmen, fir déi Aarbechten, déi fir d'Qualitéit vum Drénkwaasser wichteg sinn, kënnen unzegoen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Da komme mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour la réparation et le remplacement d'équipements techniques du bassin Rattem.*

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. De Punkt 3c, do géif ech d'Wuert och direkt erëm un den Här Ulveling ginn. Do geet et ëm zwee Terrains de multisport, am Lotissement Cité O an um Plateau du Funiculaire. Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et handelt sech ëm d'Renovatioun vun zwee Multisporten, respektiv engem neie Multisport. Deen een an der Cité O an deen aneren um Plateau du Funiculaire.

Dir erënnert Iech, dass um Plateau du Funiculaire relativ vill Zirkus war mat den Anrainer, well d'Leit de Ball op Terrasse geschoss hunn an da sinn d'Leit iwwert d'Terrasse bei d'Leit erop geklommen.wWat e bëssen aventureux war.

Et gouf och ëmmer Diskussiounen, dass d'Bäll widder déi Fileten do geknallt sinn. Dat huet vill Kaméidi gemaach. Dofir hu mer éischtens emol dee ganze Multisport iwwerdeckt mat engem Netz, dass d'Bäll net méi erausfléien. Mir hunn eng Dier dra gemaach, dass een e kann zouspären. A mir hunn och den Drot ronderëm respektiv d'Pottoen, déi deen Drot unhalen, déi sinn aus extraem Stol, dee manner Kaméidi mécht. Soudass dat eng relativ deier Renovatioun war.

Firwat bréngе mer dat elo? Dir gesitt, den Devis, deen approuvéiert war, war 190.000 Euro. Leider huet et 296.000 Euro kascht. Also 106.000 Euro méi. Dofir gëtt et och eng Explikatioun. Haaptsächlech um Terrain an der Cité O huet mussen ee Soubassement gemaach ginn, eng Dall gegoss ginn. Dat war net virgesinn, well de Promoteur wollt dee Multisport einfach esou op Schotter setzen.

An do hu mer awer gesot, wa mer dat maachen, da kënne mer en an e puer Joer erëm nei maachen. An dofir hu mer eis entscheet, fir dat dann direkt uerdentlech a richteg ze maachen, soudass mer dann eng Zäit roueg sinn.

Wat awer wichteg ass och, firwat mer ëmmer déi Dekonten elo bréngen: Do hänke Subsiden drun. Mer kréien 42.700 Euro vum Ministère des Sports. Wa mer den Dekont elo hei stëmmen, kënne mer déi ufroen. Dofir wär ech frou, wann Der mer dat géift stëmmen. Ech soen Iech Merci.

*Les conduites d'eau seront également remplacées. Ces travaux auront lieu après l'hiver et pendant la période estivale.*
*Il souligne l'importance de cette rénovation pour garantir la qualité de l'eau potable et éviter tout risque lié à la contamination de l'eau. Le cout estimé de ces travaux est de 786 000 €. Il espère que le conseil communal approuvera ces travaux pour assurer la qualité de l'eau potable dans la région.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *donne la parole à Tom Ulveling pour discuter du point 3 (c), qui concerne la rénovation de deux terrains multisports, l'un situé dans la cité O et l'autre sur le plateau du Funiculaire.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que les terrains multisports nécessitent une rénovation et rappelle les problèmes passés avec le terrain du plateau du Funiculaire, mentionnant des incidents liés aux balles dépassant les filets de protection et des intrusions sur les terrasses voisines. Pour remédier à cela, des filets supplémentaires et des poteaux en acier ont été installés, portant ainsi le cout total des travaux à 296 000 €, dépassant le devis initial de 190 000 €.*
*Concernant le terrain de la cité O, Tom Ulveling explique que la nécessité de cette rénovation provient en partie de la construction inadéquate sur du gravier au lieu de la fondation prévue en béton. Afin d'éviter des problèmes futurs, la décision a été prise de rénover correctement le terrain. Il souligne également l'importance de voter en faveur de cette proposition, car elle permettrait de bénéficier de subventions du ministère des Sports d'un montant de 42 700 €. Il remercie le conseil communal et espère obtenir son soutien pour cette rénovation nécessaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que dans ce cas spécifique du plateau du Funiculaire, le promoteur avait aménagé le terrain de manière non conforme aux règles de l'art. Cependant, il souligne que désormais, la commune demande dans la convention du PAP une certaine somme d'argent et aménage elle-même les terrains selon les normes requises.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue l'investissement de la commune dans deux infrastructures de loisirs, soulignant l'importance d'opter pour des installations de haute qualité. Il exprime également sa satisfaction quant à l'approche consistant à obtenir des fonds du promoteur et à construire les infrastructures municipales, évitant ainsi les problèmes récurrents de rénovation après quelques années. Il souligne l'amélioration des matériaux utilisés sur le terrain multisport du plateau du Funiculaire, réduisant les incidents et améliorant la sécurité routière en empêchant les balles de sortir du terrain ainsi que les nouveaux matériaux absorbants qui réduisent les nuisances sonores, ce qui est bénéfique pour le voisinage. La CSV soutient le décompte et exprime son accord avec la proposition.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *introduit le point 4 (a) concernant le Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) 2023 et passe la parole à monsieur De Sousa.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *commence par expliquer le contexte du PDAT 2023. Il souligne que la planification du territoire a commencé vers 1999 avec la définition de différents pôles urbains tels que la Ville de Luxembourg, la Nordstad et Esch-Belval. En 2004, le concept IVL (Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept) a été présenté en tant que concept de planification non contraignant, servant d'instrument stratégique pour choisir entre différents scénarios de développement et de cadre pour la planification aux niveaux régional et communal.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt nach just ergänzen. Et ass jo sou, hei an deem spezifesche Fall um Plateau du Funiculaire, dass do de Promoteur dësen Terrain hiergestallt huet. An dat war jo net grad suivant les règles de l'art, wann een emol sou ka soen. An dat gëtt jo awer elo net méi esou gemaach. Dat heescht, an der Konventioun vum PAP froe mir eng Zomm Geld a mir maachen dann de Standard. Mir maachen déi Terrainen da selwer.

Dat eenzegt, wat mer vläicht elo misste kucken, duerch déi Deierecht, déi elo awer iwwerall ass an duerch de Standard, dee mer aféieren, ob déi Suen, déi mer froen och duerginn. Mee ech mengen, esou eng Experienz kënnt eis warscheinlech elo net méi vir. Dat war just dat, wat ech wollt ergänzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschter, léif alleguer, am Numm vun der CSV begréisse mer, datt d'Gemeng op zwou Plaze weider a Fräizäitinfrastrukturen investéiert. A qualitativ héichwäerteg an net just eppes Einfaches, wat net laang hält. Duerfir ass et gutt, wéi elo grad gesot, datt ee vum Promoteur d'Sue kritt an d'Gemeng selwer dann déi Infrastrukturen dohinner stellt. Well soss huet een effektiv ëmmer Saachen, déi no zwee, dräi Joer erëm mussen erneiert ginn. An dat ass jo net grad am Sënn vun enger Fräizäitplaz.

Besonnesch beim Terrain multisport um Plateau du Funiculaire gouf et virdru vill Reklamatiounen. Mat den neie méi absorbéierende Materialien, déi elo hei benotzt ginn, entsteet manner Kaméidi. Wat eng grouss Plus-value fir d'Noperschaft duerstellt. Ouni de Spaass natierlech beim Spillen anzeboussen.

Och dësen Terrain ass uewe mat engem Filet zou. Zum engen, datt d'Bäll net méi an d'Noperschaft fléien, zum aneren net méi op d'Strooss. Wou jo awer och vill Verkéier ass. Wat sécherheetstechnesch och wichteg ass. Well d'Kanner, Jonker am Spille riskéieren, net op de Verkéier opzepassen.

D'CSV stëmmt dësen Dekont esou mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte de l'aménagement d'un terrain multisport au lotissement cité O et de la rénovation du terrain multisport au plateau Funiculaire.*

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- a Schäfferot. De Punkt 4), do geet et ëm de PDAT 2023. Deen ass och esou komplizéiert, wéi e klèngt. An dofir géif ech ganz gären d'Wuert dem Här Paulo De Sousa iwwerloossen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, de PDAT, Programme directeur d'aménagement du territoire 2023. D'Landesplanung ass ronn 1999 lassgeträppelt ginn, wou verschidde Pôle-urbainen, dat heescht d'Stad Lëtzebuerg, d'Nordstad, Esch/Belval definéiert goufen. Dunn ass 2004 d'IVL, d'Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept, presentéiert ginn.

Als onverbindlecht Planungskonzept ass den IVL engersäits e strateegescht Instrument fir de Choix tëscht verschidden Entwécklungszeenarien, anerersäits een Aarbechtsinstrument fir d'Ko-

ordinatioun vun de Plan-sectoriellen, wéi och e Kader fir d'Planung um regionalen a kommunalen Niveau.

Virun e puer Joer sinn d'Plan-sectoriellen op verschiddenen Domäne presentéiert ginn. An dann nach déi verschidden eenzel Modifikatioune vu PAGen, déi e groussen Impakt op d'Landesplanung hunn.

Wann een déi verschidde Programmen iwwereneegeluecht huet, war oft eng Kohärenz do, dann huet dat gepasst. Mee et gouf awer och Beispiller, wou sech grouss Kontradiktioune gewisen hunn. Beispill: Am Plan sectoriel logementgouf gefuerdert, dass ee misst méi Logementer bauen, an an engem anere Programm gouf gesot, et sollt ee keng weider Fläche versigelen.

An de PDAT 2023 hëlt sech elo zu Häerz, fir eng kohärent Visioun a Landesplanung zu Lëtzebuerg ze gestalten. Mir begréissen dëse Schratt vun der Regierung, well doduerch kënne mer nëmme Gewënner sinn.

Wéi Dir am Dossier erfuere kënnt, si mir Mëtt September d'lescht Joer ëm en Avis zum PDAT gefrot ginn. Säitdeem goufe verschidde Workshops a Konferenze mam Ministère a mam Pro-Sud organiséiert, wourun entweeder mir Politiker oder eis Beamten deelgeholl hunn. De PDAT gouf an deene Versammlungen an de grousse Linne presentéiert.

Dësen Avis soll och d'Zoustëmmung vum Gemengerot kréien. Dofir gëtt deen elo hei presentéiert.

Wéi wichteg eng Landesplanung oder eng regional Planung ass, brauch ech Iech net ze erzielen. Obwuel mir déi drëttgréisste Stad aus dem Land sinn, leie mir geografesch net gutt. Mir leien en périphérie vum Land a mir gëllen eigentlech als regionale Centre de développement et d'attractivité (CDA).

Fir konkreet Projeten ze realiséieren, brauche mir méi wéi jee lokal Acteuren, strukturéiert a kohärent Entscheedunge vun de verschiddene staatlechen Instanzen.

De PDAT mécht op d'Noutwendegkeet opmierksam, Mobilitéitsmodeller ze fërderen oder souguer nei ze erfannen. D'Strategie ass, déi eenzel Trajeten, déi mer hautdesdaags mam eegenen Auto hunn, no an no ze reduzéieren. Dofir wäert et onëmgänglech sinn, déi Entwécklung vum ëffentlechen Transport ze fërderen.

Do hu mir verschidde Punkten ernimmt. Sief dat d'Schafe vun der Eisebunnsbréck tëscht der Linn, déi vu Péiteng an d'Stad an déi vu Péiteng op Esch geet, inklusiv zwou Direktverbindunge pro Stonn an d'Stad. Domat gewënnt ee 15 Minutte fir deen Trajet vun Déifferdeng an d'Stad.

Ee Punkt, dee mir wëllen, dat kënnt, dat ass d'Verlängerung vun der Tramstreck Richtung Déifferdeng. Dat wier eng reell Méiglechkeet a punkto Entwécklung vu qualitativem Transport fir Déifferdeng an déi ganz Südregioun. Mir kréien ëmmer gesot: „Dat dauert laang. " Awer ech mengen d'Qualitéit vun engem Tram ass sexy, da klammen d'Leit och op den ëffentlechen Transport ëm. An dat musse mer méi fuerderen.

An dann d'Ausdeenung, d'Optimisatioun vum Busreseau am Kader vum Projet CHNS, de Couloir de haut niveau de service, deen duerno am multimodalen Hub bei eis am Zentrum soll ukommen.

Dat si mol déi Punkten, déi mer vum ëffentlechen Transport an eisem Avis stoen hunn.

Mir wëllen als Déifferdeng déi zwee vun deenen dräi gréissere Ballungszenteren, déi am PDAT ernimmt sinn, mam ëffentlechen Transport besser verbonne kréien.

Fir déi kuerz Strecken, dat heescht Mobilité douce ze promouvéieren, erhoffe mer eis, datt d'Weiderentwécklung vum Vëlosnetz an der Uschléissung un déi zukünfteg Express-Vëlospisten. Vu och eis PC 8, déi elo e Freideg ageweit gëtt, wou mer elo scho vun Nidderkuer bis op Uewerkuer kommen. A mir wëllen dat och op déi aner Gemengen, fir déi kuerz Strecken, erméiglechen. Dat heescht Richtung Suessem, Richtung Péiteng, Käerjeng, datt dat geet.

Wéi gesot, obwuel Déifferdeng net op enger vun den Haaptachse vum Grenz-

*Paulo De Sousa explique que des modifications significatives ont été apportées aux plans sectoriels au fil des ans, avec parfois des incohérences entre eux. Le PDAT 2023 vise à remédier à ces incohérences et à offrir une vision cohérente de l'aménagement du territoire au Luxembourg.*
*Il mentionne également les workshops et conférences organisés en collaboration avec le ministère et Pro-Sud pour recueillir des avis sur le PDAT.*
*Ensuite, il met en avant l'importance de la mobilité dans le cadre du PDAT. Il souligne la stratégie visant à réduire progressivement l'utilisation de la voiture individuelle au profit des transports publics. Des propositions spécifiques incluent l'amélioration des liaisons ferroviaires entre Pétange et Luxembourg, la prolongation de la ligne de tramway jusqu'à Differdange, et l'optimisation du réseau de bus dans le cadre du projet CHNS.*
*Il insiste sur la nécessité de promouvoir les moyens de transport doux, tels que le vélo, en encourageant le développement du réseau cyclable, y compris des liaisons vers d'autres communes.*

*Paulo De Sousa aborde également la situation de Differdange, soulignant sa croissance démographique incluant les travailleurs frontaliers. Il suggère des solutions, comme le projet Net0Cities, pour absorber la population croissante.*
*Il souligne que la région sud est marquée par des activités industrielles lourdes telles que la sidérurgie et d'autres industries lourdes. Il insiste sur l'importance d'évaluer globalement les capacités des territoires pour planifier le développement de futures industries lourdes tout en garantissant la qualité de l'air, considérée comme un point clé pour un développement durable dans la région.*
*Il affirme que la diversification économique est la clé du succès pour assurer un développement économique cohérent dans la région sud. La ville de Differdange veut jouer un rôle majeur dans ce domaine, en encourageant le développement du secteur créatif, tel que le 1535°, ainsi que des secteurs tertiaires.*
*Il soulève la question de savoir si Differdange, et plus généralement la région sud, devrait continuer avec les activités des industries lourdes, mentionnant l'existence de zones de conservation de la nature et de zones de protection de l'environnement.*
*Il insiste sur le fait que la diversification de l'économie bénéficierait non seulement à Differdange, mais aussi aux autres municipalités de la région sud.*
*En conclusion, il aborde le point crucial de l'énergie et de sa production. Il mentionne le potentiel éolien du territoire avec la possibilité d'installer jusqu'à huit éoliennes à Rouden Haff et Vesquenhaff. Ces installations permettraient à Differdange de devenir pratiquement autonome en électricité, notamment en utilisant l'énergie éolienne en été et en stockant pour les mois d'hiver. Il conclut en présentant les attentes et les demandes liées au PDAT 2023, appelant le conseil communal à approuver l'avis.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *commence par discuter de la procédure entourant le PDAT 2023, soulignant l'importance d'impliquer le conseil communal dans le processus. Il*

verkéier läit, steet d'Stad Déifferdeng mat enger net ze vernoléissegender wuessender Zuel u Grenzaarbechter, déi zu Déifferdeng oder an der noer Géigend schaffen. Lëtzebuerger, déi eeben d'Erhéijunge vun de Loyeren an den Immobiliëpräisser net méi kënne bezuelen an dann an d'not Ausland wunne ginn. Et wier also schlau, eng aner Léisung ze fannen, wéi sech op d'Belaaschtung iwwert d'Lisaison Micheville ze verloossen.

Selwer si mer am Kader vum NetZeroCities un engem Projet amgaangen ze schaffen, fir d'Grenzgänger an den Nopeschgemengen opzefänken. Mee domadder kréie mer nëmmen ee Brochdeel vun de Frontalieren opgefaangen.

Dës Mesurë géife scho vill zu enger besserer Loftqualitéit an doduerch och zu enger besserer Liewensqualitéit fir eis Bevëlkerung bäidroen. Mee net nëmmen. D'Stied hei am Süde si markéiert vun den Eisen- a Stolaktivitéite wéi och anere Schwéierindustrien. Et wier wichteg, eng Gesamtbewäertung ze maachen an d'Capacitéite vun den Territoiren ze analyséieren, fir d'Entwécklung vun zukünftege sougenannte Schwéierindustrien eng Kéier ze kucken. Fir d'Loftqualitéit ze garantéieren, eeben e Schlësselpunkt fir eng nohalteg Entwécklung an der Regioun.

Et ass kloer, datt d'wirtschaftlech Diversifizéierung de Schlëssel zum Erfolleg ass fir eng kohärent wirtschaftlech Entwécklung an der Südregioun. D'Stad Déifferdeng wëll an dësem spezifesche Beräich eng grouss a primordial Roll spillen, fir déi kreativ Branche wéi de 1535° weiderzeentwéckelen. An awer och déi tertiaire Secteuren unzezéien.

Et muss ee sech d'Fro stellen, ob Déifferdeng an d'Stied hei am Süden déi Schwéierindustrien nach packen. Well mir hu schonn Naturschutzzonen, Ëmweltschutzzonen. Wann et esou weidergeet, brauche mer dann net och eng Mënscheschutzzon? Dat ass eng Fro, déi een hoffentlech net eng Kéier muss mat Jo beäntwerten.

D'autant plus géif eng Diversifikatioun vun der Wirtschaft och eiser Geschäftswelt an eisem Zentrum guttdoen. Dat gëllt net nëmme fir eis, mee och fir déi aner Südgemengen.

Zum Schluss ginn ech nach op ee wichtege Punkt an: d'Energie an hir Produktioun. D'Potenzial fir d'Wandkraaft op eisem Territoire kënnt op maximal aacht Wandkraaftanlagen op zwee Sitten, nämlech de Roudenhaff an de Vesquenhaff. Wandkraaftanlage géifen der Stad Déifferdeng erlaben, praktesch selbststänneg an elektrescher Energie ze ginn. Iwwert de Summer kéint ee mat Photovoltaik Stroum aspeisen a fir déi reschtlech aacht Méint wäert Wandkraaft ee grousse Volume vun der Versuergung ubidden.

Ech hunn elo e bëssen erkläert, wat mir eis fir d'Stad am Kader vum PDAT 2023, erwaarden. Mee dat sinn haaptsächlech Punkten/Doleancen, déi mir ëmmer erëm an eise Ministère eraginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a géif Iech bieden, den Avis matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Paulo De Sousa. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Zum PDAT 2023, Programme directeur d'aménagement du territoire, hu mer Follgendes ze soen. Den Avis vun der Gemeng betreffend de Programme directeur dréit d'Iwwerschréft Avis du conseil des échevins. De Ministère vum Aménagement schreift a senger Publikatioun, e géif eis en Delai vu véier Méint ginn, fir en Avis du conseil communal ze kréien. Vläicht kënne mer dann nach déi eng oder aner Remark vun deene verschiddene politesche Vertrieder am Gemengerot mat an den Avis ophuelen an dësen dann als Avis du conseil communal deklaréieren, am Sënn vun enger aktiver Participatioun vum ganze Gemengerot.

Ech kommen zur Stellungnam vun der LSAP zum PDAT 2023. Zum Abschnitt 1, Activités sidérurgiques. Ech liesen eng Kéier den Text op Franséisch vir. Duerno maachen ech meng Remarken, well ech och wëll um Text eng kleng Ännerung proposéieren.

Et ass zwar eng kleng, mee et ass eng weesentlech.

„Les Villes du sud sont marqués par l'activité sidérurgique ainsi que d'autres industries lourdes."Wat jo speziell fir Déifferdeng duerch d'Schmelz, Dir hat et gesot, de Fall ass. Mee och Kronospan huet sécherlech en Impakt a wat an Zukunft um Crassier soll entstoe wësse mer nach net. Am aktuellen Text heescht et am Zesummenhang mat Schwéierindustrie, ech zitéieren: „Il importerait de faire un bilan global et d'analyser la capacité des territoires à supporter le développement des futures industries dites ‚lourdes' afin de garantir la qualité de l'air, un point primordial pour un développement durable de la région."

U sech ass näischt do dergéint anzewenden, mee ech proposéieren hei ze schreiwen: „d'analyser la capacité des territoires à supporter le développement des actuelles" – well och an deenen aktuellen ass nach vill Potenzial – „et futures industries dites lourdes par référence à la BAT, best available technology."

Wat ass BAT? „En Europe la meilleure technique possible ou disponible et la technique qui respecte le mieux les critères de développement durable." Dat ass d'Definitioun, déi ech an engem Artikel heizou fonnt hunn. An dat ass genee dat, wat mer jo ustriewen.

Dat heescht, mir mussen eng gewëssen Norm do erabréngen an dat ass déi Norm vun der BAT, der best available technology.

Ech ginn Iech e Beispill heizou betreffend der Stolindustrie an de Four-pochen. Ech weess, haut sinn net méi vill vun eisen Awunner mat den Notioune vun engem Stolwierk vertraut. Dofir versichen ech, dat kuerz e bëssen ze illustréieren.

An engem Elektrostolwierk gëtt jo Stol produzéiert, deen herno flësseg ass. Dee gëtt dann a Poschen, als sougenannte Charge, transportéiert, vum Elektrostolwierk an dësem Fall, zu der Coulée continue. Esou Chargë gëtt et den Dag duerch an der Moyenne 30 Stéck. 30-mol 150 Tonnen, allkéiers iwwer 24 Stonnen, gëtt do Stol transportéiert tëscht dem Elektrouewen an der Coulée continue.

Ab der Coulée continue, a virdrun am Prozess, do ass e sougenannte Four-poche. Dat ass e klengen Elektrouewen, deen dann d'Charge op d'Temperatur bréngt, fir kënnen op der Coulée continue vergoss ze ginn. An dat ass e wichtege Facteur, well déi Temperatur, déi muss an engem ganz minimale Beräich stëmmen.

Wat ass dann elo do lass, wa mer heiansdo eng grouss Stëbswollek op deem Gebai gesinn, wat direkt vis-à-vis vum 1535° ass, wann een do laanscht d'Penetrante fiert? Déi Leit, déi um Fousbann wunnen, hunn dat warscheinlech och scho gesinn. Dat ass zum Beispill, wann eng Pann entsteet an eng Charge ze laang ënnerwee ass. Wann déi dann op de Four-poche kënnt an do opgehëtzt gëtt, dann huet déi Charge, dee Stol uewen eng Croûte, do wou d'Elektrode sollen de Stol ophëtzen. An et entsteet eng immens Stëbswollek. An déi Stëbswollek geet uewen zum Gebai eraus. An da gesi mer, do ass alles voller Stëbs.

Ech muss awer soen, dat ass net den Normalzoustand, dat ass en Ausnamezoustand. Mee trotzdeem! Dëst ka vermidde ginn duerch eng sougenannt „sekundar Entstaubung", wann een esou eppes ubréngt. Ech hu mer soe gelooss, an ech sinn och frou doriwwer, dass dat an Zukunft duerch ArcelorMittal geplangt gëtt. Dat ass zum Beispill de BAT. Do däerf kee Stëbs méi erauskommen.

Wat geschitt dann do an Zukunft? Do gëtt eng Entstaubung, eng Hott zousätzlech gebaut, de Stëbs gëtt ofgesaugt, kënnt an eng Filteranlag a gëtt do entsuergt. Soudass kee Stëbs méi uewen zum Daach erauskënnt. Ech mengen, dat ass dat, wat ech wëll soe mat Equipements actuels, net nëmme futurs, mee och actuels. Do ass nach ganz vill Potenzial dran.

Dës Weidere proposéieren ech, den Text am selwechten Artikel follgendermoossen ëmzeänneren: „… afin de garantir la qualité de l'air et le niveau des émissions de bruits, un point primordial pour un développement durable de la région". Well och de Kaméidi ass e wichtege Facteur. An dësem Text

*suggère que les remarques des représentants politiques dans le conseil communal pourraient être intégrées dans l'avis officiel.*
*En ce qui concerne la section 1 sur les activités sidérurgiques du PDAT 2023, Erny Muller souhaite apporter une modification au texte proposé. Il suggère de changer la phrase « … mais vu des (…) sont marqués par l'activité sidérurgique ainsi que d'autres industries lourdes » en « … d'analyser la capacité des territoires à supporter le développement des actuelles et futures industries ». Il justifie cette modification en soulignant l'importance de prendre en compte le potentiel actuel et futur des industries lourdes, en se référant à la meilleure technologie disponible (Best Available Technology, BAT).*
*Il donne ensuite un exemple concret concernant l'industrie sidérurgique et la nécessité de respecter les normes du BAT, en particulier en ce qui concerne l'émission de poussières. Erny Muller décrit un processus lié à la production de fonte dans un haut-fourneau et souligne l'importance de la technologie disponible pour minimiser les émissions de particules.*
*Erny Muller continue ses observations sur le PDAT 2023, se concentrant sur la qualité de l'air, les émissions sonores et le transport en commun.*
*Il propose des modifications au texte pour mettre davantage l'accent sur la garantie de la qualité de l'air et du niveau sonore, en particulier en ce qui concerne les émissions générées par les activités industrielles telles que le transport de matériaux dans les usines sidérurgiques.*

*Il souligne l'importance d'agir à la source pour éviter la propagation de nuisances sonores et mentionne que le ministère de l'Aménagement du Territoire se concentre davantage sur la qualité de l'air que sur le bruit dans son approche environnementale. Il se réjouit du fait que le Plan d'action contre le bruit de 2021 soit mentionné et que la Direction de la santé se penche sur l'impact du bruit sur la santé, le considérant comme la deuxième cause environnementale.*
*Muller suggère d'ajouter au texte que les industries lourdes actuelles et futures doivent être évaluées en fonction du BAT pour garantir la qualité de l'air et le niveau sonore.*
*En ce qui concerne le transport en commun, il soutient la création d'un triangle ferroviaire entre les lignes Pétange et Luxembourg, ainsi que l'extension de la ligne de tramway vers Differdange. Ces propositions visent à améliorer la connectivité ferroviaire et la mobilité dans la région.*

geet guer net rieds dovun, an aneren Avise geet zwar rieds dovun.

Zum Kaméidi wëll ech Follgendes soen: Kaméidi entsteet do, wou fäerdegt Material transportéiert gëtt. Dat ass zum Beispill am Walzwierk an am Ausgang vum Walzwierk, wou dann déi fäerdeg Träger weidertransportéiert ginn. An et ass Iech jo bekannt, wat fir Problemer mer do hunn an och d'Populatioun, wéi déi dorop reagéiert. Do gëtt vill Kaméidi generéiert. An dee kann ee vermeiden doduerch, dass een de Kaméidi à la source vermeit. Dat ass déi beschte Method ëmmer. A wann dat net méiglech ass, déi néideg Schallschutzmoossnamen ënnerhëlt, fir dass de Kaméidi net no baussen dréngt.

Dozou ze bemierke wär awer nach, dass de Ministère de l'Aménagement du territoire a senger Presentatioun éischter op d'Qualitéit vun der Loft an op d'Wichtegkeet vun enger SUP, der strateegescher Ëmweltpréifung ageet. Mee awer och an engem Saz – deen hunn ech gesinn, an dat huet mer Freed gemaach – och de Plan d'action contre le bruit vun 2021 erwäänt.

Den Avis vum Ministère an der Direction de la Santé geet an enger éischter Approche op d'Pollution de l'air ambiante an, mee direkt un zweeter Plaz figuréiert an hirem Avis de Kaméidi, wou si schreiwen: „Après la pollution ambiante, le bruit est la deuxième cause environnementale impactant la santé.“ Also ass et séier wichteg fir d'Populatioun.

„Une analyse des sources de bruit présentes et futures, infrastructure de transport industriel … et l'impact sur la population s'avère nécessaire.“ Voilà.

Ech kéim duerfir nach eng Kéier zréck op meng Bemierkung, mir sollten an de Saz afüge loossen: „développement des actuelles et futures industries dites ‚lourdes' par référence au BAT afin de garantir la qualité de l'air et le niveau des émissions de bruit. Un point primordial pour un développement durable de la région.“ Déi zwou Saache ginn en fonction vum BAT ënnersicht, wann een eng Analys mécht.

Dat zu der Introduktioun. Da kéim ech zu deenen anere Punkten. Am Kapitel zwee geet rieds iwwert den Transport en commun. D'Wichtegkeet vum Developpement, si mer alleguer d'accord. An och d'Noutwendegkeet „de promouvoir, voire de réinventer“ – dat ass en Term, deen huet mer gutt gefall – „les modèles de mobilité.

Éischte Punkt: La création d'un triangle ferroviaire entre la ligne reliant Pétange et Luxembourg. Respektiv l'inverse. Eng direkt Zuchverbindung vun Déifferdeng an d'Stad, andeems am Ausgang vun Nidderkuer eng Direktubannung un d'Streck Péiteng-Käerjeng realiséiert, ouni Péiteng unzefueren, bréngt fir Déifferdeng an d'Déifferdenger Zuchbenotzer e Gewënn vu 15 Minutten.

Dat ass eng laangjäreg Fuerderung vun der LSAP. Dat hutt Der jo schonn e puermol sécherlech vun eise Säiten héieren, net nëmmen elo, mee och schonn déi Jore virdrun. Och vläicht vun aneren. Ech muss soen, ech hunn et schonn am Plan sectoriel gesinn an och am Plan de mobilité ass se ugeduecht. Soudass ech awer elo grouss Hoffnung hunn, dass se dann eng Kéier zustane kënnt.

Zweete Punkt: L'extension de la ligne Tramway vers Differdange. Dir hutt et gesot – an dat ass fir eis enorm, enorm wichteg. Et war d'LSAP, déi och net midd gëtt ëmmer erëm ze rappelléieren, dass den Tram zu Bieles bei der Gemeng net säin Terminus soll hunn, mee zu Déifferdeng.

Mir sinn dofir besonnesch frou, dass dës Fuerderung elo op engem offiziellen Dokument steet. Och wann et scho vläicht e puermol elo gefrot ginn ass, steet et elo an engem Dokument.

D'Stad Déifferdeng ass e regionalen Zentrum, Point d'attractivité ou d'intérêt de développement. An Esch ass souguer national iwwer Belval. An dann hu mer nach de spéidere Quartier Metzeschmelz an nach Bieles dertëschent. A wann een da kuckt op d'Visioun 2035 hu mer do sécherlech méi wéi 100.000 Awunner an där Agglomeratioun a wäit méi wéi 20.000 Aarbechtsplazen, awer op eng Distanz vu maximum siwe Kilometer.

An do ass awer fir eis enorm wichteg Belval. Belval huet e grousse Potenzial, vun deem mir kënne profitéieren

duerch Synergien, sief dat mat Entwécklungszenteren, sief dat mat neien Industrien, neien Technologien an esou weider. Wou Déifferdeng sech kann drun uschléissen an dann och Aarbechtsplazen hei kritt, fir e bëssen déi Schwéierindustrie ze kompenséieren an Alternativaarbechtsplazen. Wat propper Aarbechtsplazen an deem Sënn sinn, wann een et kann esou soen.

An och vun engem gewëssenen Niveau. Well mir hu jo, loosse mer soen, eng Educatioun déi pousséiert ass. Dat heescht, mir sinn entretemps eng Wëssensstad ginn. An do kënne mer vläicht och domat – op klengem Niveau zwar par rapport zum Belval – awer eppes bäidroen.

Um Belval gëtt et eng grouss Partie Studenten, déi och kënnen ugeschloss ginn un Déifferdeng. Op jidde Fall, den Tram bréngt eis ganz grouss Virdeeler.

Awer mir wëssen, mir hu Schwieregkeeten, fir dat um Niveau vum Ministère duerchzesetzen An duerfir gëllt et, den aktuellen Transportminister heivun ze iwwerzeegen.

Den drëtte Punkt: Extension du réseau de bus am Kader vum CHNS. Dat war jo virdrun de BHNS. Haut heescht et Corridor à haut niveau de service. Dat ass sécherlech eng gutt Initiativ fir d'Achs Péiteng-Déifferdeng-Esch-Diddeleng, de Süde vum Land. Do wollt ech eppes soen, wat de Pôle multimodal zu Déifferdeng ubelaangt. Wat jo och mengen ech unzestriewen ass, dass ee soll am Fong all Stad ustriewen, déi esou e Pôle multimodal huet, wou ëffentlech Verkéiersmëttel an anerer zesummelafen. Et ass wierklech un der Zäit, dass zesumme mam Mobilitéitsministère e Pôle multimodal geplangt gëtt. Well dat ass net nëmmen e Pôle fir eis Stad, mee dat ass e Pôle fir d'ganz Regioun. An do soll eiser Meenung no de Ministère matagebonne ginn.

Véierte Punkt: PC 8, Piste cyclable. Mir hoffen, dass bei dëser nationaler Vëlospist, déi duerch Déifferdeng verleeft a schonn zum groussen Deel fäerdeg ass, déi néideg Uschlëss dréngend an Ugrëff geholl ginn. Dat däerft jo elo net méi esou e grousse Problem sinn.

De fënnefte Punkt, an dat ass e wichtege Punkt och fir eis, d'Axe de circulation transfrontalière. Den Afloss vun der franséischer Grenzregioun op de Verkéier an Déifferdeng ass net ze ënnerschätzen. Et wär dofir sënnvoll, dass op d'mannst fir den Duerchgangsverkéier eng Léisung géif fonnt ginn. Ech mengen, dat ass jo och hei d'Basis an dësem Text.

Natierlech wësse mer, a mir sollen et jo elo nach eng Kéier kucken, dass et net nëmmen den Duerchgangsverkéier ass, deen eis Stad belaascht. Mee virun allem déi Frontalieren, déi op Déifferdeng schaffe kommen, spillen eng gewësse Roll. Déi mussen awer weider iergendwéi hei erakommen.

Den Avis weist drop hin, dass fir eis Stad um Niveau vun der Circulation transfrontalière e Problem besteet. An ech mengen, dee Problem kann nëmmen op nationalem Plang zesumme mat der Grenzregioun gereegelt ginn. Dee kënne mir net als Gemeng eleng upaken, well déi Weeër verlafe jo och an d'Grenzregioun. An et muss gekuckt ginn tëschent deenen zwou Regiounen.

An engem weideren Artikel geet de Schäfferot op d'Potenzial vun den Eolienne an, d'Wandrieder an eiser Gemeng. Schreift vun engem grousse Potenzial fir d'Energieversuergung vun Déifferdeng mat elektrescher Energie.

Jo, Wandrieder sinn e grousst Potenzial bei deenen héije Leeschtungen, déi si haut generéieren un elektrescher Energie. Et gëtt do geschwat vun aacht Wandrieder opgedeelt op zwee Sitten: de Roudenhaff an de Vesquenhaff.

Ech hätt allerdéngs heizou follgend Remark: Mat eisem éischte Wandpark hu mer eng negativ Experienz gemaach. Duerfir ass et eiser Meenung no wichteg, ier een d'Sitten definitiv festhält an de Projet ugefaange gëtt, dass en op d'Tauglechkeet – haaptsächlech wat de Site ubelaangt – an d'Machbarkeet par rapport vum Wand oder anere Problemer, déi kënnen entstoen, gepréift gëtt. Eis ass awer elo am Wichtegsten, a speziell fir eis, well mer jo uewen um Bierg iwwerall Galerien hunn: d'Tauglechkeet vum Terrain.

An dass dann och dee Park oder déi Plazen am nationale Kadaster vun de Wandrieder ausgewise ginn. Well déi besteet jo um Energieministère. Wann

*Erny Muller partage son avis sur le PDAT 2023, mettant l'accent sur le rôle central de la Ville de Differdange en tant que centre régional d'attraction et de développement. Il souligne l'importance de Belval en tant que source de potentiel, susceptible de bénéficier de synergies avec le développement de centres, de nouvelles industries et de technologies.*
*Il insiste sur la nécessité de compenser la sidérurgie traditionnelle par des alternatives d'emplois propres et souligne l'importance d'une éducation stimulante dans la région. Il mentionne également le rôle crucial du tramway dans la connectivité régionale.*
*En ce qui concerne les transports en commun, il aborde plusieurs points, notamment la création d'un triangle ferroviaire entre les lignes Pétange et Luxembourg, l'extension du réseau de tramway vers Differdange, l'extension du réseau de bus, le développement des pistes cyclables et la gestion des flux de circulation transfrontaliers.*
*Il souligne la nécessité d'une approche nationale pour résoudre les problèmes de circulation transfrontalière et propose des solutions pour améliorer la connectivité de la ville.*
*Enfin, Erny Muller mentionne le potentiel de l'énergie éolienne à Differdange, soulignant l'importance de réaliser des évaluations approfondies avant de décider de l'emplacement des parcs éoliens.*

*En conclusion, il exprime son soutien global à l'avis du collège échevinal sur le PDAT et espère que ses considérations seront prises en compte.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)**

*aborde initialement l'avis de Differdange, soulignant les doléances persistantes qui ont été exprimées et qui sont également incluses dans le PDAT.*

*Il se penche ensuite sur la question de la connexion ferroviaire, exprimant son soutien à une liaison directe entre Differdange et Luxembourg-Ville sans avoir à passer par Pétange. Cependant, il souligne la nécessité de solutions temporaires pour améliorer la connectivité en attendant la réalisation de cette liaison directe.*

*Georges Liesch aborde également la question du tram, considérant cela comme une nécessité pour assurer une connexion rapide entre les grands centres du sud du pays, y compris Differdange, Esch, et Dudelange. Il suggère que l'utilisation du terme CHNS (Corridor à Haut Niveau de Service) au lieu de BHNS (Bus à Haut Niveau de Service) dans le ministère pourrait indiquer une évolution dans la pensée, laissant la possibilité d'autres solutions que le bus.*

*Georges Liesch partage son avis sur le PDAT, mettant en avant plusieurs points importants.*

den Energieministère an och Ëmweltministère esou e Kadaster hätte mat zwee Sitte vun Déifferdeng, dann hätte mer op jidde Fall eng Garantie, ier mer de Projet ufänken. Dat wär dat, wat mir an Zukunft géife proposéieren, wa mer wëllen op deem Niveau virufueren.

Als leschten Artikel gëtt d'Reduktioun vun den CO2-Emissiounen erwäänt an den europäesche Programm NetZeroCities. Ech mengen, dat ass jo kloer, dass dat haut sollt beschriwwe sinn op allen Niveauen a vun alle Stied, mee och hei zu Déifferdeng.

Eis Konklusioun: Alles an allem kënne mir als LSAP den Avis vum Schäfferot betreffend de Programme directeur d'aménagement du territoire ënnerstëtzen. Mir wären allerdéngs frou, wa meng am éischte Kapitel ugefouert Ergänzunge mat an den Text kéinten afléissen. Och wäre mer frou, wann eisen aneren Iwwerleeungen op d'mannst déi néideg Unerkennung géif gezollt ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech huelen am Numm vun deene Grénge Stellung zum PDAT.

Ech wäert dat an e puer Etappe maachen. Fir d'éischt ginn ech op den Avis vun eiser Gemeng, also vum Schäfferot, dee mer hei virleien hunn, an. Duerno wäert ech e puer Wuert verléieren iwwert déi zwee menger Meenung no ganz interessant Avisen, dee vum Syvicol an dee vum Mouvement écologique.

Fir d'éischt, wat um Ordre du jour steet: den Avis vun Déifferdeng. Deen als Aufgab huet ze kucken, wéi eng Repercussiounen de PDAT op Déifferdeng huet a wat d'Doleancë sinn. Ech mengen, den Här De Sousa huet dat ganz gutt opgelëscht. Dat sinn Doleancen, déi mer eigentlech scho vill méi laang hunn, déi nach ëmmer Bestand hunn an déi mer an dësem Dokument nach eng Kéier fuerderen. Den Här Muller huet et gutt erkläert.

Ech ginn eng Kéier kuerz doduerch, ouni elo nach eemol an den Detail ze goen. Zuchverbindung: Dass mer eng direkt Zuchverbindung vun Déifferdeng an d'Stad kréien, ouni mussen iwwer Péiteng ze fueren, ass begréissenswäert. Déi ass jo och virgestallt ginn, am Plan national de la mobilité steet se fest verankert. Bis dohinner wäert awer nach vill Waasser de Bierg eroflafen, bis déi realiséiert ass.

Ech mengen, mir mussen do mat Nodrock kucken, dass mer an der Zäit bis dohinner Léisunge kréien, fir méi schnell eng Zuchverbindung an d'Stad ze kréien. Dat geet am Moment am beschten iwwer Péiteng. Soudass mer eis wierklech musse Gedanke maachen, wéi mer d'Leit séier op d'Péitenger oder op d'Käerjenger Gare kréien. Fir eeben do eng schnell Verbindung an d'Stad ze kréien, bis déi hei Verbindung do ass.

Well mir wëssen, dass hei zu Lëtzebuerg d'Projete vum Gedanke bis an d'Realisatioun gären zéng a méi Jore brauchen. D'Vëlosverbindung, de PC 8, ass ee Beispill. An dat war nëmmen eng Vëlosstreck. Hei schwätze mer vun enger Zuchstreck! Dat ass natierlech keng linear Progressioun – hoffen ech jo net. Mee trotzdeem wäert dat awer laang daueren. A bis dohinner musse mer eppes fannen.

Den Tram ass fir mech, an och fir eis als Gréng, ëmmer méi eng wierklech Necessitéit fir de Süden. Fir eng schnell Verbindung ze hunn tëschent de groussen Zenteren. Mir sinn hei am Süden e Ballungszentrum, mir hu grouss Stied mat ville Leit: Déifferdeng, Esch, Diddeleng, fir just déi ze nennen. A mir sinn nach ëmmer – ech emol op jidde Fall – der Meenung, dass e Südtram eng Méiglechkeet kéint sinn.

Eng éischt Pist dovu gesinn ech an deem Punkt, dass de BHNS elo net méi B wéi Bus heescht, mee CHNS, wou ee Corridor jo méi Saachen erlaabt wéi nëmme Bus. Dat heescht am Ministère ass warscheinlech en Ëmdenken, dass et net onbedéngt muss Bus sinn, mee dass ee sech och nach aner Saache kéint virstellen.

An deem Kontext wär et absolutt begréissenswäert, eng schnell Tramverbindung ze hunn heihinner, duerch de Süden. Déi et dann och erlaabt, schnell op den Tram ze kommen, fir an d'Stad.

Ob dat dann dee selwechten Tram ass wéi deen, deen am Moment geduecht ginn ass op Bieles an do säin Arrêt soll fannen, wat ech wierklech net glécklech fannen, dat sief dohigestallt.

Ech kéint mer genau sou gutt virstellen, dass et eng schnell Tramverbindung gëtt, änlech wéi den Tram an der Stad, deen eis op de Kollekter bréngt, wou mer dann an den Tram an d'Stad ëmklammen. Dat ass fir mech keen Ënnerscheed. Wichteg ass, dass mer net eng Tramverbindung maachen, déi schnell soll an de Süde kommen, déi dann um Belval als zentral Plaz soll endegen – wat ech verstinn – an dann awer nach e Schlenker mécht bis op Bieles an do stoe bleift. Ech mengen, dat ass eigentlech net ze verstoen an net nozevollzéien, firwat dat soll sënnvoll sinn an net méi wäit.

Dës Verbindung misst och, an dat kéint ee vläicht nach an den Avis schreiwen, dass dat misst zesumme mam T.I.C.E. gemaach ginn. Well mir hunn eng gutt Organisatioun hei am Süde vum ëffentlechen Transport, déi op dem Bus berout. Déi awer un hir Limitte kënnt. Dat ass genau dat selwecht Phenomeen, wéi een an der Stad konnt gesinn. Ech schaffe jo relativ laang an der Stad, wou ee konnt gesinn, dass een einfach iergendwou un d'Limitte kënnt. An der Stad fiert mëttlerweil bal kee Bus méi. Et ass alles iwwert den Tram. An et gesäit een, wat dat awer fir eng Liewensqualitéit an och eng Mobilitéitsqualitéit bréngt.

Mir hunn awer hei am Süden den T.I.C.E., deen exzellent funktionéiert. Et misst einfach een Organisatiounskommitee zesummegesat ginn aus T.I.C.E., Ministère an de betreffende Gemengen, fir dësen Tram zesumme mam T.I.C.E. – do kënnt den Numm T.I.C.E. jo och hier – erëm eng Kéier op den Dësch ze bréngen.

Den CHNS hunn ech scho gesot, ech mengen, dass den CHNS mat dem Tram sollt ee Punkt ginn. Dat ass einfach fir mech en zesummenhänkend Spill. Et mécht kee Sënn, eng schnell Verbindung ze maachen nëmmen an de Süden, wann et dann duerno mat Busverbindungen, mat laangen Trajeten, mat villen Arrête weidergeet. Da gewanne mer dat Spill hei net.

Dozou passt och en Ausbau vun de Vëlospisten. Natierlech eng schnell Verbindung, fir och do Richtung Belval ze komme vun Déifferdeng aus. Fir dann do op déi schnell Vëlospist, déi och geplangt ass, fir an d'Stad ze kommen. Absolutt wichteg. Och dat wäert nach laang daueren, bis ee mam Vëlo an d'Stad ka kommen. Mee bon, et ass wichteg, dass geplangt gëtt, dass d'Iddien ugeduecht sinn.

Vläicht kéint een an den Avis och nach schreiwen, dass et fir Déifferdeng extreem wichteg wär, déi schnell Verbindungen, eebe wéi ech virdru gesot hunn, op Péiteng an op Käerjeng ze realiséieren. Dat géif engem erméiglechen, a manner wéi zéng Minutte mam Vëlo zu Péiteng op der Gare ze sinn a vun do déi schnell Zuchverbindung an d'Stad ze kréien, bis dass den Dräieck realiséiert ass.

Fir de Frontalierstrafic, dee mer hunn, dee mer wäerte behalen, an dee mer ëmmer haten, musse mer natierlech eng Léisung fannen. Den TNT, deen als Zone fonctionnelle elo och vum Ministère ugeduecht ginn ass, bitt eng Léisung. Iwwert den TNT kënne mer Transfrontaliersprojete maachen, grad an der Mobilitéit, wéi awer och an anere Beräicher. Mee fir d'Mobilitéit ganz sécher bitt sech den TNT un, well et ass eng Plattform, wou mer transfrontalier schonn zesumme schaffen a wou een dat heiten nach kéint weiderdreiwen a perfektionéieren.

De Wandpark. Ech mengen, Dir kennt meng Meenung dozou. De Wandpark ass fir mech nach ëmmer net dout – och wann dat hei ëmmer mantraméisseg widderholl gëtt. En ass net gestuerwen, e läit net an engem zouenen Tirang oder vläicht souguer an der bloer Këscht. Fir mech ass de Wandpark nach ëmmer e Projet, deen ze realiséieren ass an ze realiséiere wäert sinn.

Ech wëll do just dem Här Muller äntweren: Et ass genau dat, wat Dir gefuerdert hutt, dass fir d'éischt eng Analys gemaach gëtt op d'Faisabilitéit. Ma et ass genau dat, wat mer gemaach

*Tout d'abord, il insiste sur la nécessité d'une liaison tramway rapide pour le Sud, reliant les grands centres tels que Differdange, Esch, et Dudelange. Il préconise une connexion directe, similaire au tramway de la ville, qui permettrait aux habitants du Sud de rejoindre rapidement le réseau de mobilité existant.*
*Ensuite, monsieur Liesch souligne l'importance de coordonner les plans du tram avec le TICE, qui gère efficacement les transports publics dans la région du Sud. Il suggère la création d'un comité organisateur composé de représentants de TICE, du ministère, et des communes concernées pour assurer une transition fluide vers une connexion tramway.*
*Il insiste sur l'importance d'une infrastructure cyclable rapide et appelle à la planification d'idées, notamment la création de liaisons cyclables rapides vers Belval et vers la ville.*
*Georges Liesch propose la plateforme TNT comme une solution pour faciliter les projets transfrontaliers, en particulier dans le domaine de la mobilité, soulignant son rôle potentiel dans la collaboration transfrontalière.*
*Georges Liesch insiste sur le fait que le projet du parc éolien est toujours d'actualité et qu'il est réalisable, indiquant que des études approfondies ont été réalisées pour évaluer la faisabilité du projet. Il réfute l'idée que la présence de galeries souterraines limite la construction, soulignant que de telles constructions ont été réalisées sur des terrains similaires.*
*I*

*l se réjouit de l'inclusion du site alternatif près du Vesquenhaff dans l'avis, soulignant qu'il offre encore du potentiel pour des projets. Il envisage également des projets transfrontaliers sur les terrains achetés en France, notamment près du Rouden Haff.*
*Georges Liesch souligne l'importance du projet Net0Cities auquel la commune de Differdange participe en tant que seule commune luxembourgeoise. Il reconnait que cela place des responsabilités sur la commune pour atteindre des objectifs de neutralité carbone d'ici 2030 et espère une collaboration efficace avec les ministères pour y parvenir.*
*Ensuite, il fait référence à l'avis détaillé du Syvicol, qui représente une perspective plus large en englobant toutes les communes du pays. Liesch note que le Syvicol considère les plans IVL et PDAT de 2003 à 2023 comme des échecs complets, un point qui mérite, selon lui, d'être pris en compte.*
*Il mentionne que les chiffres du PDAT étaient largement dépassés au fil du temps.*

hunn, déi sämtlech Etüden, déi mer all déi Jore gemaach hunn. Dir waart jo selwer am Schäfferot. Déi Etüde si jo dorophi komm, fir ze kucken: Ass et machbar? Ass et um Buedem méiglech? Sinn alleguerten déi Contrainten, déi mer am Moment hunn, ze erfëllen?

An do sti mer haut. Mir sti beim Wandpark jo net virun der Problematik vun der Stabilitéit vum Buedem. An ech fannen och net, dass dat soll ëmmer erëm no bausse widderholl ginn, wéi wann een op engem Buedem, wou Galerien dra sinn, eigentlech net kéint bauen. Dat ass absolutte Quatsch. Wann ee kuckt, wéi een haut kann op aneren Terraine bauen, ech soen elo mol just an der Wüst, op de Sand kann ee bauen an iwwerall kann ee bauen, da kann een och – an dat ass jo statesch och bewisen – bei eis um Bierg bauen. Wann do Galerien dra sinn, dat stéiert absolutt guer net.

Wou mer am Moment hänken ass op den ëmwelttechnesche Problemer. An do hu mer jo och nach Léisungen elo proposéiert dem Ministère. Do lafen nach ëmmer Gespréicher. Also dee Projet ass fir mech net gestuerwen. An ech begréissen, dass deen aneren Alternativ-Site beim Vesquenhaff hei och am Avis steet. Well genau dee bitt eis nach Potenzial fir weider Flächen. A wann een e bësse méi wäit denkt an transfrontalier denkt, da kéint ee sech och op deenen Terrainen, déi mer a Frankräich kaf hu beim Roudenhaff, nach ganz vill Saache virstellen.

En extreem wichtege Punkt ass fir mech den NetZeroCities, wou eis Gemeng als eenzeg lëtzebuergesch Gemeng zréckbehale gouf, fir an deem europäesche Projet matzemaachen.

Dat ass natierlech schéin, dass mer zréckbehale goufen. Dat beweist d'Qualitéit vum Dossier, dee mer erstallt hunn, dass mer zréckbehale gi sinn. Dat beweist och, dass vill an deene leschte Joren hei zu Déifferdeng geschitt ass, dass erkannt ginn ass, dass Déifferdeng Potenzial huet, fir an dësem Projet hei matzemaachen. Mee dat bedeit awer – an dat ass d'Kiersäit vun der Medail –, dass mer konkreet musse liwwere bis 2030.

A fir dat  hinzekréien, brauche mer d'Hëllef vun de Ministèren. Well eng Gemeng eleng ass natierlech hei eeben eleng. An et freet mech, dass déi Gespréicher mat de Ministèren awer elo gutt ulafen a Fortgang kréien, an dass d'Ministèrë bereet sinn, eis ze hëllefe bei de Realisatiounen, fir dass mer 2030 $CO_2$-fräi sinn.

Dat ass einfach gesot. Dat kléngt no bausse schéin. Dat kann een dann och an de Walprogramm schreiwen an op d'Plakater schreiwen. Dat wäert awer ganz vill Impakt op d'Déifferdenger Leit hunn, op eis Gewunnechten hunn, an op eis Aart a Weis, wéi mer plangen, wéi mer bauen. Dat wäert eist normaalt Liewen, wéi mer et kennen, ganz vill impaktéieren. An ech mengen, däers si sech nach net ganz vill Leit bewosst.

Als Gréng wäerte mer dat heite stëmmen, dat wëll ech scho mol virausschécken. Ech wëll awer nach op déi zwee Avisen agoen, déi menger Meenung no awer och derwäert sinn, hei ernimmt ze ginn, well se bësse weisen, wéi déi eng oder aner ticken an denken.

Ech hunn den Avis gelies vum Syvicol, dee ganz detailléiert ass an deen de Bléck, ech erlabe mer vläicht elo de Begrëff, iwwert den Tellerrand vun der Gemeng ewechkuckt a seet: Et ass net nëmmen eng Gemeng. De Syvicol begräift jo eigentlech all d'Gemengen hei am Land a kuckt dat mat den Aen oder duerch de Brëll vun de Gemengepolitiker hei am Land.

Si schreiwen hei – an dat ass scho mol, mengen ech, e Fazit, deen ee kann zéien –, dass souwuel den IVL wéi de PDAT, dee mer hate virdrun, vun 2003 bis 2023, dee jo duerno gelaf ass, e kompletten Echec waren. Dat stelle si fest an hirem Avis an dat kann een eigentlech och nëmmen esou ënnerschreiwen.

Eleng mam PDAT, dee mer fir déi lescht Joren haten, huet ee mol net an der Hallschent vun der Zäit vun deem PDAT gemierkt, dass déi Zuele wäit depasséiert goufe vun deem, wat eigentlech ugeholl gouf. Dat heescht alles dat, wat do ugeholl gouf am PDAT, war total iwwerholl.

Weider schreiwe se, an dat ass interessant an hirem Avis, dass de PDAT – ech huelen de Begrëff aus dem Avis vum Mouvement –, dass dat Dokument en

„zahnloser Tiger" war. Dat heescht en Dokument, wat wuel eng Vision directrice huet, wéi et am Land soll weidergoen, awer null Impakt op d'Legislatioun selwer huet, a scho guer net ze schwätze vun der Constitutioun, mee awer och net op d'Gemengepolitik.

Dat heescht, dësen Avis, dee gestëmmt gouf oder op den Dësch geluecht gouf, war eigentlech just eppes, wou ee kann driwwer nodenken a wou ee ka soen: Dat kléngt gutt, mee mir maachen et awer aneschters.

An dat huet, mengen ech, och dozou bäigedroen, dass et en Echec ass. An dat stelle si och als Syvicol an hirem Avis fest.

Dann ass et awer e bëssen erstaunlech, dass se genau dat awer formellement opposéieren doduerch, dass se an hirem Avis schreiwen, dass se sech formell opposéiere géint all Améschung an d'Gemengekompetenzen, wann et drëm geet, hire PAG ze steieren. Dat ass fir mech eng Kontradiktioun an hirem eegenen Avis.

Wann ee gären hätt, dass e PDAT soll Konsequenzen hunn an eebe Méiglechkeeten hunn, eng Gemeng an hir Schranken ze weisen, da muss een dat op där anerer Säit natierlech och akzeptéieren.

Si hunn eng relativ konservativ Haltung. De Kredo vun hirem Avis ass: „Mir si mat villem oder bal allem averstanen, mee ..." An da kënnt meeschtens eng Erklärung, firwat een eigentlech awer elo mol sollt e bëssen zréckschrauwen, vläicht e puer Gäng zréckschalten. Wéi zum Beispill bei der Reduktioun vun de Flächen. Domat si se averstanen, dass ee bebaute Flächen hei zu Lëtzebuerg soll e bësse reduzéieren. Dat fanne se eigentlech eng gutt Saach, mee si géifen awer léiwer drop waarden, wat d'EU dann do seet.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer waarden, bis d'EU eis seet, wat mir hei am Land, an eiser Gemeng solle vu Flächereduzéierung maachen, ech mengen, da wësse mer alleguerten, wéi laang mer dorobber waarden. Da brauche mer iwwerhaapt net méi iwwert dëst Dokument ze diskutéieren. Well alles, wat mer dobausse gesinn, den Impakt vun eiser Konsumgesellschaft, dee waart och net op den Avis vun enger EU. Wa mer kucken, wéi d'Klima sech verännert, wéi eis Biodiversitéit zu Gronn geet, déi waarden net op en Avis vun der EU.

Dat ass fir mech awer e bëssen haltlos, wat de Syvicol do schreift.

Si schreiwen och, si warnen e bësse virun engem „Blocage du développement" a fannen et wichteg, dass eng Gemeng nach muss eng Attraktivitéit an Dynamik behalen. Ech stelle mer do d'Fro: Ass de PDAT en Dokument, wat eng funktionell Vue soll hunn, wéi mer eist Land hei geréieren oder geet et hei ëm e liberaalt Konkurrenzdenken tëscht Gemengen an hire verschiddene Zone-commerciallen a kucken, wien deen déckste Betrib oder wien eng Fläch huet, wou eng Gemeng enger anerer e Betrib kann ewechhuelen?

Dat ass nämlech d'Realitéit hei zu Lëtzebuerg. Mir schwätzen ëmmer dovunner, dass nei Betriber an d'Gemenge solle kommen, an oft gesi mer, dass déi Betriber eigentlech just vun enger Plaz op déi aner wanderen. Sech zwar do e bësse vergréisseren, mee fir mech ass dat do e liberale Konkurrenzkampf. An dat huet näischt mat Landesplanung ze dinn.

Bref, fir mech stellt den Avis vum Syvicol eigentlech a Fro: Deen neie PDAT, wéi kann een deen ëmsetzen? Si gesinn do verschidden Ängschten. Si géifen am léifste mol nach e wéineg aussetzen, dat Ganzt. Awer doriwwer eraus kucke se eigentlech an hirem Avis net, wat ech awer e bësse schued fannen.

Da kommen ech op den Avis vum Mouvement. An dat huet elo näischt mat menger Partei ze dinn, mee ech muss awer soen, dass de Mouvement deen eenzegen ass, wou ech mierken, dass sech hei Leit Gedanken iwwert de PDAT gemaach hunn, wat an zwielef Joer a virun allem wat no deenen zwielef Joer geschéie soll. An dat fannen ech eng immens spannend Lektür. Ech kann nëmme jiddwerengem recommandéieren, dat eng Kéier ze liesen. Ech resüméieren e puer Punkten.

Als Éischt stelle se fest, dass och deen neie PDAT, wéi dee vu virdrun, een zahnlosen Tiger ass. Dat heescht, dass dat Dokument op allen Niveauen, sief

*Le Syvicol décrit le PDAT comme un tigre de papier, suggérant qu'il a une vision directive, mais qu'il n'a d'impact ni sur la législation ni sur la politique communale.*
*Georges Liesch partage cette opinion, soulignant que le PDAT n'a pas eu d'impact significatif sur la politique réelle.*
*Puis, il souligne une contradiction dans l'avis du Syvicol, notant que bien qu'ils critiquent le PDAT comme inefficace, ils s'opposent formellement à toute modification des compétences communales, en particulier en ce qui concerne la gestion des PAG.*
*Il critique une attitude hésitante et conservatrice du Syvicol, notant que leur crédo semble être « nous sommes d'accord avec presque tout, mais... ». Il suggère que cela peut conduire à une inaction.*
*Ensuite, monsieur Liesch remet en question la vision du Syvicol qui avertit contre un « blocage du développement ». Il s'interroge sur la priorité donnée à la compétition entre municipalités plutôt qu'à une approche fonctionnelle de la gestion du territoire.*

*Monsieur Liesch partage l'opinion du Mouvement écologique selon laquelle le PDAT est un tigre de papier, soulignant son manque d'impact significatif au niveau constitutionnel, législatif et communal.*
*Il critique le recours fréquent aux ZAD dans les PAG, soulignant que cela revient essentiellement à laisser des zones en attente sans réelle transformation. Il suggère que ce concept ne résout pas la question fondamentale de l'urbanisation nécessaire.*
*Georges Liesch remet en question les projections linéaires du Mouvement écologique concernant la croissance démographique et le trafic transfrontalier. Il exprime son pessimisme quant à la validité de ces projections, anticipant plutôt une évolution exponentielle.*
*Il souligne que le PDAT propose une réduction ambitieuse de la consommation de sol, passant de 180 ha par an à 0 d'ici 2050. Cependant, Liesch critique le PDAT pour ne pas aborder les implications plus profondes de ces changements, notamment en ce qui concerne la durabilité du modèle de développement.*
*Il souligne l'absence de réponses aux questions cruciales concernant la viabilité du modèle de développement actuel, et les conséquences de ces choix sur l'urbanisation, les infrastructures et la mobilité.*
*Georges Liesch souligne que le PDAT doit être compatible avec le PMN (Plan de mobilité nationale) et que les calculs du Mouvement écologique montrent une augmentation continue du trafic jusqu'en 2035, ce qui soulève des préoccupations sur la durabilité des choix actuels en matière de mobilité.*

dat konstitutionell, legislativ oder kommunal eigentlech keen Impakt huet. Dat ass schued. Well wann een eng Landesplanung mécht, wou ee seet, dat do wëlle mer, da muss een och de Courage hunn, dat esou ze verankeren, dass et och an déi Richtung geet. An dass net no all Walen aneschters geplangt, geduecht a gehandelt gëtt.

Ech huele just ee Beispill eraus, dass an de PAGen oft gesot gëtt, et kann ee jo ganz vill Surfacen an eng ZAD maachen, also eng Zone à développement. Dat kléngt natierlech emol fir d'éischt gutt, wann ee seet, mir hunn elo an eisem PAG – och hei zu Déifferdeng hu mer dat gemaach – verschidden Terrainen, wou mer soen, do wëlle mer net bauen, mir wëllen déi net urbaniséieren, awer mir maachen eng ZAD draus.

Dat heescht eigentlech näischt aneschters wéi, dass mer déi elo mol op Äis leeën a kucken, vläicht deen nächste Schäfferot, vläicht deen iwwernächste Schäfferot kann dann doraus mat engem konkreete Projet déi Zon an déi Zon ëmwandelen, déi e grad dofir brauch.

Dat heescht awer näischt aneschters wéi, dass déi Zon eigentlech awer scho condamnéiert ass. Well et wäert jo keen der Meenung sinn, dass eng ZAD eng Kéier an eng Zone verte wäert ëmgewandelt ginn. Dat heescht, déi Fläch ass eigentlech scho virgesinn ze urbaniséieren an dozou och condamnéiert.

De Mouvement mécht a sengem Avis eng Berechnung, déi ech ganz interessant fannen. Wann een d'Awunnerzuel kuckt bis 2035 – well dëse PDAT soll jo zwielef Joer laang lafen –, wéi gesäit et dann aus mat den Awunnerzuelen, mat den Aarbechtsplazen, déi mer dann hunn?

Mir wäerten dann, schreiwe se an hirem Avis, 827.000 Awunner hunn, wat e Plus vun 28 % ass. Den Transfrontalierstrafick wäert ëm 23 %, laut hire Berechnungen, zouhuelen. Dat sinn alles linear Berechnungen, déi viraussetzen, dass et esou weidergeet wéi elo. An do sinn ech éischter pessimistesch. Well ech gleewen net un eng linear Progressioun, mee ech gleewen do éischter un eng kleng exponentiell Evolutioun, wéi mer se eigentlech och an de leschte Jore gesinn hunn. Dat heescht, déi heiten Zuele wäerten nach iwwertraff ginn. Mee dat heite wär dann eigentlech den Best-Case-Zenario. An deen ass schonn erschreckend genuch.

Da gesäit de PDAT vir, dass mer eng Buedemnotzung géint null tendéiere bis 2050. De PDAT gesäit vir, dass mer vun 180 Hektar pro Joer, déi mer haut verbauen, bis 2035 erofginn op 90 Hektar, also d'Hallschent. Wat schonn ambitiéis ass. An 2050 da schlussendlech op null Hektar pro Joer.

Dat kléngt gutt. Dat geet an déi richteg Richtung. Mee gläichzäiteg stellt de PDAT awer net emol d'Fro, an e gëtt och keng Äntwert dorop: Wat bedeit dat dann? Ass eise Modell, deen am Moment op Konsum, op Wuesstem opgebaut ass, dann eigentlech nach haltbar, wa mer net méi wëlle verbauen?
Oder, wa mer dee Modell wëlle bäibehalen, awer net méi Surfacë wëlle versigelen, wat heescht dat fir eis Stied? Wéi entwéckelen déi sech dann? Dat géif heeschen, dass mer dee Bestand, dee mer scho versigelt hunn, weider verdichten. Wat heescht dat fir eis Infrastrukturen? Wat heescht dat fir eis Mobilitéit? All dës Froe ginn am PDAT esou direkt net opgeworf.

Mobilitéit, och do gesäit een am Avis vum Mouvement, dass se e bësse méi wäit geduecht hunn. Ech wëll net soen, dass am Ministère net esou wäit geduecht ginn ass, mee jiddefalls schreiwe si et mol kloer schwaarz op wäiss dran, de PDAT hëlt jo fir d'Mobilitéit als Basis de PMN, also de Plan de mobilité national. Wat jo och kloer ass, déi zwee wichteg Dokumenter sinn extreem liéiert. Mee et gesäit een awer, dass duerch d'Berechnung vum Mouvement den Trafick bis 2035 nach zouhëlt, net ofhëlt! Wa mer kucken, a wéi enger Situatioun mer haut scho si mam Individualverkéier, dat gëtt eng Katastroph bis 2035. Wa mer gesinn, dass den Trafick trotzdeem nach wäert staark zouhuelen, da wësse mer jo, dass dat doten net ka funktionéieren.

A wa mer wëssen, wéi laang et dauert hei zu Lëtzebuerg, fir déi ominéis Zuchverbindung, déi Déifferdeng gären hätt, oder aner Saachen ze realiséieren, da wësse mer, dass bis 2035 net allze

vill geschitt. An den Trafick hëlt also enorm zou.

Punkto Finanzen ass och interessant ze liesen, et ass vläicht net dat spannendst Kapitel am PDAT, mee de PDAT gesäit vir, dass de Gemengeschlëssel – iwwregens eppes, wou de Syvicol jo net esou frou doriwwer ass, iwwert déi nei Opdeelung – virgesäit, dass 20 % vun der Densitéit vun den Awunner géif kommen, 65 % vun den Awunner a 15 % op de Zone-vertë vun enger Gemeng. Dat wär also d'Opdeelung, wéi d'Gemengefinanzen, also de Subsid fir d'Gemengen also kéint ausgesinn an deem neie PDAT.

Ass dat déi richteg Richtung? Déi Fro stellt de Mouvement. Déi Fro stellen ech mer och. Wann een eng Landesplanung wëll maachen, déi méi contraignant ass, wou ee manner Fläche versigele wëll, muss een dann net de Wuesstem vun den Awunner iergendwou mat do consideréieren? An ergo misst een dann net de Schlëssel aneschters opdeelen, wéi nëmmen hei op 65 % Awunner? Eng Gemeng mat villen Awunner kritt also vill Subsid. Ass dat dee richtege Wee?

Ech denken, dass dat ze kuerz gräift, an dass mer hei mat dëse Moyenen net déi Ziler erreeche wäerten, déi am PDAT stinn. Déi, menger Meenung no, och mol nach net wäit genuch ginn.

E Saz, dee mer gutt gefall huet, dat ass am Avis vum Mouvement, dass et wichteg wär, elo schonn Aktioune virzehuelen, déi dat ermégleche fir dëse PDAT oder nach méi laang geduecht, e bësse méi wäit gekuckt, ze erméiglechen. Si schreiwen: „rendre compatible le court terme avec la vision du moyen terme." Ech fannen dat en absolutt wichtege Saz.

Wa mer nëmmen drop waarden, bis dëse PDAT seng Demarchë gemaach huet, deen och nach keng Repercussiounen huet op d'Gemengen an op d'Landesplanung, op aner Argumenter, an net elo scho preparéieren drop, dass mer mussen aneschters liewen, aneschters musse gestalten, da wäerte mer hei ganz sécher verléieren.

De PDAT, sou wéi en hei ass, ass e wichtegt Dokument, et ass e gutt Dokument, et reegt eebe genau dës Debaten un, déi mer haut hei féieren, an a ville Gemenge wäerte gefouert ginn. Dat ass absolutt begréissenswäert. An dass mer dat Dokument och hei hunn. An awer hunn ech e schlecht Bauchgefill, dass dëst Dokument erëm – wéi déi aner PDATen an den IVL – sech leider net wäerten esou realiséieren.

Dofir ralliéieren ech mech och dem Avis vum Mouvement, dem éischte Punkt, wou se soen, et feelt e breeden nationalen Debat iwwert de System: Wéi wëlle mer hei zu Lëtzebuerg liewen? Well dat setzt eigentlech alles aneschters viraus. Wa mir weider wëllen an engem System liewen, dee just op Konsum an op Wuesstem baséiert ass, dann ass warscheinlech keen anere PDAT wéi dat heite méiglech.

Mee genau déi Fro, mengen ech, misst een an engem breeden nationalen Debat féieren, mat de Leit alleguerten zesummen. Fir iwwerhaapt emol ze gesinn: Wéi si mer bereet ze liewen? Oder wéi musse mer vläicht liewen? A wéi musse mer eis Landesplanung da maachen?

Ech hunn e bësse wäit ausgeholl. Mee ech hunn awer fonnt, dass et wichteg wär, iwwert de berüümten Tellerrand ewechzekucken.

Den Avis vun der Gemeng ass pertinent, alleguerten d'Punkte sinn extreem wichteg fir eis Gemeng. Mee ech mengen awer, Dir hutt gemierkt a menger Ried: De PDAT ass en nationaalt Dokument, e begräift net nëmmen d'Landesplanung, mee e begräift eigentlech d'Aart a Weis, wéi mer hei zu Lëtzebuerg wëlle liewen, zesummeliewen a wéi mer wëllen eis Zukunft gestalten. An duerfir mengen ech ass et wichteg, nieft dësem PDAT, och déi aner Avisen ze liesen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech deelen dem Här

*Il remet en question la proposition du PDAT selon laquelle 20 % des financements pour les communes seraient basés sur la densité de population, 65 % sur le nombre d'habitants, et 15 % sur les zones vertes. Il se demande si cette répartition est la bonne approche, soulignant que cela pourrait favoriser davantage les grandes communes avec beaucoup d'habitants.*
*Ensuite, monsieur Liesch rejoint le Mouvement écologique en appelant à des actions immédiates pour rendre compatible le court terme avec la vision à moyen terme. Il souligne l'importance de préparer dès maintenant des actions qui faciliteront la mise en œuvre du PDAT ou d'une vision plus étendue.*
*Il partage l'avis du Mouvement écologique selon lequel un large débat national est nécessaire pour discuter du système dans lequel le Luxembourg souhaite vivre. Il souligne que le PDAT, en tant que document national, nécessite une réflexion plus profonde sur la manière dont le pays veut évoluer.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *partage les préoccupations du Mouvement écologique concernant le PDAT.*

*Il critique la concision de l'avis communal par rapport à celui du Mouvement écologique, qui a produit un document plus détaillé avec cinquante pages. Il déplore que l'avis ne réponde pas aux questions fondamentales posées par le PDAT, notamment en ce qui concerne la croissance démographique, la préservation de l'environnement et la gestion de la mobilité.*
*Eric Weirich aborde divers aspects du PDAT, en mettant l'accent sur la mobilité, la planification urbaine et le logement. Il critique la brièveté de l'avis de la commune par rapport à celui du Mouvement écologique. La question de la mobilité occupe une place centrale dans l'avis de la commune, mais Eric Weirich estime que des réponses plus élaborées devraient être apportées, notamment en ce qui concerne la croissance urbaine, les alternatives au transport individuel et les solutions à court terme pour les défis de mobilité. Il souligne la nécessité de repenser la planification locale, notamment en abordant le trafic frontalier et en envisageant des solutions pour apaiser le trafic dans le centre-ville.*

Liesch seng Begeeschterung, wat den Avis vum Mouvement écologique ugeet. Hunn ech natierlech och mat ganz vill Interessi gelies. An ech sinn och mat Iech averstanen, dass et vläicht iergendwou en national breet ugeluechten Debat bräicht, fir op déi wichteg Fro eng Äntwert ze fannen, wéi mer eis an Zukunft wëllen entwéckelen, wéi mer an Zukunft wëllen zesummeliewen als Land.

Ech hätt mer gewënscht, wa mer deen Exercice och hei an der Gemeng gemaach hätten, ugefaangen hei am Haus.

Mir hunn elo hei just den Avis vum Schäfferot virleien, deen och schonn op de Ministère ageschéckt gouf. A mir féieren elo haut, zwou Woche méi spéit, eréischt den Debat hei am Gemengerot. Wat ech e bësse schued fannen.

Och wa mer wëssen, dass d'Dokument schonn am September un d'Gemenge verschéckt ginn ass, hunn ech matkritt vun anere Gemengen, gréissere Südgemengen, dass se en technesche Gemengerot organiséiert hunn. Hätt ech mer och gewënscht, dass mer dat fir dëst Dokument a fir dës wichteg Froe gemaach hätten.

Hu mer net gemaach. Bon, elo déi Noutléisung mat Avis. Vläicht komplettéiere mer e bësse mat deem Input, dee mer elo haut nach ginn als Gemengeréit. Mee ech fannen dat awer e bësse schued, déi Approche, dass mer do net méi agebonne goufen als Gemengeréit. An et kënnt vläicht och komesch eriwwer, wa mer elo nach eng Kéier en Avis noschécke mat zousätzleche Kommentare vum Gemengerot.

Also, et ass schued, dass mer do net méi proaktiv agebonne goufen als Gemengeréit.

Ech fannen, eisen Avis fält e bësse kuerz a knapp aus. Wann ech kucken, de Meco, deen den Här Liesch scho vill zitéiert huet, huet 30 Säite geschriwwen. De Syvicol huet 50 Säite geschriwwen. Mir packen et knapp op fënnef Säiten. An den Exercice oder d'Ufro vum Minister Turmes, vum Aménagement du Territoire war jo, fir en Input justement vun de Gemengen ze hunn, wéi mer eis an Zukunft wëllen entwéckelen a wéi mer sollen zesummeliewen. Do äntwere mer net drop.

Dräi Véierels vun eisem Avis geet ëm d'Mobilitéit. D'Mobilitéit ass natierlech e wichtegt Element an där Fro, wéi mer an Zukunft wëllen zesummeliewen, mee ech fannen, mir verpassen e bëssen an eisem Avis, eebe méi op elementar Froen och Äntwerten ze fannen. Wéi zum Beispill déi Wuesstemsfro, déi de Meco, zu Recht, opwerft, wéi d'Versigelung, wou mer och net drop aginn. A vill Saachen, déi mer uschwätzen an eisem Avis, déi sinn iergendwou schonn an der Planung.

Dat meescht ass d'Mobilitéit, wou an eisem Avis drasteet. Dat meescht steet am PNM 2035, wat de Minister Bausch hei am Haus virun e puer Méint virgestallt huet. D'Neierung ass dat mam Tram. Do sinn ech och absolutt averstanen, fir den Tram bis an eis Gemeng weiderzedenken. Mee do schwätze mer vun Horizont 2030, bis dat vläicht ka realiséiert ginn. Ech mengen, 2028 ass d'Verbindung bis Esch fäerdeg. Bis bei eis wäert et nach eng Kéier e Strapp daueren. Mee ech mengen, mir bräichten do awer och méi kuerzfristeg Léisungen, justement wat d'Mobilitéit ugeet.

D'Vëlosweeër ginn ugeschwat an eisem Avis, do hätte mer och kënnen e bësse méi Efforte maache bei eis an der Gemeng, fir do méi schnell weiderzekommen. Et ass elo geplangt, déi Etüde fir aus der Gemeng eraus Richtung Suessem a Péiteng Vëlosweeër unzeleeën, mee do hu mer vill Zäit verluer. Dat hätt schonn éischter kënne gemaach ginn.

Da gëtt och vum Grenzverkéier geschwat. Ech fanne schonn, dass mer vläicht net eng vun den Haaptachse sinn, mee mir hunn awer scho relativ vill Grenzverkéier. Wou mer lokal vläicht net vill Méiglechkeeten hunn, mee awer och net mol den Exercice maachen, fir vläicht de Verkéier anescht ze leeden. Och fir eise Stadzentrum anescht ze plangen, fir de Verkéier ze berouegen. Haut schonn ëmzedenken um Niveau vun eiser Gemeng, wou mer eng Handhab drop hunn. Do vermëssen ech e gesamte Plan de mobilité, wat ech jo och net déi éischte Kéier hei uschwätzen.

Dann ass am Avis rieds, dass ëmmer méi Leit keng Wunnenge méi hei am Land fannen, well mir wëssen et alleguerten: D'Logementspräisser explodéieren. Mee gläichzäiteg loosse mer awer Bauland brooch leien, zum Beispill op de Woiwerwisen, wat eis gehéiert.

Ech gesinn d'Diskussioun ëm d'Versigelung: Fuere mer weider? Fuere mer net weider? Dat ass net gekläert. Dat ass jo och e bëssen d'Iddi hei vun deem vum PDAT, fir op esou Froen Äntwerten ze fannen. Manner versigelen, méi versigelen, noverdichten an esou weider an esou fort. Wou et vläicht interessant gewiescht wär, déi Fro opzewerfe mat eise Bierger a Biergerinnen, wéi si sech d'Entwécklung oder d'Weiderversigelung oder d'Noverdichtung hei an der Gemeng virstellen, ob se et gutt fannen oder net. Wou mer einfach net drop äntweren. An dann awer an eisen Avis schreiwen, dass d'Leit kee bezuelbare Wunnraum méi hei am Land fannen, an eeben och hei an der Gemeng, wat eng Grenzgemeng ass.

Et gëtt geschwat vu Loftqualitéit a Kaméidi. Den Här Muller hat déi Kaméidisetüd vum Hierscht 2021 zitéiert, wat mer och hei beschwat hunn. Doropshin hate mer en eegene Projet lancéiert, fir d'Loftqualitéit an der Gemeng ze behiewen: „Propper Loft". Ech kucken do op d'Madamm Pregno, déi dat hei scho méi oft virgestallt hat. Wou mer awer och elo nach keng Auswäertunge virleien hunn, déi interessant wären.

Mee dat heescht, do geschéien awer och scho Saachen. Och schonn um Niveau vun der Ëmweltverwaltung gëtt d'Loftqualitéit getest. Do sinn, mengen ech, eng Dose verschidde Parameteren, déi getest ginn. Dat steet alles online, gëtt all Dag do veröffentlecht. Dat ass och elo näischt Neits, well et dat einfach scho gëtt.

Ech fannen et – ech soen et nach eng Kéier – e bësse schued, dass eisen Avis esou knapp ausfält, an dass mer et verpasst hunn, eng breet zougeluechten Diskussioun hei am Haus ze féieren. Respektiv mat den AwunnerInnen aus eiser Gemeng ze féieren. Dowéinst kann ech dat hei net matdroe fir déi Lénk. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, alleguerten, et geet ëm der Gemeng hiren Avis. Mir hunn och kuerz an eiser Fraktioun driwwer geschwat. Dee gréisste Problem oder ee grousse Problem bei eis am Eck schéngt dee ganzen Trafick ze sinn.

Hei, mengen ech, gëllt et fir den zoustännege Verkéiersschäffen oder deen nächste Verkéiersschäffen, fir mat Nodrock op déi verschidde Punkten ze pochen, wou mer elo scho grad – ech mengen et huet bal all Fraktioun se opgezielt: den Tram, deen net soll uewen zu Suessem oder bei der Suessemer Gemeng stoe bleiwen, de schnelle Bus, deen onbedéngt muss kommen. An och CFL, déi Ofkierzunge Richtung Käerjeng, déi eis 15 Minutte wäert bréngen. Wat immens vill ass, fir an d'Stad ze kommen.

D'Vëlosweeër mussen onbedéngt och matenee verbonne ginn. Doriwwer hu mer virdrun och scho bei där Debatt iwwert déi Bréck um Fousbann geschwat.

Wat een elo muss kucke beim Trafick an nächster Zukunft – deen Trafick, deen haaptsächlech aus Frankräich eriwwer kënnt an duerch Déifferdeng fiert –, wat d'Liaison Micheville eis bréngt. An eventuell och deen neie Parking, deen opgeet zu Péiteng, wou 1.500 Plaze sinn, wou d'Leit kënnen eventuell do den Zuch huelen, fir an d'Stad ze kommen.

Eng aner Saach, dat ass dee ganzen Energieproblem. Et gëtt oft gesot, mir musse kucken, CO2-fräi ze ginn oder sou vill wéi méiglech op renouvelabel Energien ëmzesteigen. Hei schéngt et awer wierklech, den Här Liesch huet et scho gesot, de Projet ass net gestuerwen, mee ech mengen, mir sinn amgaangen, eis selwer mat Oploen a Reglementatioune futti ze maachen.

Wann ee bedenkt, dass mer zéng oder zwielef Joer u Geneemegunge schaffen, do gesäit een, wéi séier et zu Lëtzebuerg geet, an dass mer do wäerte Misär kréi-

*Le député exprime également des inquiétudes quant à la disponibilité du logement, notant que les prix de l'immobilier explosent tandis que des zones de construction restent inexploitées.*
*Il souligne le besoin de solutions à court terme pour les défis de mobilité, notamment en matière de pistes cyclables. Il critique également la gestion du trafic frontalier, appelant à une réflexion sur la manière de mieux contrôler et gérer le flux. Weirich regrette l'absence de discussion sur des questions cruciales telles que la préservation des espaces verts et la qualité de l'air, appelant à une approche plus proactive et à des consultations publiques.*
*En fin de compte, monsieur Weirich exprime sa déception quant à la participation limitée du conseil communal. Il suggère qu'une consultation plus large avec les citoyens aurait pu enrichir le débat. Finalement, il émet des doutes sur l'efficacité globale du PDAT et appelle à une réflexion approfondie sur la manière dont la commune souhaite se développer à l'avenir. Déi Lénk ne portera pas cet avis.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *se penche sur les défis de la commune, mettant en avant le problème majeur du trafic. Il souligne la nécessité d'une action rapide des autorités de la circulation, y compris du prochain échevin des Transports, pour résoudre les problèmes liés au trafic dans la région. Guy Tempels insiste sur l'importance d'accélérer les projets tels que le tram et le bus rapide, ainsi que de meilleures connexions des CFL vers Käerjeng.*
*Le conseiller communal met également l'accent sur la nécessité de connecter les pistes cyclables et mentionne des débats antérieurs sur la passerelle piétonne. Il évoque le trafic en provenance de France par Differdange, suggérant que la liaison Micheville et le nouveau parking à Pétange avec 1500 places pourraient offrir des solutions alternatives pour les citoyens souhaitant se rendre en ville.*
*En ce qui concerne l'énergie, monsieur Tempels souligne la complexité des projets énergétiques et exprime ses inquiétudes quant à la*

*lenteur du processus d'approbation et de règlementation au Luxembourg. Il met en garde contre le risque de paralysie administrative et appelle à une plus grande implication des parties prenantes pour éviter des retards inutiles dans la réalisation de projets énergétiques durables.*
*Enfin, Guy Tempels aborde les défis liés à la disponibilité des terrains pour la construction, soulignant la nécessité de maintenir la communication et la collaboration entre toutes les parties concernées pour éviter les blocages administratifs et garantir un développement urbain efficace.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *mentionne que l'avis de la commune de Differdange concernant le PDAT 2023 a déjà été envoyé au ministère. Il indique qu'il ne voit pas la nécessité de revenir en détail sur le contenu de cet avis. Le DP est cependant disposé à soutenir les propositions spécifiques de la commune.*
*Il exprime une attitude positive envers la proposition d'une liaison ferroviaire directe avec la ville de Luxembourg et d'une extension du réseau de tramway jusqu'à Differdange, bien qu'il doute qu'il soit là pour le voir. Il se montre favorable à l'optimisation et à l'extension du réseau de bus, notamment avec un arrêt central au centre de Differdange, ainsi qu'au développement du réseau cyclable.*
*Cependant, François Meisch se montre plus sceptique à l'égard de l'emplacement des éoliennes. Malgré ces réserves, il affirme que l'avis de la commune sera soutenu par le parti démocratique.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *critique vivement l'avis de la commune de Differdange sur le Programme directeur d'aménagement du territoire 2023. Il déclare que discuter de cet avis est futile, car, selon lui, il n'y a pas de véritable planification territoriale au Luxembourg. Il souligne que la planification est souvent orientée par des intérêts économiques privés plutôt que par des intérêts sociaux.*
*Ali Ruckert exprime son insatisfaction quant à la politique de construction actuelle, soulignant*

en, fir iergendwann eng Kéier eppes op d'Been ze bréngen, wann herno eng Ministesch op Soupçon eng Geneemegung net wëllt ginn oder keng Decisioun wëll huelen. Ech mengen, dat kann net esou virugoen.

Et gëtt méi där Problemer am Bauen. Déifferdeng huet sech e bësse festgeluecht, wéi séier mer wuessen. Mir hu jo vill Plazen net onbedéngt direkt fräi ginn, fir ze bauen. Et ass munches an der Maach. Hei musse wierklech all déi zoustänneg Leit op eiser Gemeng um Ball bleiwen, fir do ze kucken, dass mer do en Deblocage kréien.

Mir soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, den Avis vun der Gemeng Déifferdeng gouf schonn un de Ministère gescheckt. Am Fong mécht et net méi vill Sënn, datt ech elo nach groussaarteg hei aushuelen.

De Contenu vum Avis fir d'Gemeng Déifferdeng betreffend de PDAT 2023, de Programme directeur d'aménagement du territoire, kënne mir awer matdroen. Ech ginn net nach eng Kéier an den Detail vun den eenzele Punkten. Eng direkt Zuchverbindung an d'Stad, eng Tramverbindung bis op Déifferdeng gesi mer natierlech och positiv. Ob ech déi zwou Saachen awer nach materliewen, dat bezweifelen ech.

Positiv gesi mer och eng Optimisatioun an eng Extensioun vum Busreseau mat zentralem Arrêt am Déifferdenger Zentrum an den Developpement vum Vëlosreseau.

Punkto proposéiert Sitte fir e Wandpark si mir bekanntlech e bësse méi skeptesch. Trotzdeem droe mir dësen Avis mat. Dat war et schonn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Meisch. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, mir sollen hei eng Diskussioun féieren an ech liesen hei, deen Avis vun der Gemeng Déifferdeng, vum Schäfferot, deen ass den 10. Januar 2023 schonn ofgeschéckt ginn. Wouriwwer solle mer dann diskutéieren? Dir hutt jo d'Regierung informéiert, wat Déifferdeng wëllt maachen, dann ass dat hei Moutarde après diner, géif ech soen a soss guer näischt.

Do gesäit een e bëssen, wéi ondemokratesch d'Diskussioun dacks funktionéiert.

Dir gitt hei en Avis iwwer verschidden Elementer vun der Landesplanung hei zu Déifferdeng of, mee a Wierklechkeet ass et esou, dass et iwwerhaapt keng Landesplanung zu Lëtzebuerg gëtt. Dat kënnt och e bëssen aus dem Avis vum Mouvement écologique eraus, wann e seet, dass Texter produzéiert ginn, déi am Fong kee grousse Wäert hätten, well se ni ëmgesat géife ginn.

Et gëtt keng Landesplanung. Firwat gëtt et keng Landesplanung? Majo well net iwwerluecht a gehandelt gëtt no de gesellschaftlechen Interessen zu Lëtzebuerg, mee no privaten ekonomeschen Interessen. Et ass eng System-Fro, firwat et hei keng richteg Landesplanung gëtt.

Zum Beispill gëtt gesot, mir musse kucken, wéi mer déi Frontalieren, déi kommen, besser geuerdent kréien, dass dee Verkéier manner gëtt. Dat ass awer net am Fong dat, wat noutwendeg ass.

Noutwendeg ass, dass wann ee Betriber baut, da baut ee se do, wou d'Leit wunnen. An da baut ee se net do, dass d'Leit all Dag zu Honnertdausende mussen 100 oder 150 Kilometer fueren, fir schaffen ze kommen. Mee dat funktionéiert hei net.

Firwat funktionéiert et net? Ma well déi Betriber gebaut ginn no Profit-Inter-

essen. Well déi Fabricke private Leit gehéieren. Wa se gesellschaftleche Besëtz wären, da kéint een natierlech doriwwer schwätzen. Majo wa mer d'Aarbechtskräften a Frankräich hunn, da muss een de Betrib déi aner Säit vun der Grenz setzen, dass déi Leit net 100 oder 150 Kilometer musse fueren. Mee dat funktionéiert jo hei net an deem System. Dofir ass dat och eng System-Fro.

Et gëtt och vill geschwat: D'Verbesserung vun der Loft ass e wichtege Problem, eng wichteg Fro. An et ass e Problem nach haut an dee muss geléist ginn. Heiansdo huet een awer d'Impressioun, dass et an eng falsch Richtung geet.

Wa mir déi siwen Tippen hei zu Déifferdeng behalen an do gëtt e risege Bierg do gebaut an e gëtt vill méi héich gemaach, da veränneren awer d'Loftstréim zu Déifferdeng. Huet dann ee berechent, wat dat da mat der Qualitéit vun eiser Loft zu Déifferdeng mécht? Da kënne mir zéng Texter maachen iwwer Landesplanung, wann net do virausgesi gëtt, wat da geschitt a wat fir negativ Konsequenzen doraus entstinn a wéi een do muss géigesteieren, wat een do muss maachen. Dat ass eng Fro, déi fir mech net geléist ass.

Landesplanung, bauen: Et ass kloer, mir hunn net genuch Wunnengen. Ëmmer méi jonk Leit ginn an d'Grenzgebitt wunnen. An déi kommen dann och erëm zum grousse Deel mam Auto op Lëtzebuerg schaffen. D'Fro vun de Wunnengen, am Beräich vun der Landesplanung, déi ass net geléist. An amplaz, dass Léisungsusätz kommen, gëtt et ëmmer méi schlëmm.

Mer gesinn dat jo elo, d'Baugeneemegunge si massiv zréckgaangen, vill Leit, ëmmer méi Leit kréie keng Kreditter méi, doduerch dass d'Zënsen an d'Luucht gaange sinn an hir Paie fir d'Banken ze kleng sinn, fir dass se deene Leit dann nach e Kredit ginn.

Esou kann ee jo awer net plangen. Esou kann een net schaffen. Och dat ass eng System-Fro, well, mat där Politik, déi do gemaach gëtt, verdénge vill Leit sech eng gëllen Nues, awer déi schaffend Leit, déi mussen dorënner leiden.

Et kéint ee vill Beispiller nennen, firwat d'Landesplanung net funktionéiert. Dat huet natierlech domat gefaangen, dass viru 40 Joer een eenzege Mann zu Lëtzebuerg fir d'Landesplanung zoustänneg war. An zënterhier huet sech dat och net besonnesch gutt entwéckelt.

Wann ech nëmmen déi puer Kilometer Eisebunnsstreck huelen, déi nach ëmmer net gebaut sinn – ech ka mech erënneren, wéi 1974 d'Militärlager zu Suessem gebaut ginn ass a wou eng Eisebunnslinn ouni Problem direkt an dat Militärlager do geluecht ginn ass, huet d'Kommunistesch Partei virgeschloen, dass déi puer Kilometer solle gebaut ginn, dass déi Jonctioun tëschent Esch a Péiteng, dass déi do ass. Dat war 1974! Dat si 50 Joer hier.

Esou funktionéiert Landesplanung hei zu Lëtzebuerg. An da versteet een natierlech, an et kann een nëmmen d'accord si mat deem, wat de Mouvement écologique seet, mir hätten et hei mat engem zahnlosen Tiger ze dinn.

Et kéint ee vill esou Beispiller nennen. Mee generell ass keng Landesplanung do. Et gëtt no privaten ekonomeschen Interesse geréiert. Dat gesi mer jo och nach dorun, dass zwee Drëttel vun den Aarbechtsplazen am Land nach ëmmer an d'Stad Lëtzebuerg drainéiert ginn. Ass dat Landesplanung? Ännert dat dann elo hei mat deem Plang bis 2035?

Natierlech ännert et net. Well déi selwecht Interessen, déi selwecht Leit déi, déi ekonomesch Interessen hunn, nach ëmmer déi politesch an déi ekonomesch Muecht am Land behalen. Also och dat ass eng System-Fro.

A wann dat net geännert gëtt, déngt och esou en Text, dee mer do virgeluecht kréien, näischt. An deem Text hei vum Schäfferot, do si vläicht gutt Absichten derbäi, mee ob do vill dobäi erauskënnt, muss ech éierlech soen, dat bezweifelen ech. Ëmsou méi, well mer een Text virgeluecht kréien, dee schonn ofgeschéckt ass op de Ministère.

Als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei kann ech mat esou eppes net d'accord sinn a géif och ni fir esou eppes stëmmen.

*que les entreprises construisent en fonction de leurs propres intérêts de profit, plutôt que de construire là où les gens vivent. Il critique le fait que beaucoup de travailleurs français viennent travailler au Luxembourg, entrainant des déplacements quotidiens importants et met en avant l'absence de logements suffisants et abordables.*

*Le KPL reproche également à la politique de logement de ne pas répondre aux besoins croissants de la population, surtout avec l'arrivée de nouveaux résidents frontaliers. Il s'oppose à la construction de nouvelles zones industrielles sans considération pour la qualité de l'air et souligne le manque de logement adéquat.*

*Ali Ruckert critique également le décalage entre les propos sur l'amélioration de la qualité de l'air et la réalité des sept décharges de déchets à Differdange. Il souligne que le développement économique actuel n'est pas durable et qu'il ne faut pas seulement parler d'amélioration de l'air, mais aussi agir pour réduire la pollution.*

*Enfin, Ali Ruckert conclut en affirmant que la planification du pays est guidée par des intérêts privés plutôt que par l'intérêt public, illustrant cela par le fait que les deux tiers des emplois au Luxembourg sont toujours concentrés à Luxembourg-Ville. Il exprime son désaccord avec l'avis présenté par le collège échevinal, estimant qu'il n'apporte pas de changements significatifs à la situation actuelle. Selon lui, les bonnes intentions proclamées dans l'avis ne se traduiront pas par des actions concrètes, ce qui soulève des doutes quant à la pertinence de l'avis. En tant que représentant du Parti communiste luxembourgeois, il ne peut pas soutenir une telle proposition.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *remercie la bourgmestre et l'ensemble du conseil communal pour les discours constructifs. Il aborde le volet participatif de l'avis et explique qu'il a évoqué lors de son discours précédent l'organisation des conférences et des ateliers depuis septembre. Le dernier atelier s'est déroulé le 29 novembre, où les fonctionnaires communaux ont été informés des attentes pour l'avis. Cependant, en raison de contraintes de temps, la participation n'était plus possible après le 15 septembre, car la présentation du budget avait lieu à ce moment-là. Il souligne que la période de septembre à novembre est principalement consacrée au budget, laissant peu de marge de manœuvre.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *intervient pour ajouter que l'avis n'est pas encore un document finalisé, et ils avaient l'intention de respecter les délais pour le finaliser. Elle reconnait que la situation est compliquée, notamment en raison des contraintes de temps liées au budget et aux congés. Elle propose que les ajouts proposés par monsieur Muller et monsieur Liesch soient inclus dans la délibération officielle de la commune, qui sera ensuite envoyée au ministère. Elle demande si l'assemblée est d'accord avec cette proposition.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 4 (b), qui concerne le morcèlement de terrains dans la rue de Pétange à Niederkorn. La parole est donnée à monsieur De Sousa pour discuter de ce sujet.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il y a un propriétaire de la parcelle 29035483 qui a récemment demandé à la commune de morceler sa parcelle. Le propriétaire souhaite construire sur sa parcelle, mais comme le montre le plan, sa parcelle ne touche pas directement le trottoir, rendant la construction presque impossible.*
*Le morcèlement est devenu nécessaire pour permettre au propriétaire d'acheter la petite parcelle de terrain entre sa parcelle et le trottoir, représentant une superficie d'environ 75 m². Cela permettrait*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Ech géif dem Här De Sousa elo d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci alleguerte fir déi konstruktiv Discoursen. Ech hunn dem Här Muller seng Sätz opgeschriwwen. Mir huelen dat nach eng Kéier mat.

Ech wëll eppes zu deem participative Volet soen. A menger Ried hat ech gesot, et wäre Konferenzen, Workshops vum September un organiséiert ginn. Dee leschte Workshop oder Konferenz dat war den 29. November, wou eis Beamten deelgeholl hunn. Dat heescht vum 29. November krute se déi lescht Informatiounen, wat eigentlech genau am Avis sollt drastoen. Also wat se erwaarde géif. An do war och net méi vill Zäit. Dat war déi Zäit, wou mer den Dag drop d'Presentatioun vum Budget haten, do war déi participativ Bedeelegung net méi méiglech.

D'Argument war de 15. September komm. Ech mengen, hei si vill Leit, déi souze schonn am Schäfferot. Wat vu September bis Enn November alles op der Gemeng leeft, dat ass haaptsächlech Budget, do ass net vill Spillraum. D'Madamm Buergermeeschtesch wäert och nach eng Kéier d'Wuert ergräifen, dat hei ass elo net e fäerdegt Dokument. Mir wollten eis eigentlech un d'Delaien halen, fir dat anzeschécken. Déi Ajouten, ech mengen d'Madamm Buergermeeschtesch wäert do nach d'Wuert ergräifen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Weirich, an deem Sënn hutt Der Recht, wann et zäitlech an esou eng ongënschteg Situatioun wéi Budget fält. Wou Leit, wéi Dir jo och wësst, an engem Büro am Moment och nach Congé hunn. An deem Sënn ginn ech Iech Recht.

An ech proposéieren elo, dass mer an eiser offizieller Deliberatioun, wat jo den offizielle Statement vun der Gemeng ass – den Här De Sousa huet et gesot, mir hunn e missen eraschécken, well mir si wierklech scho knapps an den Delaien – d'Ajoute vum Här Muller matzehuelen an eis Deliberatioun, och d'Ajoute vum Här Liesch. An dass mer déi dann als offizielle Statement un de Ministère schécken Ech wollt froen: Sidd Der domadder averstanen?

Da soen ech Iech villmools Merci. Da géife mer se an der Deliberatioun esou op de Ministère schécken als Statement vun der Gemeng Déifferdeng. An da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 voix non d'émettre un avis quant au Programme directeur d'aménagement du territoire PDAT2 023.*

Villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Punkt 4). Do geet et ëm e Morcellement vun Terrainen an der Péitenger Strooss zu Nidderkuer. An ech ginn dofir d'Wuert un den Här Paulo De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, et ass e klengt Morcellement. Virun enger Zäitchen ass de Proprietär vun der Parzell 29035483 un eis getrueden, well hien op senger Parzell baue wëll. Wéi Der um Plang erkenne kënnt, grenzt säin Terrain net direkt un den Trottoir, soudatt et bal onméiglech ass do ze bauen.

D'Morcellement ass néideg ginn, fir dem Proprietär dat Stéck Terrain tëscht der Parzell an dem Trottoir, wat eng Fläch vu ronn 75 Meterkaree ausmécht, ze verkafen. Fir datt hien herno eng Baugeneemegung ufroe kann.

Mir hunn dëst Morcellement ugefrot. Fir eis ass alles konform an ech bieden Iech, dat hei matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Ech gesi keng Wuertmeldung, Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains situés route de Pétange à Niederkorn.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 5). Do geet et ëm eng Décision de principe wéinst eisem Emprunt, dee mer kéinten ufroen, fir de Budget 2023 ze equilibréieren. U sech dierft dat fir Iech näischt Neies sinn, well déi éischt Etapp ass am Kader vum Budget initial 2023 virgesi gewiescht, en vue vun enger Equilibratioun vum Budget.

Et geet elo drëm, dass de Gemengerot eng Décision de principe huele muss, fir d'Demarchen an d'Weeër ze leeden. Mat deene Krittären dran, déi Der an der Deliberatioun konnt liesen, well déi Décision de principe muss um Ministère de l'Intérieur approuvéiert ginn. Dat ass méi e laange Wee. Mir brauchen d'Approbatioun vum Ministère de l'Intérieur fir iwwerhaapt Offere bei de Banken unzefroen, fir de Fall, wou mer en Emprunt mussen zéien oder musse gebrauchen.

Dës Etapp gëtt ofgewéckelt, dass mer gerüst sinn, wann et da sou wäit kéim. Dir wësst, et kommen Indextranchen an esou virun an esou weider op eis duer, dass mer kéinte schnell a Kontakt mat de Banken trieden, fir ze kucken, wat déi beschten Offer wär, fir en Emprunt kënnen unzefroen.

Hei geet et ëm déi Décision de principe vum Gemengerot. Ech bieden Iech, dat matzestëmmen.

Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech hunn déi lescht Joren ëmmer géint d'Konte gestëmmt, ech hu géint d'Budgete gestëmmt vun dësem Schäfferot. Ech ginn dem Schäfferot natierlech och keng gréng Luucht, fir en Emprunt ze stëmmen. Ech stëmmen dergéint.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, fir d'Wuert. Ech ka mech kuerz faassen, ech hu mech an de Budgetsdebatten am Detail jo schonn dozou geäussert. Ech zitéiere mech elo quasi selwer: Mir sinn der Meenung, dass een um Schluss vun enger Legislaturperiod seng Projete sollt ofschléissen. Hei ass dat awer am Moment net de Fall. Millioune Projete begleeden eis nach eng Zäitchen.

Dir kennt d'Projeten: Service Technique – CID, d'Sportshal hei niewendrun, d'Bockschoul, fir nëmmen déi ze nennen. Fir eis ass dat eng finanziell Hypothéik fir déi nächst politesch Ekipp. Déi fänken da mat engem neien Emprunt vu viraussiichtlech 13 Milliounen Euro un, fir dat ze finanzéieren, wat virdru schonn engagéiert gouf.

Deemno wéi schnell oder lues déi Projete virukommen, fält de Prêt eventuell jo awer aus oder méi kleng aus. Bezuelt mussen d'Projeten awer ginn, dann eeben gegeebenefalls méi spéit. D'DP stëmmt den Accord de principe fir een Emprunt iwwer 13 Milliounen Euro aus deenen Ursaachen net mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass, wéi Dir gesot hutt, Madamm Buergermeeschter, hei geet et jo ëm de Prinzip, dass de Schäfferot kann Offeren ufroen, fir e Prêt kënnen ze kréien. Et ass also déi éischt Etapp. Jo, et kann een, wéi den Här Meisch gesot huet, soen, dass de Schäfferot seng Projete sollt ofschléissen.

*au propriétaire de demander un permis de construire.*
*Paulo De Sousa indique que la demande de morcèlement a été approuvée, tout est conforme, et il demande aux membres du conseil de voter en faveur de la proposition.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde le point 5 (a) et explique qu'il est nécessaire de prendre une décision de principe concernant un emprunt possible pour équilibrer le budget de 2023. Cette première étape consiste à obtenir l'approbation du ministère de l'Intérieur pour pouvoir solliciter des offres auprès des banques en cas de besoin d'emprunt.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *exprime son opposition à cette démarche, indiquant qu'il a toujours voté contre les emprunts et les budgets de cette administration. Il précise qu'il n'a pas l'intention de soutenir cette décision.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *réitère son point de vue lors des débats budgétaires détaillés, soulignant que, selon lui, les projets devraient être finalisés à la fin d'une législature. Il constate que ce n'est pas le cas actuellement, et il énumère plusieurs projets en cours, tels que le service technique, le CID, la salle de sport, et l'école Bock. Il considère cela comme un fardeau financier pour la prochaine équipe politique. Il mentionne également qu'un nouvel emprunt d'environ 13 millions d'euros serait nécessaire pour financer ce qui a déjà été engagé. En raison de ces considérations, le DP ne soutient pas l'accord de principe pour un emprunt.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *insiste sur le fait que l'autorisation d'emprunt n'est qu'une première étape dans le processus.*

*Cela permettra au conseil communal de solliciter des offres de prêt auprès des banques. Il souligne que cette autorisation est cruciale pour maintenir la dynamique des projets en cours.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *approuve cette approche. Il souligne que les 13 millions d'euros demandés correspondent aux couts prévus pour ces grands projets, dont certains sont déjà en cours tandis que d'autres débuteront ou seront finalisés dans un proche avenir. Il fait référence à des projets tels que le CID, le centre sportif John-Scheuren, la maison relais, et d'autres, soulignant l'importance de continuer à les financer.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *exprime son accord avec monsieur Meisch en citant une de ses interventions antérieures lors des débats budgétaires. Il suggère que la situation financière de la commune n'est peut-être pas aussi critique qu'on pourrait le penser et que des solutions alternatives pourraient être envisagées. Cependant, il reconnait la nécessité de se préparer aux dépenses futures liées à des projets d'infrastructure importants et exprime donc son soutien à l'emprunt.*

Ech muss awer soen, dass dat an der Zäit, wou mer hei den Aquasud gebaut hunn an d'Sportshal gebaut hunn, och net de Fall war. Well dat si Prêten, déi eis haut nach begleeden. Wou mer awer, mengen ech, der Meenung sinn, dass déi och gutt waren déi Zäit. Ech wëll déi net schlecht rieden. Fir mech war dat déi Zäit okay an dat ass och haut nach okay, dass ee muss seng Projete weiderféieren an dofir och déi finanziell Mëttele muss hunn.

Dofir kënne mir et nëmmen approuvéieren, dass d'Gemeng, de Schäfferot d'Autorisatioun kritt, fir déi Devisen unzehuelen an déi beschtméiglech Offer erauszesichen. Fir wa mer e Prêt brauchen, dass schnell ka gehandelt ginn, an dass et kee Stëllstand gëtt an eise Bauten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Ech schléisse mech dem Här Liesch un. Et ass u sech déi normal Prozedur, wéi mer se am Budget virgesinn hunn. Et sinn och vill Projeten, déi ofgeschloss goufen: Schoulen, Parken, Maison-relaisen, Stroossen an esou weider. Hei sinn e puer Projeten, déi e bësse méi eng grouss Envergure hunn.

De CID, do war ech nach net hei am Gemengerot, do gouf awer schonn dovunner geschwat. Mëttlerweil hu mer endlech eng Léisung fonnt a mer bauen. Datt dat net vun haut op muer ka stoen, ass evident. De Centre sportif John Scheuren d'selwecht. Do gouf och vill geschwat. A mir hunn et awer endlech hikritt, datt et leeft, och wann et nach muss fäerdeggestallt ginn. D'Policegebai gëtt Ouschteren ageweit.

Déi 13 Milliounen Euro ergi sech duerch déi Méikäschten an der Präisdeierecht vun deene véier grousse Projeten, déi awer wichteg fir Déifferdeng sinn. Wou déi eng nach net ugefaange ginn, anerer awer schonn an der Mëtt si respektiv Richtung Schluss ginn.

D'Schold vun der Gemeng bleift zimmlech geréng. De Remboursement läit bei 3,4 % vun den ordinäre Recetten, also wäit ënner dem Erlaabten. Wat awer nach ganz verantwortungsvoll ass, schliisslech wëlle mer jo déi nächst Generatioun net hypothekéiere mat enger grousser Verschëldung.

Dohier ass et richteg, fir dës wichteg Projete fir d'Bierger ëmzesetzen, anerer dann eeben no hannen ze verréckelen, wou mer awer komescherweis kritiséiert goufen. Duerfir kann ee sech just Froe stellen hei.

D'CSV stëmmt dëse Punkt mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech maachen et wéi den Här Meisch, ech zitéiere mech selwer aus menger Budgetsried. Ech hale mech kuerz. Ech hat gesot a menger Budgetsried, dass d'finanziell Situatioun vun der Gemeng eigentlech an eisen Aen net esou dramatesch ass, wéi se duergestallt gëtt, an dass mer nach relativ vill Sputt no uewen hunn.

Den Här Hartung huet et och grad gesot, dass eis Scholdelaascht, Zënslaascht elo net esou héich ass, net esou dramatesch ass. Soudass ech mer gewënscht hätt, dass mer nach méi Sue léine gaange wieren, fir wichteg Infrastruktur-Projeten elo unzegoen. Well à la longue gëtt et net méi bëlleg, weeder d'Baumaterial nach d'Zënsen. Dat ass e bësse meng Kritik.

D'Intro vum Här Ruckert deelen ech. Ech hu géint de Budget an d'Konte gestëmmt. Mee dësen Emprunt stëmmen ech awer mat, fir dass mer do gewappnet si fir zukünfteg Ausgaben. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Mir gesinn dat och als LSAP als eng Prozedur, déi an d'Wee geleet gëtt, fir d'Méiglechkeet ze hunn, op dee Kredit zréckzegräifen.

Ech wollt just den Här Hartung drun erënneren: Fir d'Policegebai kréie mer jo d'Suen erëm. Ech mengen, Dir maacht vläicht e bësse Politik, Dir wëllt soen, wat alles gemaach ginn ass. Dat ass och Äert gutt Recht. Mee op déi aner Manéier solle mer just déi Projete kucken, déi eis och reell eppes kaschten. A speziell de CID fält staark an d'Gewiicht, wat dann och deen Emprunt hei verlaangt.

Mir hunn de Budget och net matgestëmmt, mee an der Vergaangenheet war dat bei änleche groussen Invester och ëmmer de Fall. Dat wëllt awer net heeschen, dass elo de Schäfferot e Fräipass kritt fir egal wat fir Depensen, mee dass mer och Geld aspueren. Ech mengen, mir sollen an Zukunft kucken, fir gutt ze haushalten als Gemeng. A wann et dann néideg gëtt, da gräife mer op deen doten Emprunt zréck a mir stëmmen deen och mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling freet d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech sinn e bësse verwonnert iwwert den Här Meisch. Éischtens, wéi den Här Liesch scho sot, mir bezuelen elo nach Aquasud an Terrainen hei zréck, Emprunten, déi deemools gemaach si ginn. Dir stëmmt elo géint en Emprunt fir Projeten, déi Dir matgestëmmt hutt. A wou Der wësst, duerch d'Deierecht, duerch den Ukrain-Krich a Covid, dass mer schonn iwwer 13,5 Milliounen iwwert deem leien, wat am Viraus programméiert war. Dat fannen ech net logesch.

Wann Der dergéint stëmmt, da misste mer jo elo higoen an déi ganz Projete stoppen. Ech mengen, dat ka jo awer net am Sënn si vun der Saach. Wann ee seet, et gesäit een an, dass een e CID muss bauen. Wou mer och, ass och schonn hei ugeklongen, schonn iwwer 20 Joer hei schwätze vun der Necessitéit, esou eppes ze bauen, an da geet een hin a seet, et wéilt een en Emprunt, fir dee fäerdegzestellen, net stëmmen. Dat ass a menger Betruechtungsweis net ganz logesch. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Ech wollt och nach zwee Sätz soen. Dat eent ass och un den Här Meisch geriicht, fir den Emprunt net matzestëmmen, fir d'Zukunft net ze hypothekéieren –wat ech virun zwee Joer, wéi de Covid ugaangen ass, gesot hunn, dass mir dat am Fong net wëllen –, an eis awer elo virzewerfen, dass de Schäfferot déi Projeten net géif realiséieren.

Mam Hannergedanken, eebe fir net ze vill Suen auszeginn, wat eis jo mat där Präisdeierecht, mat där ganzer Evolutioun an deenen zwee leschte Joren am Fong Recht ginn huet. Well wa mer déi Projete gemaach hätten, dat géifen déi 13 Millioune guer net duergoen. Dee Widdersproch wollt ech eng Kéier ervirhiewen. An ech verstinn et och net richteg.

Dat Zweet, wat ech soe wollt, Här Muller, Dir hutt an deem Sënn Recht, mir sinn eis bewosst, wéi mer finanziell do stinn. Ech mengen, mir hu wierklech probéiert, virsiichteg ze sinn. Mir kréien dat jo och vu verschiddene Fraktioune virgeworf, mir wären ze virsiichteg. Vun anere kréie mer virgeworf, mir géife guer näischt maachen an dann awer d'Zukunft hypothekéiere mat engem Emprunt vun 13 Milliounen.

Ech wëll just zu eiser Verteidegung soen, well ech ginn Iech Recht, et soll een haushalten, och an enger Gemeng.

Mä haushalten an deene leschten dräi Joer war eng Erausfuerderung an alles anescht wéi einfach. A mir hu probéiert, als Schäfferot, dat Bescht fir d'Gemeng ze maachen. Ech hunn et och schonn eng Kéier an dësem Gremium gesot, fir eeben déijéineg, déi den 11. Juni solle gewielt ginn, net ze hypothekéieren.oOder solle mer soen, wa mer eng Hypothéik iwwerginn, se esou ze iwwerginn, dass se gedroe ka gi vun de Gemengefinanzen.

**ERNY MULLER (LSAP)** *considère cette procédure comme une étape nécessaire pour permettre la possibilité de recourir à un crédit au besoin. Il rappelle également que pour le bâtiment de la police, les fonds seront remboursés. Il souligne également la nécessité de surveiller de près les dépenses de la commune.*

**TOM ULVELING (CSV)** *exprime sa perplexité face à la position de François Meisch. Il rappelle que l'opposition à cet emprunt est contradictoire avec le soutien précédent à des projets pour lesquels des dépenses importantes étaient prévues. Il souligne également les impacts imprévisibles tels que la crise en Ukraine, la hausse des prix due à la guerre et la pandémie de COVID, qui ont conduit à des dépenses dépassant les prévisions initiales.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *prend la parole pour répondre à ces préoccupations. Elle rappelle que la commune a été prudente dans sa gestion financière, consciente des défis posés par la situation économique actuelle.*

*Elle souligne la nécessité de continuer à financer les projets importants pour le développement de la commune tout en restant responsable sur le plan financier.*
*(Vote)*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 5 (b) et explique que certains clubs, culturels et sportifs ont constaté que leurs subventions pour l'exercice 2021 étaient inférieures à celles de 2020. En 2020, en raison de la situation de la COVID-19, la décision avait été prise de ne pas réduire les subventions par rapport à 2019. Elle propose maintenant d'ajuster les subventions de 2021 pour les égaliser avec celles de 2020, compte tenu des difficultés rencontrées par les associations en raison des restrictions liées à la pandémie.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne que les associations de la commune ont souffert financièrement de la pandémie, avec des restrictions d'activités et des interdictions de spectateurs pour une grande partie de l'année 2021. Les mesures restrictives de 2021 n'ont pas permis de prendre en compte toutes les activités dans les demandes de subventions. Il évoque également des problèmes de transparence dans l'attribution des subventions, avec des montants variables et des explications insuffisantes, ce qui a entrainé des réclamations. Il insiste sur la nécessité d'une présentation transparente des subventions à l'avenir pour éviter de tels problèmes. Malgré ces préoccupations, le LSAP soutient cette proposition.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *exprime le soutien total du CSV à cette mesure. Il souligne l'importance des associations, avec leurs bénévoles, dans la vie active de la commune.*

Dat war ganz kloer de Message, deen ech d'virlescht Joer am Budget eriwwer ginn hunn. An deem Sënn géife mer dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 voix non de prendre la décision de principe quant à l'engagement de l'emprunt au budget de l'exercice 2023.*

Villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, mir maachen eng kleng Paus. Villmools merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, mir fuere weider mat eisem Ordre du jour, mam Punkt 5), nei Zuelen, déi mer Iech matdeele wëllen. Et geet drëm, dass mer im Nachhinein festgestallt hunn, dass bei verschidde Veräiner, wou souwuel kulturell Veräiner wéi Sportveräiner dovunner betraff sinn, hire Subsid fir den Exercice 2021 manner war wéi dee vun 2020. An 2020 hate mer awer, an der Covid-Situatioun, decidéiert, dass kee Veräi manner soll kréie wéi 2019. Soudass mer op de Wee wollte goen an Iech froen, dass mer elo dëst Joer 2021 d'Subside gläichstellen, wéi mer et virgesinn haten.

2021 hu jo och sechs Méint keng Aktivitéiten dierfe stattfannen, virun allem keng grouss Aktivitéite vun de Gemengen, wou d'Veräiner betraff waren, wat hinnen e Lach an d'Keess gerappt huet. Dofir d'Propos elo vum Schäfferot, de Gemengerot ze bieden, eis gréng Luucht ze ginn, fir d'Subsiden auszegläichen, d'Subside vun 2021 mat deene vun 2020. Merci.

Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Wuert. Eis Veräiner an der Gemeng hu wuel gemierkt, mam Bilan 2021, deen an der Generalversammlung 2022 presentéiert ginn ass, dass d'Pandemie sech negativ op hir finanziell Situatioun bemierkbar gemaach huet. Zuschauer ware wärend deem ganze Joer net erlaabt, weeder am Sport nach an der Kultur. Dat selwecht gëllt fir Eventer mat Spiller fir Sportsveräiner.

Am Laf vum Joer sinn d'Mesuren du gelackert ginn. Lues, awer ganz lues, ass et besser ginn. Leider muss een awer feststellen, dass mer nach wäit ewech si vum Zoustand, dee mir virun der Pandemie kannt hunn. D'Restriktioune vun 2021 hu follglech net all Aktivitéiten erlaabt, konnten also bei der Demande och net berécksiichtegt ginn. Eng identesch Situatioun wéi 2019 an 2020.

Et ass eng Lëscht vun de Subside fir 2022 opgestallt ginn, vum Schäfferot presentéiert ginn an d'Veräiner sinn ausbezuelt ginn. Vill Veräiner krute manner Subsid. Dat ass vun 100 bis 500 a 600 Euro gaangen. Manner Geld, identesch Fraisen an dat ouni Erklärung. Dësen Ëmstand hat kee Verständnis an der Veräinswelt fonnt. Op Nofro hin waren Erklärungen zaghaft an net ganz kloer. D'Zuel vun de Reklamatiounen ass gewuess a schlussendlech gouf confirméiert, dass de Feelbetrag nobezuelt géif ginn.

Dës Onrou hätt kënnen evitéiert ginn. Eng Presentatioun vun der Subsidelëscht soll an Zukunft um Ordre du jour vum Gemengerot stoen. Mat dëser Transparenz gi vill Suergen an Diskussiounen evitéiert an dat och an engem Joer, wou keng Wale sinn.

Zum Wuel vun eise Veräiner, deenen hir Aktivitéit fir eis all vun Dag zu Dag méi wichteg gëtt, stëmmt d'LSAP dësem Punkt trotzdeem zou. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif alleguer, d'CSV Déifferdeng ënnerstëtzt dës Mesure voll a ganz. D'Veräiner, mat hire Benevollen, sinn e ganz wichtege Bestanddeel vum aktive Liewen an eiser Gemeng. Mir kënnen houfreg sinn, der esou vill ze hunn,

Veräiner souwuel wéi Benevoller. An do musse mer effektiv, wéi scho gesot, alles drusetzen, déi och esou ze behalen.

Wéinst dem Covid huet villes misse méi lues lafen. Follglech ass bei de Veräiner villes ausbliwwen. 2020 hat d'Gemeng jo schonn e staarkt Zeechen hei gesat. Fir d'Subsiden 2021 gouf am Nachhinein vun eise Servicer festgestallt, datt vill Associatiounen och nach am besote Joer pandemiebedéngt gréisser Ausfäll am éischte Semester bei den Aktivitéiten haten.

Dat wäert och nach eng Zäitchen esou sinn, well wann een um Terrain mol ënnerwee ass, gesäit een, datt nach vill Leit virsiichteg sinn an net vill op gréisser Manifestatioune ginn.

Zréck zu de Subsiden. Doduerch, datt manner Aktivitéite waren, huet sech dat negativ op d'Subsiden ausgewierkt. Dohier ass et wichteg, datt d'Gemeng hinnen entgéintkënnt an de Subsid, op d'mannst an der Héicht vun 2019 respektiv 2020 ze ginn. Mer wëlle jo, datt all eis Veräiner gutt weiderliewen an net Offere kierze missen, andeem se manner Subside géife kréien. Dohier stëmmt d'CSV dës Moossnam esou mat an hofft, datt se gutt iwwert déi schwéier Zäit kommen, an datt mer iergendwann eng Kéier nees, wéi fréier, vill flott Aktivitéiten hunn.

Ofschléissend wëll ech bemierken, datt dee Moment, wou d'Subsidereglement erstallt a gestëmmt gouf, jo och kee geduecht hätt, datt jee esou eng Situatioun géif antrieden, wéi mer se elo haten. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Als déi Lénk Déifferdeng begréisse mer voll a ganz, d'Héicht vun de Subside bäizebehalen. Wéinst der Covidkris hunn d'Clibb vill Benevoller verluer, vill Engagéierter. An op där anerer Säit sinn och Jonker, déi vläicht opgehalen hu Sport ze maachen. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Clibb weiderhin déi néideg Budgeten hunn, fir déi Jonk erëm zréck an d'Clibb ze kréien oder nei Jonker dobäi ze gewannen.

Ech hat deslescht eng Etüd gelies, wou de Fazit war, dass déi Jonk sech nach manner beweegen. Beweege sech haut schonn net genuch, a beweege sech nach manner wéinst der Covidkris an ze vill um Handy hänken an esou weider an esou fort. Dowéinst ass et ëmsou méi wichteg, fir d'Clibb finanziell ze ënnerstëtzen, fir déi Jonk méi zur Beweegung ze kréien.

Dat gesot, stëmmen ech dat heite gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir schléissen eis deem un. Mir kënnen dat hei nëmme matstëmmen. Si frou, dass bei der Rechnung dëse Problem erkannt gouf, dass d'Veräiner manner kréien an dobäi erauskomm ass, dass se manner kréien, well se eigentlech manner konnten organiséieren an där Zäit, an där mer waren.

Duerfir si mer frou, dass dat elo redresséiert gëtt an d'Veräiner déi Suen erëm kréien, déi se virdrun haten, an dass se mat deene Suen och iwwert d'Ronne kommen an hir normal Fester erëm kënne maachen. Well eng lieweg Gemeng lieft just vun hire Veräiner, vun den Aktivitéiten, déi se maache fir d'Jugend an och fir d'Allgemengheet. Dohier sinn déi Suen hei gutt investéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Als Veräinsmënsch sinn ech hei ganz bei Iech. Meng Fraktioun gesäit dat och esou. Mir hoffen, datt deemnächst erëm méi Normalitéit an dat ganzt Veräinsliewe kann erakommen,

*Il mentionne que la pandémie de COVID-19 a eu des répercussions négatives sur de nombreuses activités associatives, et il insiste sur la nécessité de soutenir les associations en maintenant les subventions au niveau de 2019 ou 2020 pour compenser les pertes liées à la pandémie. Il souligne l'importance de permettre aux associations de continuer à prospérer malgré les difficultés.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *exprime également le soutien total de son parti à maintenir les subventions au niveau de 2019 ou 2020. Il souligne que de nombreux bénévoles ont été perdus en raison de la crise de la COVID-19, et il considère qu'il est crucial de garantir que les clubs disposent des budgets nécessaires pour attirer de nouveaux membres, en particulier les jeunes.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *aussi exprime son accord. Il se réjouit que le problème ait été identifié dans la comptabilité et que des mesures soient prises pour rétablir les subventions aux niveaux précédents, permettant ainsi aux associations de reprendre leurs activités normales.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *exprime son accord en tant que personne impliquée dans le milieu associatif.*

*Il partage l'espoir que la normalité reviendra bientôt dans la vie associative et que les associations pourront reprendre leurs activités habituelles.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde le point 6 (a) et informe le conseil communal qu'il est question d'une mise à jour de l'organigramme communal et de la création de deux postes de la carrière B1, l'un au service scolaire et l'autre au service informatique. La création de ces postes est motivée par le départ à la retraite de madame Brandenburger, responsable des cours de langues pour adultes.*
*Ensuite, elle aborde le point 6 (b) concernant les indemnités, plus précisément le taux horaire de médiation. Elle explique que le service de médiation de la commune propose de passer de 64,60 € à 80 € hors TVA par heure de médiation, en accord avec les demandes des personnes concernées. Elle précise que les médiateurs avaient demandé 100 € par heure, mais après concertation avec d'autres communes, qui paient également 80 € par heure, la décision a été prise de s'aligner sur ce montant.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *exprime sa perplexité quant à la proposition de passer à 80 €, alors que les médiateurs avaient demandé 100 €. Il demande pourquoi cette information n'a été fournie que maintenant.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que la décision de proposer 80 € a été prise après des discussions avec d'autres communes.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 7 (a) portant sur l'achat de 2 garages situés rue du Chemin-de-Fer au prix de 84 000 € chacun.*

datt se eegestänneg kënne schaffen. Dat heiten droe mer gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Et gëtt keng weider Wuertmeldung méi, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les mesures liées à la vie associative COVID-19 pour l'exercice des clubs de 2021.*

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, am Punkt 6a geet et ëm eng Aktualisatioun vun eisem Organigramm. An et geet ganz konkreet ëm d'Kreatioun vun zwee Posten an der Karriär B1, eng Kéier am Schoulservice an eng Kéier am Informatikservice.

Wéi gesot, eng Aktualisatioun vum Organigramm, déi jo souwisou an enger vun deenen nächste Seancen hei am Gemengerot wäert sinn, wollte mer e puer Decisioune virzéien, ganz einfach, well mer se brauchen.

D'Madamm Brandenburger, déi responsabel ass fir d'Owescoursen, Cours de langues pour adultes, geet a Pensioun. A mir hunn decidéiert, dee Posten erëm un de Schoulservice unzedocken, wéi dat an der Vergaangenheet ëmmer war. A fir dass déi Relève kann uerdentlech geholl ginn an déi Leit, déi sech dann op dee Poste mellen a wäerte geholl ginn, kënnen adequat agefouert ginn, vu dass do verschidde Reegelen ze respektéiere sinn, wollte mer dee Poste virzéien, also scho virum Organigramm. An dofir ass en dann och um Service scolaire ugedockt.

Dat anert ass eng Kreatioun vun engem Poste B1 en bonne et du forme an der Informatik.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme du personnel communal.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 6), Indemnitéiten, déi ugepasst ginn. Dir gesitt, et geet ëm eisen Taux horaire fir d'Mediation. Dir wësst, dass mer e Service Mediation an der Gemeng hunn. Mir schloe vir, de Montant vun 80 Euro hors TVA pro Stonn ze bezuelen. D'Demande un de Concernéierten selwer: Si hunn 100 Euro gefrot. Mir hunn der bis elo 64,60 bezuelt. Mir hunn eis mat de Gemengen Diddeleng a Schëffleng concertéiert, déi ginn och op 80 Euro d'Stonn. Mir froen Iech, dat esou ze aktéieren.

Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir d'Wuert. Ech muss soen, ech sinn elo e bësse perplex iwwert déi Info, dass mer just 80 Euro proposéieren, obwuel si 100 Euro gefrot hunn. Et ass jo elo net d'Welt, wat si do froen. An ech mengen, et ass awer relativ gutt argumentéiert an hirem Bréif, wéisou si 100 Euro froen. Ech verstinn elo net, wou déi 80 Euro do hier kommen a firwat mer déi Info elo eréischt kréien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Well mer eis mat anere Gemenge kuerzgeschloss hunn, fir ze kucken, wat déi géife bezuelen. Déi bezuelen 80 Euro a mir hunn eis an deem Sënn ralliéiert.

Et gëtt keng Wuertmeldung méi dozou. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d'ajuster les indemnités versées aux collaborateurs de l'équipe de médiation.*

Domat si mer beim Punkt 7a. Do geet et ëm zwou Garagen, déi mer an der Rue du Chemin de Fer kaf hunn. Dir

wësst, dass dat ee Punkt ass, dee sech iwwer Joren nach zéie wäert an nach vill Schäffen- a Gemengeréit beschäftege wäert. Et geet ëm déi vill Garage matten am Stadkär. Dat elei ass elo den éischte Schratt, dee mer ënnerhuelen, déi Garagë lues a lues opzekafen, fir do vläicht am urbane Sënn eppes fir d'Stad Déifferdeng ze maachen.

Et geet ëm zwou Garagen am Präis vu 84.000 Euro. Ech muss Iech soen, mir hunn de Präis nach erofgehandelt. Et ass erschreckend. Mee ech bieden Iech, dësen Acte notarié matzestëmmen.

A ganz, ganz kloer, wéi gesot, et ass den Ufank vun engem ganz laange Prozess, well do si vill eenzel Besëtzer. An natierlech loosse mer déi Leit, déi nach an de Garagen dra sinn, loosse mer dran tel quel, wann d'Fro sollt opkommen. Also mir kënnegen elo kengem déi Garagen. Et ass just, dass et eis Proprietéit gëtt.

Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. An deem Sënn kënnt mer an d'Gediechtnis, dass mer am leschte Gemengerot geschwat hunn iwwer e Contrat de bail mat den Ierwe vum Här Glauden. Ech weess, dass deen och dräi Garagen huet. Meng Fro un Iech: Ass dru geduecht ginn, wéi déi Verhandlunge ware mam Geschäftslokal, fir vläicht deen unzespriechen, ob deen net och bereet wier, déi Successioun ze iwwerhuelen, fir déi Garagen ze verkafen? Well ech weess, dass deen dräi Stéck do huet. Dat ass mer elo agefall, wéi ech deen Akt do gelies hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Ech äntweren Iech direkt. Ob vun Ufank un dru geduecht ginn ass, weess ech net, mee d'Pourparlere sinn amgaangen, och fir d'Garagë vum Här Glauden. Merci.

Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Ech muss zwar, trotz allem, soen, dass ech et en enorme Präis fanne fir zwou Garagen. Bon, et muss een ëmmer en Ufank maachen. Mee déi aner wäerten dann nach ëmmer méi froen. Mee ech géif awer do e Stréch zéien herno.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Madamm Saeul, mee dat sinn d'Gesetzer vun dem liberale Maart.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

A bon.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Brassel, ech fannen de Präis och enorm. An awer ass et dat, wat d'Garagen aktuell am Déifferdenger Zentrum kaschten.

Mee den Enjeu ass awer immens wichteg, well mer jo wëssen, dass een Deel vum Quartier d'Jonctioun tëschent engem futur/neien Zentrum an engem alen Zentrum kéint maachen. A wann ech een Deel vun deem Quartier kucken, wéi ellen dat ass, op gutt Lëtzebuergesch gesot, an och wat fir ee Liewen oder Alldag do herrscht, dann, mengen ech, sinn déi Garagen en immensen Enjeu, fir dass een dee Quartier e bëssen an de Gréff kritt.

Quitte dass mer hei natierlech wierklech vun enger Durée indéfinie schwätzen. Well elo hu mer zwou Garagen a vläicht hu mer der eng Kéier fënnef, an dann hu mer der zéng an da geet dat esou weider. An iergendwa si mer dann um Punkt, wou esou wéineg Proprietären nach do sinn, dass een déi einfach kann aglidderen an e Projet, fir ze soen: Hei, mir offréieren Iech eppes anescht, fir Ären Auto ënnerzestellen an dofir kafe mer Iech déi Garagen of a

*Elle mentionne que cela marque le début d'un processus qui s'étalera sur plusieurs années, car il y a de nombreux propriétaires individuels. Elle souligne que l'objectif est de progressivement acquérir ces garages pour contribuer à un développement urbain cohérent pour la ville de Differdange.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande si des discussions ont eu lieu avec les propriétaires de trois garages, les héritiers de monsieur Glauden, pour voir s'ils seraient disposés à céder la propriété.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond par l'affirmative, indiquant que des négociations ont eu lieu également pour les garages de monsieur Glauden.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *exprime ses réserves quant au prix élevé des deux garages, et bien qu'elle comprenne qu'il faut commencer quelque part, elle s'inquiète du fait que d'autres pourraient demander des prix encore plus élevés à l'avenir.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve le prix élevé, mais souligne l'importance stratégique de ces garages pour le quartier, qui pourrait jouer un rôle clé dans le développement de la ville.*

*Elle estime que même si le prix est élevé, c'est un investissement pour l'avenir et que cela pourrait contribuer à revitaliser le quartier.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *exprime le soutien de sa fraction à l'achat des deux garages malgré le cout élevé. Il souligne l'importance de considérer cela comme un investissement dans l'avenir de la commune et la nécessité d'acquérir progressivement tous les garages du site pour pouvoir entreprendre des projets de développement urbain à long terme.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le prix des garages est d'environ 42 000 € par garage, et que l'achat de ces 2 garages pour 84 000 € est conforme au tarif du marché.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que l'achat ne concerne pas seulement les garages, mais aussi le terrain, soulignant l'importance stratégique de posséder ces espaces pour des projets.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *souligne que bien que le cout puisse sembler élevé, il est encore en dessous du prix courant, et il encourage la municipalité à envisager ces achats dans le contexte d'une stratégie plus large pour le développement urbain, en transformant progressivement ces espaces en projets plus utiles et attractifs pour la ville.*
*(Vote)*

mir kënnen dann zesummen dee Quartier e bëssen opwäerten.

Ech denken, dass mer op dee Punkt kommen. An dofir gesinn ech dat als Invest an d'Zukunft, deen natierlech en héije Präis huet. Mee, wéi gesot, dat ass nu mol de Präis vum Marché. Do muss ee sech dann als Gemeng einfach och beugen. Mir stëmmen dat mat. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Léif alleguer, mir als CSV stëmmen dem Kaf vun dësen zwou Garagen zou. Och eis Fraktioun huet et extreem deier fonnt. Mee et muss ee sech bewosst sinn, dass dat de Präis am Moment ass. Fir dee Präis, oder souguer vläicht e bësse méi, wéi se och um normale Marché u Privatpersoune verkaf ginn. Wéi elo schonn e puermol gesot, et ass eeben dat, wat de Präis ausmécht.

Zum Kär vun der Saach: D'Zil ass jo iergendwann, dësen Eck mat all deene Garagen, urbanistesch gesinn, ganz anescht ze gestalten. An zwar, datt et flott an accueillant ass. Datt dës Plaz eng Plus-value ass, wann een an Déifferdeng erakënnt. A fir dat kënnen ëmzesetzen, a wat, wéi et elo schonn e puermol gesot gouf, sech nach iwwer Joren hin zéie wäert, musse mer versichen, all eenzel Garage opzekafen. Duerfir ass dëse Kaf an nach vill weiderer néideg. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech wëll fir eis Nolauschterer dobausse soen: Fir eng Garage froe se 42.000 Euro. Entschëllegt, ech hat de Montant net gesot. Dat heescht zwou Garagë fir 84.000 Euro. Hat ech et gesot? Dann ass et gutt. Ech wollt d'Wuert nach un den Här Ulveling ginn, deen d'Wuert gefrot huet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt der Madamm Saeul soen, mir kafe jo net nëmmen e Garage, zwou Maueren, mee mir kafen och den Terrain. Dat ass dat Wichtegst dobäi! Well wa mer duerno genuch Terrainen hunn, da kënne mer do e Projet maachen.

Effektiv ass et net geschenkt. Mee ech mengen, wann ee weess, dass een doraus awer eng Plus-value ka maache spéiderhin, fir dee Schmotzeck do ze elimineieren an eppes Schéines draus ze maachen, dann ass et, mengen ech, awer net ze deier.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech mengen, et ass souguer nach ënner dem Maartpräis, wann ech dat emol hei esou soe kann. Dat ass eeben de Maart.

Wat ech awer soe wëll, dat hei ass genau esou ee Projet an Demarche, wéi ech et gesinn an engem PDAT, an enger lokaler Entwécklungs- oder Urbaniséierungsstrategie.wWou am Stadzentrum a beschter Lag/Plaz aktuell Garagë stinn, fir Autoen ofzestellen. Dass een déi no an no opkeeft, fir dat ëmzewandelen an e Wunnprojet oder soss iergendee Projet, fir de Stadzentrum vun Déifferdeng opzewäerten.

An esou eppes hätt ee kënnen draschreiwen an e lokalen Avis, eng finanziell staatlech Ënnerstëtzung fir esou Saachen. Dass een um Niveau vun der Gesetzgeebung interveneiert, dass ee méi einfach enteegne kann, oder anescht plange kann, an esou weider an esou fort.

Dat just als kleng Ureegung un d'Diskussioun, déi mer virdrun haten. Mee dat hei stëmmen ech natierlech ganz gäre mat. Merci.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Weirich. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié concernant l'acquisition de deux garages situés rue du Chemin-de-Fer à Differdange.*

An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci, well et ass en Invest an d'Zukunft. An et wäert eng Erausfuerderung ginn, mengen ech, nach fir e puer Schäfferéit, déi komme wäerten. Bonne chance deenen.

Da komme mer zum Punkt 7b, eng Zesummenaarbecht tëschent dem Staat an den Archiven, eise Gemengenarchiven. Dofir géif ech d'Wuert un den Här Mangen ginn.

### SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. An dësem Dokument gëtt d'Zesummenaarbecht tëschent onse Gemengenarchiven an den Archives nationales gereegelt. Den Zweck ass, fir d'ganzt Land en eenheetleche System vun Archiven ze hunn am Beräich Geschicht, Wëssenschaft, Kultur, Ekonomie a Gesellschaft.

D'Donnéeë gi selbstverständlech nom Gesetz vun der Protection des données et personnes verwalt. Dat gesamt Material kann net veräussert ginn. Ferner kréie mir och materiell Hëllef vun den nationalen Archiven, fir ons alldeeglech Funktiounsweis, do Hëllef ze kréien.

Ounst datt mir gesetzlech deelweis verflicht si fir dës Funktiounsweis, fannen ech eng Kollaboratioun ënner de lokalen Archiven an den nationalen Archive sënnvoll. Dëst ass e Festhale vun der Funktiounsweis vun onser Gesellschaft iwwer Joerhonnerte fir déi kommend Generatiounen.

Ech soen Iech Merci, wann Der dofir géift stëmmen.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Mangen. Här Schwachtgen.

### FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll och eppes soen haut. Ech bekëmmere mech elo lues a lues ëm d'Archiven.

Ech fänken u mat enger negativer Saach: „Vill ze vill ass verschwonnen", géif ech dat Kapitel hei iwwerschreiwen zu Déifferdeng. Een, dee scho laang derbäi ass, dee weess, a wéiville Periode Material verluer gaangen ass, naass ginn ass, op Späicheren zesummegeschnidde ginn ass, onfachmännesch net gehale ginn ass an esou virun an esou weider. Beim Plënneren, bei Moderniséierungsaarbechten op der Gemeng oder an de Schoulen an esou virun. An och Wiessel vum Personal.

Wat zum Deel am Fong benevole gemaach gëtt. Ech weess, deen alen Déifferdenger Sekretär huet a senger Pensioun nach gesammelt op der aler Gemeng um Späicher, wou d'Material da verlottert ass herno. Duerno huet den Här Rion a senger Pensioun nach am Keller vun der Uewerkuerer Schoul probéiert, dat Bescht draus ze maachen.

Duerno ass endlech déi Phas komm, wou mer op de gudde Wee gaange sinn. Dank eisem Schäfferot och.wWou mer dat systematesch maachen an och qualifizéiert a forméiert Personal fir d'Archiven agestallt hunn. Dat hei ass elo e weidere Schrack an déi gutt Richtung. Dat begréissen ech am Numm vun déi Gréng. An ech mengen alleguerten heibannen.

Et ass och esou, ech weisen op den Artikel 7 hin, wou et ëm déi Archives privés geet. Ech ginn nach haut vill gewuer, an ech hu selwer nach vill Material. An déi Leit, déi wëllen eppes ofginn, eng Sammlung, sief et Postkaarte vum Erny Hilgert, sief et Fotoe vum Schiltzen Armand an esou weider.wWat ass aus deene Saache geschitt? Ass een dohinner gaangen, huet déi Saache recuperéiert, gerett, kopéiert, archivéiert an esou virun?

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *exprime sous le point 7 (b) sa gratitude envers l'investissement dans l'avenir que représente la collaboration avec les Archives nationales et l'importance de cette initiative pour la société. Elle souhaite bonne chance à ceux qui seront impliqués dans ce projet.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique le document relatif à la collaboration entre les archives municipales et les Archives nationales. L'objectif est d'établir un système d'archives unifié pour tout le pays dans les domaines de l'histoire, de la science, de la culture, de l'économie et de la société. Il souligne que les données seront gérées conformément à la loi sur la protection des données. De plus, la collaboration permettra de bénéficier du soutien matériel des Archives nationales pour le fonctionnement quotidien des archives communales. Robert Mangen considère cette collaboration comme une affirmation de la fonction des archives dans la société au fil des siècles, en vue des générations futures.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *prend la parole pour évoquer les archives communales de Differdange. Il souligne les aspects négatifs au fil des ans, avec des documents perdus, endommagés lors de travaux de rénovation, ou négligés dans des espaces de stockage inappropriés. Il mentionne également le transfert de matériel par un ancien secrétaire de Differdange dans la cave de l'ancienne mairie et les efforts ultérieurs pour sauver ce matériel.*
*Monsieur Schwachtgen reconnait les efforts récents pour organiser systématiquement les archives communales et former un personnel qualifié. Il salue cette avancée positive.*

*Il attire également l'attention sur l'article 7 du document, qui traite des archives privées. Frenz Schwachtgen souligne l'importance de traiter ces archives avec soin, encourageant le public à partager du matériel historique, qu'il s'agisse de cartes postales d'Erny Hilgert, de photos d'Armand Schiltz ou d'autres documents. Il souligne l'importance d'une approche respectueuse envers ce matériel et appelle à sensibiliser davantage le public sur cette question.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son accord avec Frenz Schwachtgen sur l'excellente gestion des archives par madame Bour. Il mentionne avoir eu des contacts positifs avec elle dans le cadre du 100e anniversaire de Thillebierg, soulignant la satisfaction et l'enthousiasme suscités par le travail accompli. Il considère que les archives sont désormais du bon côté.*
*En ce qui concerne la numérisation des archives, Erny Muller mentionne le concept en cours d'élaboration en collaboration avec les Archives nationales. Il souligne l'importance de conserver des pièces officielles et salue l'alignement de ce plan avec le plan national.*
*Concernant l'accès aux archives, Erny Muller indique qu'il est possible de prendre rendez-vous pour y accéder. Il encourage les gens à collaborer avec les archives, mentionnant qu'il a déjà invité des personnes à le faire dans le cadre d'une organisation qui possédait beaucoup de matériel. Il souligne également que, dans le cadre de la numérisation, les gens n'ont pas nécessairement à remettre physiquement leurs documents ; ils peuvent simplement les prêter pour la numérisation.*
*Erny Muller insiste sur l'idée de rendre les archives plus accessibles, en particulier en envisageant leur intégration dans la future école sur la place Nelson-Mandela. Il estime que les archives devraient être plus visibles, accessibles à tous, et ne devraient pas être reléguées dans des endroits reculés ou des caves.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Muller pour son*

Dësen Artikel hei gëtt eis eng Kéier méi d'Gewëssheet, dass och en uerdentlechen Ëmgang mat deene Saachen op der Gemeng, an och da beim Staat, geschitt a garantéiert ass. Dacks gi Privatleit hir Saachen net of, well se negativ Geschichten aus der Vergaangenheet héieren hunn. Da loosse se se léiwer am Keller stoen. Wou awer vläicht herno, no hirem Ofliewen, d'Ierwe kommen an awer de grousse Container kënnt. An dann ass et fir éiweg verluer, fir Déifferdeng, also fir eis Geschicht an alle Sparten. Wat schued ass.

Dofir maachen ech wierklech en Appell, dass mer dat do och méi publik maachen, an dass mer déi wichteg Saachen retten.oOb dat Material ass oder Biller. Ech weisen drop hin, zum Beispill an der Weiergaass ass e ganz berüümt Bild vum Armand Schiltz, wéi et fréier ronderëm de Klouschter Déifferdeng ausgesinn huet. Dat Bild, weess ech net, ob iergendee sech eng Kéier Gedanke gemaach huet, fir dat ze retten, respektiv ze kopéieren, dass mer et an de Memoiren och hunn, fir kommend Generatiounen.

An deem Sënn begréissen ech dat heiten a si wierklech frou, dass mer elo op deem Wee sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech kann dem Här Schwachtgen nëmmen zoustëmmen. Awer ech wëll soen: Eis Archive si mat der Madamm Bour a ganz gudden Hänn. Ech hat d'Geleeënheet, Kontakt mat hir ze hunn, am Kader vun 100 Joer Thillebierg.eEch war wierklech ganz zefridden a begeeschtert, wéi si déi Aarbecht ugeet. Ech mengen, vun deem Standpunkt hier si mer elo op der richteger Säit.

Och wat d'Digitaliséierung vun all deenen Archiven ubelaangt. Wou elo och e Konzept dran ass, zesumme mat den Archives nationales. Dat heescht wat muss wéi laang gehale ginn an esou weider, vun offizielle Pièecen, dat ass alles dran. Et ass gutt, dass dat mam nationale Plang ofgestëmmt ginn ass.

Wat de Lieu ubelaangt: Et kënnt een op Rendez-vous eran. Ech hu scho Leit dozou invitéiert, och am Kader vun där Organisatioun, déi mer haten.eEen, dee ganz vill Material huet, kann dat alles ofginn an d'Archiven. Wann Der mat de Leit schwätzt, maache se dat och, wann der et sënnvoll erkläert.

Souguer musse si d'Material net ofginn, wa se dat net wëllen, mee si sollen et dohiginn, dass alles gescannt gëtt. Dat ass elo mol dat Wichtegst. Dir braucht Äert Material net aus der Hand ze ginn, et gëtt just alles opgelëscht an da kritt Dir Är Dokumenter erëm, wéi Der se ofginn hutt.

Ech kommen erëm drop zréck, mee dat ass awer wichteg ze soen: Op der Place Nelson Mandela ass eng Schoul geplangt. An an déi Schoul soll jo och een Deel vun den neien Archive kommen. Ech mengen, mir musse sou lues drun denken, d'Archive méi no bei d'Leit ze bréngen. An net am Keller vun enger Schoul, wéi dat fréier, virun zeg Joren de Fall war.

Archive gehéiere méi visibel, wou jiddweree kann eragoen, en anstännegen Accueil ass, wou en och vläicht op der Plaz ka Recherchë maachen, wéi zum Beispill an enger Bibliothéik. Ech denken, déi Archive wären an der Bibliothéik am beschten doheem. Esou war dat och geplangt, deemools an deem Projet.

Um Schluss wëll ech all Politiker heibannen drun erënneren, dass se fir d'Zukunft net vergiesse sollen, dass mer den Archive mussen eng nei Bedeitung awer och nei Raimlechkeete ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Dem Här Muller soen ech Merci fir de Luef fir de Service Archiven, deen ech wierklech als Buergermeeschter och nëmme kann ënnerstëtzen. Merci fir déi léif Wierder.

Dem Här Schwachtgen wëll ech soen, Dir hutt leider Recht, Här Schwachtgen, well ech sinn och elo als Buergermeeschtesch domadder konfrontéiert ginn, Saachen ze sichen, déi néierens

méi opzefanne sinn. Et ass schued, et ass traureg, muss ech awer och soen.

An doropshin hunn ech d'Decisioun geholl, mat de Responsabelen – a mir wäerten et och am Schäfferot esou aktéieren –, dass wann Acquisitioune gemaach ginn, déi gi jo haaptsächlech vum Service culturel gemaach, mee dat betrëfft och all déi aner Servicer, dass déi sech musse mam Service médias a Kontakt setzen.

Well do si mer schonn amgaangen, annerhalleft Joer, zwee Joer, alles ze repertoréieren, festzehalen, Fotoen, alles, wat et am Moment nach an der Gemeng gëtt, fir dass en Inventar gemaach gëtt. Wann een eppes sicht, dass e weess, et war do oder et war net do. Dat wollt ech Iech soen, Här Schwachtgen, dat wäerte mer elo an engem vun deenen nächste Schäfferéit festhalen. An Dir hutt allen zwee Recht: Mir mussen et soignéieren a mir mussen drop oppassen, dat ass de Sënn vun de ganzen Archiven.

Den Här Mangen freet d'Wuert.

### SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, mir sinn do schonn e bësse méi professionell gi mat den Archiven, wann een dat vergläicht wou virdrun. D'Madamm Bour mécht dat ganz gutt. Hir kann ee roueg Merci soen. Si ass och unerkannt national, si gëtt och geruff, wa Problemer sinn. Also si bedeelegt sech un den nationalen Archiven, et besteet eng enk Kollaboratioun.

Mir wëllen d'Archiven e bësse méi lieweg maachen. Dat heescht, wann zum Beispill Biller gemaach ginn oder Reportagen iwwer Déifferdeng, datt mer déi an ons Archive matabannen, datt mer dat fir déi zukünfteg Generatiounen och hunn. Alles, wat elo zu Déifferdeng passéiert, datt mer dat alles regruppéieren. Also do gi mer ons scho Méi, fir dat fir d'Zukunft ze halen.

Et si relativ vill Demanden. Ech wäert am nächste Gemengerot de Bericht vun den Archiven an och vun der Bibliothéik virstellen. Mir kréie vill Demanden, vun der Uni Lëtzebuerg, vu private Leit, Historiker, déi op ons Archiven zréckgräifen. D'Demanden huelen ëmmer méi zou, dat freet mech.

Et sinn och bei Privatleit, déi lues a lues ufänken och ze denken, wa se Saachen doheem hunn, an och Veräiner, déi ophalen, wou mer dann och direkt aktiv bei deene virstelleg ginn a froen: Wann Der Material hutt, gitt ons dat.

D'Privatleit mussen hir Saachen net ofginn. Et geet duer, wa se et an d'Archive bréngen, datt mir et kënnen digitaliséieren. Et ass net, datt mir et halen, déi original Dokumenter. Mee datt mer just eng Foto hunn, datt mer dat dann och kënnen esou festhalen. Dat ass vläicht nach en Argument méi, fir de Leit ze soen: Wann Der eppes doheem hutt, bréngt et. Et gëtt just kopéiert, Dir kritt et herno erëm mat heem.

### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Ech hunn nach eppes bäizefügen zu den Archiven: Fir all déi Echevinen an Echevinnen in spe, déi vläicht hei sëtzen, wëll ech just d'Informatioun weiderginn: D'gëllend Buch vun der Gemeng Déifferdeng, wann Der et sollt sichen, et ass an den Archiven. D'Madamm Bour passt op, dass et net verluer geet. Da wësst Der Bescheed. Villmools merci.

An da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de coopération avec l'État du grand-duché de Luxembourg portant sur l'archivage communal.*

Villmools merci. Dat nächst: Conventioun tripartite, do geet et ëm d'Finanzement an der Organisatioun vun eisem Office social fir d'Joer 2023. D'Wuert geet erëm un den Här Mangen.

### SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dëst ass eng Flichtaufgab, déi all Joer erëmkënnt. Dës Konventioun bënnt de Ministère de la Famille an d'Gemeng

*soutien au service des archives. Elle exprime sa gratitude pour ses paroles.*
*En réponse aux préoccupations de monsieur Schwachtgen concernant la recherche et la préservation des archives, Christiane Brassel-Rausch admet qu'il est difficile de trouver des documents qui n'ont pas été suffisamment catalogués. Elle informe que des décisions ont été prises avec les responsables pour coordonner les acquisitions entre les différents services de la commune, notamment le service culturel.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *prend la parole pour souligner les progrès professionnels réalisés dans la gestion des archives, en particulier grâce au travail de madame Bour. Il exprime la volonté d'enrichir les archives avec des images et des reportages sur la ville de Differdange. Robert Mangen évoque également les demandes croissantes provenant de diverses parties, y compris l'Université du Luxembourg, des particuliers et des historiens, pour accéder aux archives. Il promet de présenter des rapports détaillés sur les archives et la bibliothèque lors des prochaines réunions du conseil communal.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *fait une remarque aux échevins, expliquant que le livre d'or de la commune est également stocké dans les archives, où madame Bour en prend soin.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch termine ce point par des remerciements et la transition vers le prochain point à l'ordre du jour, la convention tripartite sur le financement et l'organisation de l'Office social pour l'année 2023.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *commence en soulignant que la convention dont ils discutent est une tâche obligatoire qui revient chaque année.*

*Il explique que cette convention lie le ministère de la Famille et la commune de Differdange avec l'Office social de Differdange, qui est un établissement public selon la loi de 2009. Les couts de l'aide financière aux personnes dans le besoin, ainsi que les couts de personnel et d'autres ressources utilisées, sont partagés 50/50 entre l'État et la commune. Le montant total pour l'année en cours est de 2 178 000 €, dont la moitié est assumée par la commune et l'autre moitié par l'État, soit 1 088 000 € pour la commune de Differdange.*

**TOM ULVELING (CSV)** *note une petite erreur dans l'article 16.g concernant les piqures effectuées chez le dentiste. Il précise qu'une modification a été apportée il y a quelques années, indiquant que ces piqures sont maintenant remboursées. Il souligne ainsi la nécessité de mettre à jour le texte en conséquence.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *prend la parole pour discuter de la convention pour l'année 2023, se concentrant sur la répartition des couts et du personnel de l'Office social. Elle mentionne une augmentation du personnel avec 1,5 équivalent temps plein d'assistant·e·s sociaux·ales au lieu de 1,2, et 0,5 équivalent temps plein de personnel administratif au lieu de 0,75. Cette augmentation vise à mieux répondre aux besoins de la population.*
*Elle rappelle l'importance du rôle de l'Office social dans l'aide aux personnes traversant des périodes difficiles et encourage les citoyens à chercher de l'aide en cas de besoin. Elle remercie également les acteurs de l'Office social pour leur excellent travail.*
*Elle termine en évoquant deux annexes à la convention, la première concernant le tiers payant social qui permet aux citoyens d'obtenir des étiquettes pour les médicaments pendant une période spécifique sans avance de frais, et la seconde concernant l'assistance aux ménages en situation de précarité énergétique, où l'Office social aide à remplir divers formulaires pour réduire les factures et la*

Déifferdeng mat dem Office social vun Déifferdeng, deen, laut Gesetz vun 2009, en Établissement public ass. De Staat an d'Gemeng deele sech d'Käschte vun der finanzieller Hëllef vun deene bedierftege Leit un de Personalkäschten an och un de genotzte Raimlechkeeten.

Als Rappell: Déi finanziell Hëllef, déi mer scho gestëmmt hu vum Budget vum Office social, an och am Budget insgesamt, beleeft sech dëst Joer op 2.178.000 Euro, wouvun d'Hallschent d'Gemeng bezilt an d'Hallschecht de Staat. Dat heescht fir ons Gemeng 1.088.000 Euro.

Ech soen Iech Merci fir d'Stëmme vun dësem Kontrakt, dee batter néideg ass fir d'Funktioun vum Office social.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Den Här Ulveling freet d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Just fir ze soen, dass hei e klenge Feeler dran ass. Ech huelen un, dat ass, well all Joer Copy/paste gemaach gëtt. Am Artikel 16g steet, d'Piqûrë beim Zänndokter, déi wären net opposabel. Mee dat ass zënter e puer Joer geännert. Dat heescht, d'Leit kréie beim Zänndokter, wa se eng Piqûre kréien, d'Suen erëm. Also kréien och dann d'Assuréeën déi erëm, soudass een dat net brauch méi heihinner ze schreiwen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Et geet ëm d'Konventioun fir 2023, d'Finanzéierung: 50 % Staat a 50 % Gemeng. Dorënner fält och d'Personal vum Office social. Nei ass, dass annerhallwen Equivalent temps plein assistant/assistante sociale op 6.000 Awunner kommen, anstatt dass et een(t) war wéi virdrun. An och 0,75 Equivalent temps plein administrative Posten op 6.000 Awunner, wat da virdrun 0,5 war pro 6.000.

Dat heescht, et ass eng Hausse vu 50 %, baséiert op de Statec, d'Zuele vum 1. Januar. Dat bedeit, datt mer 2,16 Équivalent temps plein Assistants / Assistantes sociales bäikréien, also d'Recht hunn op 1,2 am Personnel administratif. Vu dass net genuch Büroen de Moment zur Verfügung stinn, wäerten elo 1,5 Assistants / Assistantes sociales agestallt ginn an 0,5 à temps plein administratiivt Personal.

Ech wëll awer nach eng Kéier widderhuelen, dass den Office social de Leit hëlleft bei den Demarchen, déi néideg sinn, fir Accès op Ënnerstëtzung ze kréien. Ech weisen och kuerz drop hin, dass d'Bierger, wa se an enger schwiereger Phas sinn, net sollen hesitéieren, sech beim Office social ze informéieren oder Hëllef unzefroen.

Ech soen den Acteure vum Office social Merci fir déi gutt Aarbecht, déi se geleescht hunn.

Zu de Konventioune gehéieren zwou Annexen. Déi eng ass den Tiers payant social. Jee no Situatioun kann e Bierger oder eng Biergerin Etikette fir dräi Méint, ausnamsweis och fir sechs Méint, kréien. Wat erlaabt medezinesch Fraisen net musse virzestrecken. Dat ass natierlech e ganz wichtege Punkt.

Deen aneren Annex ass d'Assistance aux ménages en situation de précarité énergétique. Do geet et drëm, dass den Office social hëlleft, déi verschidde Formulairen auszefëllen, déi dann un d'Klima-Agence geschéckt ginn. Et geet drëm, dass dem Bierger seng Rechnung méi kleng gëtt an dass manner Energie verbraucht gëtt.

Déi Gréng ënnerstëtzen dës Konventioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, et ass scho vill gesot ginn. An dëser Konventioun fir den Exercice 2023 tëschent dem Familljen- an Integratiounsministère, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social fir d'Organisatioun an d'Finanzement vun den Aktivitéite vum Office social huet sech, par rapport zum leschte Joer, weider näischt geännert. Dat heescht d'Dispositiounen an de Wee vun der finanzieller Säit bleiwen d'selwecht.

De Ministère an eis Gemeng huelen d'Finanzement zu gläiche Partien, dat heescht 50:50, à charge. D'finanziell Avancë ginn trimestriell iwwerwisen: Januar, Abrëll, Juli, Oktober.

Trotz allem heescht et weiderhi virsichteg ze bleiwen, vu d'Präisdeierecht, déi amgaangen ass. Esoudass wuel an den nächste Méint méi Demanden an den Office social erakommen an ze veraarbechte si wäerten. Ech denken do zum Beispill un déi nächst Ofrechnunge vun den Energiekäschten.

An der neier Office-social-Konventioun fir 2023 ass decidéiert ginn, de Personalschlëssel ëm 50 % ze erhéijen. Dat heescht 1,5 Assitants sociales bei 6.000 Awunner plus 0,75 Agent administratif, wéi scho gesot. Gerechent gouf op 28.600, Awunnerzuel vu Januar 2022.

Fir den Office social Déifferdeng sinn dat 2,16 Assitant-sociallen an 1,2 Agent-administrativen. Dovunner ginn 0,6 Assistants an 0,7 Agents administratif a suspens gehalen, déi den OS zegutt huet, vu dass wéineg Plaz an de Büroen ass. An dofir gëtt dann och de Wartesall als Büro ëmstrukturéiert.

Dat zu dëser Konventioun fir den Exercice vun 2023. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. D'CSV stëmmt dës alljärlech Konventioun och dës Kéier nees mat. Den Office social spillt e wichtege Rôle an eiser Gemeng, an eisem Land, hëlleft de Leit an Nout an de verschiddenste Beräicher. Dat hu mer jo scho méi am Detail am Budget vum Office social ausgefouert.

Hei an dëser Konventioun geet et ëm d'Finanzement. Wéi gewinnt gëtt et hallef/hallef vum Staat an der Gemeng gedroen. Zugläich sinn hei am Kontrakt d'Engagementer an d'Funktionement vum Office social kloer definéiert, mat den Annexe vum Tiers payant social an der Assistance aux ménages en situation de précarité énergétique.

Et ass alles gesot. Mir wëllen eis dem Merci un d'ganzt Personal uschléissen, fir hiert Engagement an hir Aarbecht, mat där si alles drusetzen, fir de Leit ze hëllefen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen zu dësem Punkt dat, wat ech all Joer soen: Selbstverständlech wäert ech als Vertrieder vun der KPL dës Konventioun stëmmen, mee ech wëll awer drop hiweisen, dass dee Problem grondsätzlech esou net geléist gëtt. Déi Konventioun ass gutt, wann ee sech drop beschränkt, d'Aarmut ze verwalten. An dat ass dat, wat hei geschitt. A wann d'Aarmut wiisst, a se wiisst jo de Moment ganz krass, da ginn eebe méi Leit agestallt, fir se ze verwalten.

Mee et gi besonnesch, an do maachen ech natierlech der Regierung an éischter Linn de Virworf, net déi Initiative geholl, déi noutwendeg wären, fir d'Aarmut ze besäitegen. Versot gëtt am Beräich vun der Aarbecht, versot gëtt am Beräich vun de Wunnengen a vun de bezuelbare Wunnengen. Dat ass den eigentleche Grond, firwat d'Aarmut weider wiisst.

Dat hei ass eng Plooschter, déi gutt ass, déi de Leit op lokalem Niveau och e bëssen hëlleft. Mee esou kritt een de

*consommation d'énergie. Elle conclut en déclarant que déi gréng soutient cette convention.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *intervient en expliquant que la convention pour l'exercice 2023 entre le ministère de la Famille, la commune de Differdange et l'Office social de Differdange reste inchangée par rapport à l'année précédente du point de vue des dispositions financières. La répartition des couts demeure à 50 % pour l'État et 50 % pour la commune. Les avances financières sont versées trimestriellement en janvier, avril, juillet et octobre. Malgré cela, elle souligne la nécessité de rester prudent en raison de l'augmentation attendue des demandes à l'Office social, notamment en raison des prochaines factures d'énergie.*
*Elle annonce également que le personnel de l'Office social sera augmenté de 50 %, soit 1,5 assistant social pour 6000 habitants et 0,75 agent administratif. Elle précise que, sur la base de la population au 1er janvier 2022, cela équivaut à 2,16 assistants sociaux et 1,2 agent administratifs. Certains de ces postes seront suspendus en raison du manque d'espace de bureau, et le hall d'attente sera réaménagé en espace de bureau.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *exprime le soutien de son parti à cette convention annuelle, soulignant le rôle crucial de l'Office social dans la commune et dans le pays en aidant les gens dans le besoin. Il approuve la répartition égale des couts entre l'État et la commune. Il conclut en remerciant le personnel de l'Office social pour son engagement et son travail.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *exprime son soutien à la convention, mais souligne que celle-ci traite principalement de la gestion de la pauvreté plutôt que de la résolution du problème sous-jacent.*

*Il critique le manque d'initiatives pour éliminer la pauvreté, notamment dans les domaines de l'emploi et du logement abordable.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *introduit le point 7 de l'ordre du jour, qui concerne une convention tripartite entre la commune de Differdange, l'État et la maison des jeunes, le Jugendtreff Déifferdeng. Elle passe ensuite la parole à monsieur Aguiar.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit d'une convention entre les maisons de jeunes, le ministère de l'Éducation, la commune et le Jugendtreff Déifferdeng. Les maisons de jeunes ont pour objectif de rassembler, informer et animer les jeunes de 12 à 26 ans. Le Jugendtreff Déifferdeng comprend quatre structures, dont une au centre de Differdange, une à Niederkorn, une à Lasauvage, et la JugendFabrik à Fousbann.*
*Ces structures encadrent les jeunes, leur fournissent un suivi scolaire ou professionnel, et les impliquent dans diverses activités et projets. Dans l'ensemble, ces structures sont ouvertes 84 heures par semaine pour les jeunes. La JugendFabrik est ouverte six jours sur sept. La convention permet de financer les couts de fonctionnement et les salaires, ainsi que les activités et projets, tels que l'animation.*
*Le budget total de cette convention s'élève à environ 680 000 €, répartis en parts égales entre l'État et la commune. Aguiar se réjouit de l'octroi d'un poste supplémentaire par le ministère. Il mentionne également quelques projets spécifiques, tels que le Proufstudio, un studio créé pour soutenir les jeunes artistes musicaux, et le projet Mëttegpaus, qui propose aux jeunes de venir à la maison des jeunes pendant leurs pauses déjeuner pour prendre un repas sain.*
*Actuellement, le Jugendtreff Déifferdeng compte 1123 membres encadrés par une équipe d'éducateurs. Aguiar remercie l'ensemble du personnel pour son travail. Il aborde également une deuxième convention concernant le travail de rue, visant à accompagner les jeunes*

Problem natierlech net an de Grëff, virausgesat, et wëll een dat iwwerhaapt!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention tripartite relative à l'organisation et le financement des activités de l'Office social de Differdange pour l'exercice 2023.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 7. Do géif ech d'Wuert un den Här Paulo Aguiar ginn. Et geet ëm eng Tripartite-Konventioun tëschent der Gemeng Déifferdeng, dem Staat an dem Jugendhaus, dem Jugendtreff Déifferdeng. Ech géif den Här Aguiar ëm Explikatioune bieden.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, et handelt sech hei ëm eng Konventioun tëscht de Jugendhaiser, dem Educatiounsministère, der Gemeng an dem Jugendtreff Déifferdeng.

D'Haaptzil vun de Jugendhaiser ass d'Zesummentreffen, Informatioun an Animatioun vu Jonken tëscht 12 a 26 Joer. De Jugendtreff Déifferdeng zielt véier Strukturen: Eng am Zentrum zu Déifferdeng, eng zu Nidderkuer, eng op der Zowaasch an d'Jugendfabrick um Fousbann.

An dëse Strukture ginn déi Jonk encadréiert, kréien e schouleschen an/oder e professionelle Suivi, kënne bei verschiddenen Aktivitéiten oder Projete matmaachen.

Am Ganze sinn déi Strukture 84 Stonnen d'Woch fir déi Jonk op. D'Jugendfabrick ass sechs vu siwen Deeg op. Et ass wichteg, dass déi Jonk sou oft wéi méiglech kënnen dohi kommen.

Dës Konventioun erméiglecht d'Fraisen ze finanzéieren, d'un côté d'Funktionementskäschten an awer och d'Salariéen, d'Aktivitéiten an d'Projeten, wéi zum Beispill Animatioun.

Am Ganze sinn dat ronn 680.000 Euro an déi gi 50:50 opgedeelt tëscht dem Staat an der Gemeng. Mir freeën eis driwwer, dass de Ministère eis en zousätzleche Posten accordéiert huet.

Wärend dem Joer 2022 gouf et 20 gréisser Aktivitéiten a Projeten, wou vill Jonker matgemaach hunn. Ech wéilt hei op e puer besonnesch agoen. De Proufstudio: De Studio ass gegrënnt ginn, fir jonk Artisten ze ënnerstëtzen. Si kënnen hei vun engem Proufsall an engem Studio fir opzehuele profitéieren. Et ass e Projet, dee vun de Jonke selwer geréiert gëtt.

Deen zweete Projet: d'Mëttegpaus. Dëse Projet proposéiert deene Jonken, wärend hire Mëttegpausen an d'Jugendhaus ze kommen an ee gesonde Plat ze iessen.

Aktuell zielt de Jugendtreff Déifferdeng 1.123 Memberen, déi vun enger Ekipp vun aacht Educateuren encadréiert ginn. Wéi gesot, d'Strukture si vu méindes bis samschdes op, woubäi dat eent Haus och mol anescht op ass wéi dat anert.

Et gëtt nach eng zweet Konventioun, déi vun der opsichender Jugendaarbecht. Hei geet et drëm, dass d'Educateure bei déi Jonk ginn, déi sech dobaussen, op de Stroosse vun Déifferdeng ophalen. Dës Jonker sinn tëschent 16 a 26 Joer al a souzesoen inaktiv, wat d'Schoul oder d'Aarbecht ugeet.

D'Objektiv vun dësem Projet ass et, déi Jonk ze stimuléieren, ze encouragéieren an ze motivéieren, hir Situatioun duerch Aktivitéiten an der nonformaler Bildung ze änneren. D'opsichend Jugendaarbecht schafft a Synergie an a Kooperatioun mat deenen anere Strukturen a Projeten, déi an den Déifferdenger Stroossen täteg sinn.

Ofschléissend géif ech gären där ganzer Ekipp vum Jugendtreff Déifferdeng an der ASBL e grousse Merci fir hir Aarbecht soen. Ech hoffen, Dir kënnt dës Konventioun ënnerstëtzen. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Och mir als LSAP soen där ganzer Ekipp vun de Jugendhaiser Merci fir hir wäertvoll Aarbecht.

Wat elo d'Haaptaarbecht um Terrain ubelaangt, déi ass séier wichteg. Dir hutt geschwat vun Outreach. Ech mengen, et soll een net nëmmen déi Jugendlech opsichen – also et soll ee se wuel invitéieren, un deene Workshoppe matzemaachen, déi indoor stattfannen, mee virun allem ass et wichteg ze kucken, wat dobausse geschitt, se do och ze begleeden an op se anzegoen. Vläicht kréie mer herno verschiddener vun deenen och an d'Jugendhaiser. Op jidde Fall sinn déi Usammlungen op verschiddene Plazen – mir haten do jo schonn Diskussiounen –, zum Beispill op der Place des Alliés oder Woiwer oder esou, dass een déi Saach ganz proaktiv ugeet an do de Kontakt sicht mat deene Jugendlechen.

Dat ass d'Aarbecht, wéi gesot, um Terrain. An och dofir Merci deene Leit, déi do aktiv sinn, deene Spezialiséierte virun allem.

Eng aner Saach, dat ass eppes, wat mer ëmmer erëm selwer e bësse leed deet, dat ass, dass esou Infrastrukturen – a mir hu jo eng formidabel um AS-Terrain stoen – net méi genotzt ginn. Si ginn zwar genotzt, jo, mee awer net dee ganzen Dag vu mueres bis owes. Si gi gewësse Stonne benotzt. An do muss ee sech fir d'Zukunft Gedanke maachen, ob ee se net kéint méi notzen. Ech stoung scho virun der Dier, duerfir froen ech mech: Ass do e Programm vu mueres aacht Auer u bis owes aacht Auer, zum Beispill, all Dag? Oder wéi funktionéiert dat an deem Jugendhaus?

Vläicht kéint een do aner Initiativen nach matabréngen, dass déi Infrastrukturen, déi jo och e bësse Geld kascht hunn, dass déi am Interêt vun der Jugend, och vläicht aneren, mee hei ass dat eebe schwéier, well dat hei jo iwwert d'Jeunesse konventionéiert gëtt an et do schwéier gëtt aner Aktivitéiten eranzebréngen, well soss entsprieche si net méi der Zilsetzung, wou mer d'Ënnerstëtzung kréien derfir.

Ech wär frou, wann ech emol géif do vläicht eng Erklärung kréien, wéi zum Beispill d'Jugendfabrick um AS-Terrain optimal benotzt gëtt, wat d'Infrastruktur ubelaangt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Als déi gréng Fraktioun ralliéiere mer eis dem Merci un d'edukativ Ekipp, dee souwuel vun der LSAP wéi vum Schäffen ausgeschwat ginn ass.

Perséinlech kann ech soen, dass dat eng ganz wäertvoll Aarbecht ass, déi do gemaach gëtt, an dat schonn iwwer Joren.

Just vläicht eng kleng Geschicht: Wou mer hei um Patt waren, um Neijoerschpatt, do hu mer Jonker gesinn aus dem Animateam. Dat si Jonker, déi schaffen an hirer Fräizäit. An déi als Jonker an deem Jugendhaus opgegraff gi sinn, déi ech och deels aus der Schoul kennen an net ëmmer esou een einfache Parcours haten. Ech mengen, dat ass dann eng Erfollegsgeschicht an et weist, wéi wichteg déi Aarbecht ass, déi gemaach gëtt.

Anerersäits gesinn ech och an eise Maison-relaisen Educateuren haut, déi och aus deem Milieu kommen, déi d'Jugendhaus wierklech opgegraff hunn, déi aus schwierege familiäre Situatioune komm sinn a wierklech iwwer laang Jore konnte vun engem Suivi profitéieren. An esou awer hire professionelle Wee konnte maachen an haut dëst un d'Kanner dann zréckginn, déi an de Maison-relaise sinn.

Dat weist, wéi wichteg déi Aarbecht ass a wéi fréi een ufänke muss, déi Jonk opzefänken a se ze begleeden.

D'Iddi vum Här Muller, fir d'Jugendhaiser respektiv d'Strukturen, déi do sinn, villfälteg ze notzen, fannen ech immens flott. Et gëtt jo schonn an deem

*inactifs de 16 à 26 ans en dehors des structures.*
*Il conclut en exprimant sa gratitude envers toute l'équipe du Jugendtreff Déifferdeng et espère que la convention sera soutenue.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime également ses remerciements à toute l'équipe des maisons de jeunes pour leur travail précieux. Il souligne l'importance du travail de terrain, notamment en ce qui concerne l'Outreach, et encourage à ne pas seulement chercher à contacter les jeunes, mais à les inviter activement à participer à des ateliers.*
*Il aborde également la question de l'utilisation optimale des infrastructures, s'interrogeant sur la possibilité d'étendre les activités pour qu'elles soient accessibles plus longtemps chaque jour. Il encourage la réflexion sur la manière d'adapter ces infrastructures aux besoins des jeunes.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *exprime aussi des remerciements envers l'équipe des maisons de jeunes. Elle partage une anecdote sur les jeunes provenant du programme ANIMA, soulignant l'impact positif de leur accompagnement. Elle évoque également les éducateurs des maisons relais qui ont bénéficié d'un suivi similaire, soulignant l'importance de soutenir et d'accompagner les jeunes dans le besoin.*

*Laura Pregno s'aligne sur l'idée de monsieur Muller d'exploiter davantage les infrastructures et encourage la diversification des activités, y compris des coopérations avec d'autres organisations. Elle insiste sur l'importance des heures du matin, où les jeunes peuvent recevoir un suivi et rechercher des informations, soulignant le rôle crucial des éducateurs pendant ces heures.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il est question de deux conventions de financement, l'une pour les quatre maisons de jeunes et l'autre pour le projet Outreach. Le montant total s'élève à environ 800 000 €, partagé en parts égales entre l'État et la commune. Il souligne l'importance du travail réalisé dans les maisons de jeunes, ainsi que le rôle crucial du projet Outreach, qui vise à atteindre les jeunes qui ne fréquentent pas les maisons de jeunes, mais qui ont besoin de soutien social. Il exprime sa reconnaissance envers le personnel et les bénévoles, soulignant leur valeur et le rôle essentiel qu'ils jouent. Il conclut en remerciant l'ensemble du personnel et des bénévoles pour leur travail.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond à monsieur Muller en donnant des détails sur le fonctionnement des maisons de jeunes. Il précise que les maisons de jeunes sont ouvertes du lundi au samedi pendant les après-midis et sont considérées comme des activités parascolaires. Il explique également que de nombreuses activités sont planifiées, avec la participation de jeunes, soulignant l'importance du centre pour les activités d'accueil et d'information.*

Sënn vill gemaach a méigleche Kooperatiounen, déi souwuel wärend den Ëffnungszäite wéi och ausserhalb vun den Ëffnungszäite stattfannen. Ech denken do u Kooperatioune mam Club Senior oder Mission for more, wann et drëms geet d'Grondschoulen an d'Jugendhaiser ze empfänken. Do gëtt jo schonn esou geschafft.

Mir mussen awer just drun denken, dass d'Jugendhaiser wärend de Moiesstonnen u sech net fir de Public op sinn, wou eng ganz wichteg Backgroundaarbecht gemaach gëtt vun den Erzéier, a vill Jonker kommen, fir deen enke Suivi ze kréien, dee se brauchen. Well grad, wa se net an enger Struktur funktionéieren, also Struktur nennen ech elo Schoul oder Aarbecht, da sinn déi Moiesstonnen immens wichteg, fir un engem CV ze schaffen, fir sech ze informéieren. Wou ee mat engem Educateur ënner véier Ae ka schwätzen, wou een déi néideg Rou muss hunn. Dat ass eng grouss Aarbecht, wou moies geschitt.

An da sinn d'Jugendhaiser jo u sech op vläicht zu deenen Zäiten, wou se am meeschte genotzt ginn a vläicht och fir aner Besoine kéinte benotzt ginn. Do muss een einfach kucken, wéi een do usagerméisseg laanschtenee kënnt. Mee ech denken, dass do kee sech enger Kooperatioun wäert verweigeren.

E grousse Merci un d'Ekipp vun eiser Säit. Mir stëmmen dat natierlech mat. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Mir maachen d'Ronn dann zou. Et gouf schonn alles gesot. Et geet hei ëm déi zwou Konventioune fir d'Finanzement. Zum enge fir eis véier Jugendhaiser, zum anere fir de Projet Outreach.

Insgesamt beleeft sech de Montant op ronn 800.000 Euro, déi 50:50 vum Staat an der Gemeng gedroe ginn.

Et ass eng ganz wäertvoll Aarbecht, déi an eise véier Jugendhaiser geleescht gëtt. An et ass awer och eng ganz wichteg Aarbecht, e wichtege Rôle, deen den Outreach-Projet iwwerhëlt. Datt se versichen, déi Jonk ze erreechen, déi net an eis Jugendhaiser kommen an awer e sozialen Appui brauchen. An eeben doduerch, datt se op d'Plaze ginn, wou déi Jonk sech ophalen.

Déi ganz Jugendaarbecht – et ass elo grad gesot ginn, vill Jonker hu keen einfache Parcours. Ech denken, dat heiten ass wichteg fir verschiddene vun hinnen e gewëssene Kader ze ginn an déi Hëllef ze ginn, fir datt se sech selwer kënnen abréngen a sech weider kënnen entwéckelen.

Ofschléissend och vun eiser Säit e grousse Merci un d'Personal an d'Benevoller. Mir stëmmen dat esou mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott. Entschëllegt, Här Aguiar.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just dem Här Muller äntweren. D'Sportsfabrick, d'Jugendhaus ass op vu méindes bis samschdes mëttes. E Jugendhaus ass ëmmer eng Activité parascolaire. Dat heescht moies ass Schoul a mëttes geet d'Jugendhaus op.

Zweetens, am Kader vun den Aktivitéiten, kann ech Iech soen, Här Muller: 2022 ware 428 Aktivitéite geplangt, mat Participatioun vu 751 Jonken. Dat heescht, et leeft do wierklech eppes Wichteges am Jugendhaus an et gëtt wierklech benotzt am Kader vum Accueil, vu Rencontres an Informatioun.

Ganz vill leeft och am Sport. Ech mengen, Dir kennt ganz gutt d'Conceptioun vun der Jugendfabrick, et ass eng grouss Hal. Déi Jonk kënnen do normal Sport maachen, respektiv och Atelieren opbauen. Dat heescht, dat gëtt wierklech vill, vill, vill benotzt.

Wéi ech déi leschte Kéier do war, do waren iwwer 100 Jonker an der Jugendfabrick respektiv och am Zentrum. Dat heescht déi véier Jugendhai-

ser, déi gi wierklech vill, vill, vill benotzt vun eise Jonken, wat gutt ass.

An et si wierklech vill Aktivitéiten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Muller

**ERNY MULLER (LSAP):**

Erlaabt mer nach dem Här Aguiar ze äntweren. Ech hunn dat jo och net kritiséiert. Ech soe just, dass mer an d'Richtung ginn, wéi d'Madamm Pregno sot, dat heescht fir dat besser ze benotzen. Do kéint ee mueres dann zum Beispill Sportsaktivitéite vläicht fir Senioren oder aner Aktivitéiten, Workshops oder esou Saache ubidden, eng gewëssen Indoor-Méiglechkeet fir zum Beispill de Senior Plus oder esou weider. Vu dass déi Jugendlech dann net do sinn, vläicht ouni si. Oder wann der do sinn, och vläicht Ateliere maache mat hinnen.

Dat ass just dat, wat ech wollt soen, dass mer dat méi iwwert den Dag zéien. Ech verstinn och, dass mer nëmmen an der Haaptsaach kënnen Aktivitéite maachen, wann déi Jugendlech och disponibel sinn. An dat ass jo an der Haaptsaach mëttes. Do sinn ech mat Iech d'accord.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Aguiar hëlt dat mat. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les conventions tripartites relatives à l'organisation et le financement des services pour jeunes pour l'exercice 2023.*

Villmools merci. De Punkt 7h, e Contrat de bail fir en Eefamilljenhaus an der Rue de la Métallurgie zu Uewerkuer. Dee Contrat de bail hei ass dee selwechte Fall, wéi mer e schonn eng Kéier hei am Gemengerot haten, mat deem Haus op 62, Rue de la Chapelle. D'lescht Joer hate mer dat hei am Gemengerot.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Sinn do net e puer Punkten iwwersponge ginn?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt Här Ruckert, Dir hutt Recht. Ech war schonn ze wäit. Et ass vläicht Wonschdenken. Entschëllegt villmools, Dir hutt Recht.

Mir kommen elo zum Punkt 7e, ass dat richteg? Deen zweeten Avenant zu der Konventioun mam Educatiounsministère vun eisen SEAen, dat heescht vun eise Maison-relaisen. Den Avenant baséiert op der Grondlag vun engem vum Educatiounsministère gefroten Décompte semestriel vun 2022. Besoten Dekont gouf am Hierscht op de Ministère geschéckt. An deen Avenant hei ëmfaasst eng Avance supplémentaire, vun – net schlecht – 1.651.091 Euro. Dësen zweeten Avenant fir eis Maison-relaise bieden ech Iech och haut ze stëmmen.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant à la convention 2022 du service d'éducation et d'accueil.*

Villmools merci. Elo si mer beim Punkt 7f, ech probéieren d'Reiefolleg anzehalen. Do geet et ëm en éischten Avenant vun enger Konventioun, nämlech ëm Emballagë mat Valorlux, ëm d'Tute vu Valorlux. An dofir géif ech dem Här Paulo De Sousa d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass eng ganz kleng Ännerung. Dësen Avenant vun der Konventioun mat Valorlux huet zum Zweck, datt dat ganzt Land elo dee selwechte Kontrakt

*En outre, il mentionne l'usage intensif de ces infrastructures, notamment en matière d'activités sportives et d'ateliers, avec une forte participation des jeunes.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond à monsieur Aguiar en soulignant qu'il ne critique pas, mais plutôt suggère des améliorations pour une meilleure utilisation des infrastructures. Il propose d'offrir des activités le matin, comme des activités sportives pour les séniors ou des ateliers, même si les jeunes ne sont pas présents, afin d'optimiser l'utilisation des installations tout au long de la journée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *revient ensuite au point 7 (h), un contrat de bail pour une maison familiale dans la rue de la Métallurgie à Oberkorn.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *fait remarquer que certains points ont été sautés.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'excuse et revient sur le point 7 (e), le deuxième avenant à la convention avec le ministère de l'Éducation nationale pour les maisons relais, basé sur un relevé semestriel demandé par le ministère. Cet avenant accorde une avance supplémentaire de 1 651 091 €, qu'elle propose également de voter.*
*(Vote)*
*Enfin, ils abordent le point 7 (f), qui concerne le premier avenant à la convention avec Valorlux concernant les emballages. La parole est donnée à monsieur De Sousa pour expliquer davantage.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit d'une petite modification concernant le contrat avec Valorlux.*

*L'amendement vise à rendre la durée du contrat indéterminée, avec un préavis de quatre mois chaque année avant la date d'expiration. Auparavant, le contrat était reconduit tacitement chaque année, avec la possibilité de prolonger jusqu'à quatre fois. Cette modification vise à simplifier l'administration. Les conditions et la méthodologie de facturation de l'aide financière ne sont pas modifiées. Le contrat concerne la collecte du bois, du verre et du carton, ainsi que le recyclage du carton.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde le point 7 (g), qui concerne les contrats de bail au 1535°. Elle explique qu'il s'agit d'un contrat et de trois avenants.*
*Le contrat concerne Viveca SÀRL, une société appartenant à Eric Chenal, qui est inscrite au 1535° depuis 2018 et paie également la taxe communale. Eric Chenal a agrandi ses activités et a pu profiter de l'espace libre en face de son espace actuel, situé au premier étage du bâtiment A.*
*Le premier avenant concerne David Soner, qui a peint la façade à côté de la barrière, appartenant à Fairtrade, et qui poursuit ses activités en tant qu'indépendant sous le nom de Pschhh! SÀRL.*
*Le deuxième avenant concerne Rex Kalehoff, qui occupe le premier étage du bâtiment A au 1535°. Il fabrique des pièces d'art uniques en bois, sans utiliser de vis. Il a besoin de plus d'espace, et il pourra bénéficier de l'espace 3 dans le bâtiment B à partir du 1er mars, à la suite de la résiliation par Alchemilla. Il crée des œuvres d'art en bois et ce local est idéal pour attirer le public et permettre les visites et les démonstrations.*
*Enfin, il y a un avenant pour Anouck Pesch SÀRL, qui occupe le premier étage du bâtiment A. Anouck Pesch a également besoin de plus d'espace et de personnel pour ses activités. Elle pourra bénéficier de l'espace 3 dans le bâtiment C à partir du 1er mars 2023.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *souligne que les locataires déjà présents au 1535° ont toujours la priorité lors-*

huet. Et geet ëm d'Durée, déi ass elo indéterminée a kënnegt bal véier Méint all Joer virum Datum. Virdru war de Kontrakt tacitement reconductible d'année en année an dat véiermol just verlängerbar.

Am Hibléck op eng administrativ Vereinfachung huet Valorlux eis gefrot, fir dës Ännerung an der Konventioun virzehuelen. A vu datt d'Konventioun deemools och duerch de Gemengerot gaangen ass, muss dës kleng Ännerung eeben och duerch de Gemengerot.

Un de Konditiounen, der Rechnungsmethodik vun der finanzieller Ënnerstëtzung, ännert hei näischt. Dat Ganzt betrëfft hei an dëser Konventioun Holz-, Glas- a Pabeiersammlung an am Recycling de Kartrong. Ech géif Iech bieden, dës Ännerung matzestëmmen. Ech soen Iech villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Ech gesi keng Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention pour les systèmes de collectes sélectives d'emballages avec l'ASBL Valorlux.*

Villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, Punkt 7g, do geet et ëm Contrat-de-bailen am 1535°, also wa mer et ganz genau huelen, geet et ëm ee Kontrakt an dräi Avenanten. Dir hutt d'Contraten alleguer do leien. Ech ginn elo net ganz an den Detail. Viveka SARL, dat ass eng Societéit vum Eric Chenal, deen zënter 2018 am 1535° ugemellt ass an och Taxe communale bezilt. Den Eric Chenal huet duerch Erweiderung vu sengen Aktivitéite méi Plaz gebraucht a konnt dovunner profitéieren, dass den Espace vis-à-vis vu sengem momentan gelounten Espace fräi ginn ass. An deen Espace befënnt sech um éischte Stack am Gebai A.

Deen zweeten, dat ass en éischten Avenant, dat ass fir den David Soner. Just fir Iech nach eng Kéier drun ze erënneren: Dat ass deen Här, dee bei der Barriär d'Fassad gemoolt huet, vu Fairtrade. Dee seng Aktivitéit als Independant elo a Form vun enger SARL mam Numm PSCHHH! weiderféiert.

Den zweeten Avenant, dat ass fir de Rex Kalehoff, deen um éischte Stack am A-Gebai am 1535° ass. Fir déi, déi mat waren, dat ass deen Här, deen unique Miwwelstécker ganz am Holz, ouni eng Schrauf, zesummebaut. Deen Här brauch méi Plaz a kann dovunner profitéieren, dass Alchemilla, mat Vue publique, resiliéiert huet. An hie lount elo den Espace 3 am B-Gebai ab den 1. Mäerz. Hie mécht Konschtwierker am Holz. Ech denken, dass hie ganz gutt do situéiert ass, fir och Publik unzezéien, fir schnupperen a virwëtzen ze kommen.

Dann hu mer nach en Avenant fir d'Madamm Anouck Pesch SARL, déi um éischte Stack vum A-Gebai ass. D'Anouck Pesch brauch eebefalls, duerch Erweiderung vu sengen Aktivitéiten an och méi Personal, méi Plaz a kann da vum Depart vu Mental Média profitéieren, fir e groussen Espace um 3. Stack am C-Gebai ab den 1. Mäerz 2023 ze lounen.

Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Et ass Mouvement am 1535° an dat ass jo och esou geduecht.

Ech weisen nach eemol drop hin, dass déi Locatairen, déi schonn am 1535° sinn, ëmmer Virrecht hunn, wann e Lokal fräi gëtt.

Mental, déi eng Rei Zeitungen am Beräich Sport erausbréngen, geet jo fort aus dem 1535°. Mental huet nach e Kontrakt bis Enn Februar, bleift awer zu Déifferdeng, wat ech positiv fannen.

Si sinn elo vis-à-vis vun der Schoul am Zentrum a sinn domat eigentlech mäin neien Noper.

Do gëtt elo e groussen Espace fräi, dee scho vum Architektebüro Anouck Pesch ab den 1. Mäerz gelount ass, well se méi e groussen Espace brauchen, wéi scho gesot.

Ech fannen et ganz flott, dass grad de Rex Kalehoff dee Vitrinn-Espace elo hëlt, well ech fanne seng Holzskulpturen an och déi Miwwelstécker, wéi d'Madamm Buergermeeschter grad gesot huet, immens flott. Dat ass wierklech e Plus, well et kann een eigentlech da Lèche-vitrine maachen, wann een um Site ass, fir iessen ze goen oder Kaffi ze drénken, sief dat an der Schräinerei oder am Kesselbetrib.

En neie Kontrakt ass dee mat der Société Viveka vum Eric Chenal, dee Fotograf ass an d'Societéit PSCHHH! dDo pëspere mer dann, dass de Kënschtler David Soner elo deen Avenant ënnerschriwwen huet, well en eeben elo eng Société à risque limitée huet.

Ech soen der Direktesch vum 1535° Merci, fir d'Gestioun an och hir Reaktivitéit. Déi Gréng stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant concernant l'espace de création d'Anouck Pesch SÀRL au 1535° Creative Hub.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant concernant l'espace de création de PSCHHH! SÀRL au 1535° Creative Hub.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant concernant l'espace de création de Rex Kalehoff au 1535° Creative Hub.*

Villmools merci. Här Ruckert, elo komme mer zum Punkt 7) vu virdrun. Hei geet et bei deem Haus 61, Rue de la Métallurgie ëm den nämmlechte Fait, wéi mer en hei schonn am Gemengerot haten d'lescht Joer, mam Haus 62, Rue de la Chapelle.

Dat Haus gouf an der Vergaangenheet vum Fonds de Logement fir d'Gemeng geréiert. Dat heescht de Fonds de Logement huet de Locataire erausgewielt, gekuckt, dass de Locataire säi Loyer bezilt an esou weider.

A mir als Gemeng hu vum Fonds du Logement d'Loyeren iwwerwise kritt an de Fonds de Logement fir hir Aarbecht bezuelt.

D'lescht Joer hate mer decidéiert, d'Gerance selwer ze maachen, well mer jo elo Service logement hunn, dee mer virdrun net haten. De Locataire hu mir matiwwerholl vum Fonds du Logement. De Loyer gëtt gerechent op Basis vun der Formel, déi am Règlement grand-ducal steet, wou de Revenu an d'Kompositioun vum Stot d'Haaptfacteure sinn. D'Loyere gi bei deene Kontrakter, laut Règlement grand-ducal, eemol d'Joer ugepasst, ofhängeg vum Revenu an der Kompositioun vum Stot.

Et geet ëm dat Haus, wat der Gemeng Déifferdeng scho méi laang gehéiert. De Bail ass fir ee Joer. An de Loyer mensuel ass 310 Euro.

D'Locatairin wëll selwer eraus. Mir kënnen awer näischt maachen, iert d'Locatioun vum Gravity opgeet, well mer net méi Objeten am Logementsservice hunn. Soudass d'Madamm fir de Loyer e ganzt Haus huet, mat enger Garantie bancaire vu 620 Euro. A wéi gesot, wann d'Locatioun am Gravity opgeet, ka si, wéi all anere Mënsch och, hir Demande stellen.

Ech gesi keng Wuertmeldung. Da kommt, mir stëmmen of.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec madame Fatuda Nelida Da Cruz pour une maison unifamiliale située rue de la Métallurgie à Oberkorn.*

Dir Dammen an Dir Hären, merci. Da komme mer zu enger Disposition d'un logement communal an der Grousstrooss hei zu Déifferdeng. Do kann

*qu'un local devient disponible. Elle mentionne que l'entreprise Mental, qui produit des journaux dans le domaine du sport, va quitter le 1535°, mais reste à Differdange, ce qu'elle considère comme positif.*
*Nicole Wohl évoque l'espace important qui se libère, loué à partir du 1er mars par l'architecte Anouck Pesch, en raison de ses besoins d'espace accrus.*
*Elle exprime son enthousiasme pour le fait que Rex Kalehoff occupera l'espace vitrine, soulignant l'esthétique impressionnante de ses sculptures en bois.*
*Elle félicite la gestion du 1535° et sa réactivité, exprimant le soutien de déi gréng pour ce point de l'ordre du jour.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*explique ensuite le contexte du point 7 (h), concernant la location de la maison située au 61, rue de la Métallurgie. Cette situation est similaire à celle discutée l'année dernière concernant la maison au 62, rue de la Chapelle. Ces maisons ont été gérées par le Fonds du logement pour la commune. Elle rappelle que la maison a été acquise par la commune du Fonds de logement pour être louée à un locataire choisi par ce dernier. L'année précédente, la gestion de la location avait été transférée en interne à la commune. Les loyers sont calculés en fonction d'une formule établie par règlement grand-ducal, basée sur les revenus et la composition du ménage. La locataire actuelle souhaite quitter la maison, mais la commune ne peut rien faire jusqu'à ce que la location pour le Gravity soit ouverte. Le bail est d'une durée d'un an, avec un loyer mensuel de 310 € avec une garantie bancaire de 620 €.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch introduit le débat sur les règlements, les taxes et les tarifs, en particulier une modification dans le chapitre E3 des déchets.*

*Elle donne ensuite la parole à monsieur De Sousa pour présenter cette modification.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il y a une petite modification à propos des demandes de bacs de 660 l, qui ont été formulées il y a environ 2 mois. Ces bacs sont nécessaires dans certaines résidences, où les bacs de 1100 l ne passent pas par les portes. Après avoir consulté le service de voirie, il a été confirmé qu'il n'y aurait aucun problème technique pour vider ces bacs. Par conséquent, une nouvelle taxe de 24,75 € est proposée pour couvrir ces couts.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *donne une brève explication au nom de son parti. Il rappelle que le LSAP n'a pas voté en faveur du règlement fiscal concernant les taxes sur les déchets. Cependant, ils considèrent que les poubelles de cette taille ont du sens. Ils maintiennent leur position sur le règlement fiscal, mais ils soutiennent la taxe sur les déchets liée à la taille des poubelles.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que la Blues Schoul, qui était précédemment sous l'égide du ministère de la Culture, sera désormais gérée par le service culturel de la commune.*

een och vläicht soen, wéi Der gesot hutt, Här Ruckert, Moutarde après dîner. Mee et war awer eng Urgence. D'Famill war dran eng Woch virun de Feierdeeg an ass elo schonn erëm eraus.

Dat ass eng Famill, wou en Déguerpissement war. Si hate sech et aneschters iwwerluecht. Mir haten iwwregens deen Objet fir si fräi gehalen, mee d'Famill ass elo fort. Dat heescht, dat do ass en Objet, deen an d'Locatioun vun de Gemengewunnenge kënnt.

Dir gesitt, et ass Enn dës Joers an ech froen einfach, dass mer dee Kontrakt ofseenen.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un logement communal situé dans la Grand-rue à Differdange avec madame Grisius et monsieur Hartendauer.*

Villmools merci. An ech däerf d'Wuert elo ofginn un den Här Paulo De Sousa, well mir kommen elo zu de Reglementer, den Taxen, den Tariffer an de Präisser. Et geet ëm eng Ännerung am Kapitel E3 vun den Decheten. Dat wäert den Här De Sousa eis virstellen. An da komme mer zum C4, der Bluesschoul. Ech denken, mir stëmme se eenzel of, dann ass et méi kloer. Merci.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi Der am Dossier gesitt, ass et eng ganz kleng Ännerung. Et ass eppes dobäikomm. Mir hate virun ongeféier zwee Méint eng Demande, fir 660-Liter-Containeren ofzehuelen, well an enger Residence geet deen 1.100-Liter-Container net duerch d'Dier. Do hate mer mat eisem Service Voirie gekuckt, technesch gesinn ass do guer kee Problem, fir de Vidage ze maachen. Soudatt mir esou eng Tax elo hei aféieren.

Fir de Präis hu mer eng Règle de trois, e bësse Mathe muss sinn, appliziéiert. Dat heescht, do komme mer dann op 24,75 Euro. Dat ass e klengen Zousaz an eisem Taxereglement. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wëll kuerz eng Erklärung ofginn, am Numm vun der LSAP. Dir erënnert Iech vläicht drun, dass mer dat Taxereglement net gestëmmt hunn, betreffend op jidde Fall déi Mülltaxen hei. Mir sinn awer der Meenung, dass déi Poubelle mat deem Volume sënnvoll ass. Mir haten eis enthale bei der Ofstëmmung, well mer eis ralliéieren un eis Positioun, dass mer och d'Taxereglement an deem Sënn net gestëmmt hunn.

Schwätze mer och schonn iwwert d'Bluesschoul direkt?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Fir d'éischt dat elei ofstëmmen an duerno d'Bluesschoul.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An der Rei. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de modifier le chapitre C-4 portant sur déchets dans le Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Merci. Da komme mer zu den Tariffer fir d'Bluesschoul. Ech probéieren, dat Ganzt eng Kéier an de Kontext ze setzen. Bis elo war d'Bluesschoul an der Museksschoul. D'Museksschoul ass awer vum Ministère reorganiséiert ginn, an do huet sech d'Fro gestallt:

Wat maache mer mat der Bluesschoul? Nodeem d'Servicer matagebonne si ginn, ass decidéiert ginn, d'Bluesschoul un de Service culturel ze annexéieren. Déi maachen elo d'Gerance an d'Organisatioun vun der Bluesschoul.

A mir hunn net méi spéit wéi gëschter oder virgëschter dann offiziell e Bréif kritt, dass mer kee Subsid méi kréie vum Kulturministère fir d'Bluesschoul.

Dat explizéiert dann elo, wat kënnt. Dat heescht déi Tariffer, déi mer da géife stëmmen. Frais d'inscription par session: 105 Euro mat 50 % Reduktioun bis 18 Joer, bis 26 Joer an da Senioren ab 60 Joer.

Dir wësst och, dass mir déi Leit bezuelen als Gemeng. Dat fält jo dann alles an de Gemengebudget. Den Ecart wär einfach ze grouss, en plus elo och mat den Indextranchen an esou. Dat heescht mir hunn den Tarif ugepasst an deem Sënn.

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir d'éischt wëll ech emol soen, dass ech dat wierklech net ka richteg matdroen, dass de Ministère eis do kee Subsid gëtt. Ech mengen, de Ministère bezilt, wat d'Jugend ubelaangt, praktesch déi ganz, …

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Muller, just, dass mer kloer sinn: Also mir kréie vum Kulturministère kee Subsid méi fir d'Bluesschoul. D'Bluesschoul ënnerläit an deem Sënn, wéi ech et verstinn, net dem Educatiounsministère, well et jo Adultë sinn an deem Sënn. Just, dass et kloer ass, vu wat mer schwätzen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech verstinn dat op eng Manéier, well eng Blues-Formatioun schéngt mir eng ganz wichteg ze sinn. Et gesäit ee jo, wéi vill Interêt do ass. Ech weess net, ob dat an deem Mooss op anere Plaze geschitt. Op jidde Fall zu Déifferdeng ass do ganz groussen Interêt.

Awer, wann ech den Niveau par rapport zu den Erwuessene kucken – eng Sessioun, ass dat e Semester oder ass dat méi laang? Kënne mer eng Informatioun nach dozou kréien?

Op jidde Fall ass dat jo eng gewëssen Zäit, wou esou eng Sessioun leeft. Ee Semester.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Et ass Semester, jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Voilà, ech hu mer dat och geduecht, dass dat e Semester wär. Fir een Erwuessen, dee wëllt Blues maachen, fanne mer dat appropriéiert. Wéi Der och gesot hutt, hu mer jo och dann dat Personal ze bezuelen. Déi Leit, déi Professeren oder an deem Milieu nennt een dat anescht, déi Leit déi sech ëm de Blues bekëmmeren an och d'Formatioun ginn.

50 %, mengen ech, dat ass jo fir déi aner Kategorien, souguer fir d'Senioren, fanne mer wierklech ubruecht. An da géife mer och deen doten Tarif matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Muller. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de modifier le chapitre C-4 portant sur la Blues Schoul dans le Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Villmools merci. Här Altmeisch, mir si bei de Règlements temporaires de circulation. An ech géif d'Wuert dofir dem Här Paulo De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Da komme mer, wéi üblech um Enn vun eiser Sëtzung, zu den temporäre

*Cependant, le ministère de la Culture a informé la commune qu'elle ne recevra plus de subventions pour la Blues Schoul. En conséquence, la commune ajuste les tarifs d'inscription pour couvrir les couts.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son mécontentement quant à la décision du ministère de ne plus subventionner la Blues Schoul. Il souligne l'importance de l'école de blues de Differdange pour la communauté et exprime son souhait que le ministère continue à soutenir financièrement cette formation musicale.*
*Erny Muller exprime son soutien aux tarifs d'inscription ajustés pour couvrir les couts. Il indique également que la réduction de 50 % pour les jeunes de moins de 26 ans et les séniors de plus de 60 ans est justifiée.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *aborde ensuite le point des règlements temporaires de circulation et passe la parole à monsieur De Sousa pour en parler plus en détail.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *présente les règlements temporaires de circulation qui sont continuellement mis à jour sur la plateforme Diffcloud.*

*Ces règlements couvrent divers sujets, tels que des travaux, des rénovations, des obstacles temporaires, des bennes, des barrières, des toilettes, etc. Il mentionne que les travaux ont repris après la période de congé collectif.*
*Il fait également référence à plusieurs règlements temporaires qui seront intégrés dans le règlement de circulation, notamment des places de stationnement pour personnes à mobilité réduite (PMR), des espaces de livraison dans la rue du Chemin-de-Fer et dans l'avenue de la Liberté. Paulo De Sousa explique que certaines modifications du règlement de circulation seront présentées ultérieurement, afin de ne pas se répéter. Il prévoit de présenter toutes les modifications en une seule fois lors de la prochaine réunion du conseil municipal.*
*Il mentionne également que les travaux de préservation de la rue des Écoles n'ont pas encore eu lieu, malgré les annonces précédentes, et que cela pourrait entrainer des perturbations de la circulation.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *soulève plusieurs points, notamment le règlement de circulation 1684 qui a été prolongé trois fois et qui concerne l'interdiction de stationnement et la circulation en sens inverse jusqu'au 25 mai. Il explique que cette rue est essentielle pour sortir du terrain de l'AS, mais que les travaux sur cette rue ont entrainé une réduction du nombre de places de parking, des nuisances sonores dues aux chantiers, et une augmentation du trafic dans les rues environnantes.*
*Il mentionne également que la rue Émile-Mark a été fermée ces derniers jours à cause d'un déménagement ou pour de travaux à une façade d'une des maisons. Il critique le manque de signalisation claire pour la déviation, ce qui a conduit à une confusion parmi les conducteurs. Il souligne le besoin d'une signalisation plus claire, notamment lors de déviations spontanées.*
*Enfin, il mentionne une intervention réussie concernant le chantier sur la rue Kennedy, où le promoteur a amélioré la signalisation pour les piétons. Il déplore cepen-*

Reglementer, déi kontinuéierlech op d'Diffcloud gesat ginn.
Wéi ëmmer fanne mer an de Reglementer eng ganz Rei Saachen. Dat geet vun Aarbechten, Renovatiounsaarbechten, Steeën, Bennen, Toiletten, wéi üblech.

Et gesäit een un deene Reglementer, datt d'Aarbecht erëm nom Congé collectif ugefaangen huet. Dat heescht, mir hu ganz vill Reglementer, ënner anerem, Verlängerunge vu Reglementer déi et scho virdru gouf. Sief dat hei um Bock, beim AS-Terrain, fir nëmmen déi zwee ze ernimmen.

Et sinn och eng ganz Rei Partie temporär Reglementer, déi deemnächst an eist Verkéiersreglement kommen, wéi zum Beispill déi zéng PMR-Parkplazen, Liwwerplazen an der Rue du Chemin de Fer an an der Avenue de la Liberté.

Mir haten eigentlech wëlles, d'Modifikatioune vum Verkéiersreglement haut hei ze presentéieren, mee mir hunn nach deen een oder deen anere Punkt, dee mer vläicht definitiv ännere wëllen a wou mer nach net esou wäit sinn, fir et hei ze presentéieren. A fir dat net zweemol ze maachen, dat heescht haut schonn Ännerunge virzestellen an am nächste Gemengerot erëm eng Kéier eppes vum Verkéiersreglement virzestellen, maache mer alles an enger Kéier.

Soss sinn et déi üblech Saachen, déi ëmmer erëmkommen.

Ech wéilt nach eppes soen. Am leschte Gemengerot hat ech jo gesot gehat, datt an der Rue des Écoles géif d'Strooss gespaart ginn. Dat sollt jo virum Congé collectif stattfannen. Leider huet dat nach net stattfonnt, mir hate geduecht, et wier schonn hanner eis. Dat heescht, déi Verkéiersbehënnerung kënnt nach op eis duer. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hat scho geduecht, Dir hätt eis belunn mat der Annonce vun där schwéierer Deviatioun. Mee da kënnt dat jo nach op eis duer.

E puer Saache si mer opgefall. Als Éischt d'Verkéiersreglement 1684, dat ass eent mat engem ganz laange Baart, dat ass nämlech nach vun 2022. Dat ass elo déi drëtt Verlängerung, déi mer hei votéieren, fir Parkverbuet a Circulation à double sens. An déi geet da bis de 25. Mee. Dat ass déi Strooss, déi erofféiert, fir beim AS-Terrain erauszekommen. D'Awunner hunn zirka säit véier Joer e Chantier hanner hiren Haiser, zwee Joer fir de Bau vum Jugendhaus, elo zwee Joer fir de Bau vun deem ominéise Park. Also véier Joer Reduktioun vun de Parkplazen, Radau um Chantier a Bulli op den Zoufaartsstroossen. Et gëtt wierklech Zäit, dass dee Chantier hei op en Enn kënnt.

Net méi spéit wéi gëschter war ech dohinner kucken, et ass awer elo mol erëm Liewen agekéiert an et si méi wéi zwee Aarbechter do amgaangen, Gas ze ginn. Dat freet mech ëmmer erëm.

Eng aner Saach ass mer opgefall: Gëschter a virgëschter war d'Emile-Mark-Strooss gespaart op der Kräizung Entrée en ville Richtung CID, well do Plënneraarbechte respektiv Aarbechten un enger Fassad gemaach gi sinn un engem vun deenen Haiser. Ech fannen awer keen Dréngleckkeetsreglement.

Déi Deviatioun, déi Vollspärung vun der rietser Fuerbunn Richtung CID, dat war relativ geféierlech, well et war net professionell opgeriicht. Do ware verschidde Leit, déi dat – berechtegterweis – net richteg interpretéiert hunn an dunn an d'Deviatioun eragefuer sinn. Dat war net ongeféierlech, well déi Fuerspuer war ganz zougesat mat Grueën, och deelweis Camione vun der Gemeng.

Et misst besser beschëldert ginn. Respektiv, wann esou spontan Aktioune gestart ginn, misst een Agent municipal dohinner kommen, fir de Leit awer ganz kloerzemaachen, dass do zou ass. Well dat war net ongeféierlech.

Ech hunn awer och e Luef, no menge Reklamatioun, iwwert de Chantier an der Kennedy-Strooss. Do huet de Pro-

moteur eis bewisen, dass et och geet mat engem séchere Wee, fir laanscht de Chantier ze kommen, fir eis Foussgänger. Dat ass elo tipptopp amenagéiert. Schued just, dass een ëmmer muss reklaméieren an intervenéieren, ier se dann agesinn, wéi einfach a wéi flott a wéi praktesch a wéi sécher et ass, et an der Realitéit ze maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch, och fir déi léif Wierder. Den Här Paulo De Sousa freet d'Wuert.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Et gëtt ee Reglement, awer et ass festgeluecht, wat fir Reglementer an de Gemengerot kommen. E Reglement, wat vun der Dauer méi kleng ass wéi dräi Deeg, kënnt net an de Gemengerot. Och déi Reglementer, déi iwwert de Gemengerot ewechginn, déi kommen dann eran.

Dir hat de 1684 ernimmt, dat ass d'Nummer vum Reglement vum Joer 2022, soss hätte mer op d'mannst 1684 Reglementer am Gemengerot. Dat wären der vill. Do gëtt et eebe Konditioune vu Reglementer, déi mussen an de Gemengerot kommen.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärung. Dat ass mer bewosst. Et wier awer net schlecht, wann esou spontan Deviatiounen, déi dann och reglementéiert sinn, wéi Der mer jo sot, wann esou eppes d'nächste Kéier gestëmmt gëtt, dass do awer méi op d'Sécherheet opgepasst gëtt an op d'Fuerverhale vun de Leit an esou virun.

Mir wëssen, wann eppes spontan opgeriicht gëtt op enger Kräizung wéi där do, dat ass net evident, weeder fir d'Leit nach fir déi Leit, déi do schaffen. Well Dir kënnt Iech jo virstellen, wann der do zwee, dräi mam Auto erafueren an déi Deviatioun, wou ganz gespaart ass an déi sti vis-à-vis vum Camion mat der Grue, dass et net flott ass fir deen, deen uewen am Kierfche sëtzt, an och net flott fir deen, deen ënnen am Auto sëtzt.

Also do wier et net schlecht, wa bei esou grousse Saachen dann en Agent municipal dobäi wier. Zemools, wou mer elo eng Erweiderung u Kompetenzen hunn, fir dat awer méi ofzeséchere n. An och vis-à-vis vun de Foussgänger, fir déi e bëssen zréckzehalen, déi dann do méi sécher ze guidéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gär geschitt, Här Altmeisch. Mee si hunn d'Formatioun nach net all. Also déi Erweiderung déi kënnt eréischt. Dat ass eppes, wat allmählech, no an no entsteet. Just fir dat nach eng Kéier kloerzestellen. Also eis Agente funktionéieren nach net am neie System, well se d'Formatiounen nach musse maachen. An déi, déi kommen, dat ass dat, wat ech virdru gesot hunn, déi déi elo géifen nei agestallt ginn an eng Formatioun hunn, déi hätten d'Kompetenz schonn. Just fir Iech dat ze soen. Net dass d'Leit elo mengen, si kéinte schonn alles. Also mir maachen dat dee Moment, wou si wierklech prett sinn, wou si kënne goen.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Villmools merci. Kommissiounen. Do hunn ech näischt kritt. Da géif ech zu der Fro komme vum Här Weirich, well da wiere mer um Enn vun der ëffentlecher Sitzung ukomm. Ech soen Iech villmools Merci.

Här Weirich, da wier et un Iech, Är Froen ze stellen, ier mer dann an d'Séance non-publique ginn.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ech soen och Merci fir d'Wuert. Ech hale mech kuerz. Den 28. Oktober d'lescht Joer hat eng besuergte Bierge-

*dant le fait qu'il ait fallu intervenir avant que des mesures adéquates ne soient mises en place.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il existe des conditions pour qu'un règlement soit présenté au conseil communal. Les règlements de durée inférieure à trois jours ne peuvent pas être présentés au conseil communal.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *exprime son accord avec ces conditions, mais soulève la question des déviations spontanées qui peuvent survenir sans préavis et qui nécessitent également une règlementation appropriée pour assurer la sécurité de tous. Il suggère que lors de la prochaine adoption de tels règlements, des mesures de sécurité plus strictes et une attention particulière aux besoins des piétons et des travailleurs soient prises en compte.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique que les agents municipaux n'ont pas encore suivi toutes les formations nécessaires pour fonctionner dans le nouveau système, mais que cela se mettra en place progressivement. Elle clarifie que le processus d'adaptation est en cours et que les agents seront formés lorsque cela sera possible.*
*(Vote)*
*Avant de terminer la séance, Christiane Brassel-Rausch donne la parole à monsieur Weirich*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *soulève la question d'une lettre concernant les préoccupations d'une citoyenne concernant la mobilité à Differdange, notamment au centre-ville.*

*Une réponse avait été promise, mais n'a pas encore été fournie, et demande quand la citoyenne pourrait s'attendre à recevoir une réponse.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond en indiquant que la lettre est en route et que la bourgmestre aussi a le droit de prendre des congés.*
*La séance est ensuite conclue, avec la prochaine séance prévue pour le 1er mars.*

rin eis e Mail geschéckt, un all Member aus dem Gemengerot, wou se verschidde Suerge matgedeelt huet betreffend d'Mobilitéit hei zu Déifferdeng, zemools am Zentrum. Also Mobilitéit, Loftqualitéit, Kaméidi, wou se och op en Accident agaangen ass, wou een ugefuer gouf vun engem Auto, wat se materlieft huet. An och hir Suerge matgedeelt huet, dass de Schoulwee vun hirer Duechter ze onsécher wär, dass et och net méiglech wär mam Vëlo, well et do ze enk wär.

Ech mengen, ech hat dat schonn eng Kéier hei am Gemengerot ugeschwat, wéi et do mat enger Äntwert ass. Et gouf versprach, dass se eng Äntwert géif kréien. Dat ass awer elo dräi Méint hier, an déi Biergerin huet nach ëmmer keng Äntwert kritt. Dowéinst wollt ech dat nach eng Kéier rappelléieren hei.

Ech fannen dat schued, dass d'Leit, wa se eis schonn uschreiwen an eis Propositioune maachen, souwuel sech ubidde fir matzeschaffen u verschiddenen Theemen, dann esou laang mussen op eng Äntwert waarden. Dowéinst wollt ech froen, wéini d'Madamm dann eng Äntwert kritt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich, fir d'Fro. Ech kann Iech direkt äntweren: De Bréif ass ënnerwee. An och eng Buergermeeschtesch huet Recht op Congé. En ass ënnerwee, en ass ënnerschriwwen an ech hat mer erlaabt, no de Feierdeeg an de Congé ze goen.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Très bien! Merci

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Domadder géif ech d'Seance ofschléissen, Iech Merci soen. Eis nächst Seance ass den 1. Mäerz. Da gesi mer eis hei erëm. Dat ass elo e bësse laang, mee d'Terminer sinn esou wéinst de Walen an awer och wéinst de Vakanzen. Merci an e schéinen Dag.


MADE IN
LUXEMBOURG
MUSIC
EVENT
29.06.2024 VUN 17H - 01H
MAARTPLAZ - DÉIFFERDENG